



hie selwer opgeworf huet, déi sécherheetstechnesch Problemer fir déi betrafte Leit, déi e selwer opgeworf huet am Kontext mam Ofliessen duerch egal wie vun esou Carte-d'identitéen, dass do misst d'Garantie sinn, dass dat net méiglech wier.

Elo soll déi Carte d'identité den 1. Juli kommen. Ech hunn elo nach eng Recherche virdru gemaach, ob dee Règlement grand-ducal, deen dat sollt regelen, da schonn do wier. Ech hunn en net fonnt, ech hu mer och elo soe gelooss, dass en och nach net do ass, mä dass en an deenen nächsten Deeg soll an de Mémorial kommen. An ech wier nawell frou, wann d'Regierung eis hei kéint soen, wat dann elo anescht ass par rapport zu deene Befierchtungen, déi eenzel Membere vun der Regierung deemools an der Chamber heizou geäussert hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Urbany. Domat wär eis Diskussioun ofgeschloss an d'Wuert huet den Innenminister, den Här Dan Kersch.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.**- Merci, Här President. Ech wéilt fir d'Éischt emol der Kommissioun Merci soe fir déi exzellent Aarbecht, déi mer hei konnte leeschten. Ech mengen, et war eng grouss Eestëmmegkeet, an dat huet een och aus de meeschte Bättrëg vun de Kollege vun de Fraktiounen héieren, fir dëst Gesetz zesummen ze stëmmen.

Ech géif soen, et ass e klenge Gesetz, mä et ass e Gesetz, wat de Gemenge ganz grouss Erleichterung wäert verschafen, well jo awer eng gewëssen Onrou am Gemengesecteur ze verspiere war, wann dat Gesetz elo, esou wéi et geplangt war, op den 1. Juli 2014, wat de Registre communal des personnes physiques ugeet, hätt misse emgesat ginn.

Mir hunn elo ronn annerhalleft Joer Zäit, fir déi vill Problemer, déi, mengen ech, och vun deenen eenzele Riedner ugeschwat gi sinn, elo nach eng Kéier op de Leescht ze huelen a se da vläicht am Gescht vun dem Avis vum Syvicol vum 10. Februar 2012 nach eng Kéier ze belichten an da Léisungen ze sichen, déi och am Intérêt vun de Gemenge sinn, awer selbstverständlech och vun deene Leit, déi an deem Regéier gefouert ginn. Ech mengen, et ass elo virdru schonn am Detail ugeschwat ginn, mat wéi enge Problemer dass mir géife konfrontéiert ginn, wa mir hei net reagéiert hätten.

Ech wéilt nach vläicht op zwou Saachen agoen, eng, déi den Här Kartheiser elo hei ugeschwat huet. Eben doduerch, dass mer elo d'Méiglechkeet schafen, dass d'Lëtzebuurger, déi am Ausland liewen, och kënnen eng Carte d'identité kréien, déi da vun der Regierung, vum zustännegen Innenminister ausgestallt gëtt, kréie mer emol iwwerhaupt d'Donnéeë vun all deene Lëtzebuurger, déi am Ausland liewen, wou soss keng Obligatioun war, fir sech iergendwou ze mellen. Dat ass dat eent.

Dat anert ass dat, dass mer deene Leit mat deem Gesetz hei elo nach eng Vereinfachung maachen, esou wéi dat och virdru schonn erkläert ginn ass, dass si net musse wierklech an eng Haaptstad rennen, fir da kënnen eng Carte d'identité unzefroen, mä dass se dat och kënnen hei zu Lëtzebuerg maache beim CTIE. Ech mengen, dass dat eng Simplification administrative fir déi Betreffen ass, déi wierklech scho sech ka weise loosse.

D'Demande vun Här Urbany. Ech mengen, Här Urbany, dat, wat Dir elo hei ugeschwat hutt, ass eng Diskussioun, déi effektiv schonn d'leschte Kéiers hei gefouert ginn ass. Si ass esou e bëssen um Thema verbäi, an deem Sënn, dass dat Gesetz sech hei mat där doter Problematik iwwerhaupt net méi befaasst.

Ech ginn lech awer ganz gären eng Äntwert op dat, wat Der sot: Den Chip, dee kann op jidde Fall net op Distanz ofgelies ginn. Ech mengen, dat ass ganz kloer. Déi Leit, déi eng Carte d'identité hu mat deem elektronischen Chip, déi mussen hiert Averständnis ginn, fir dass den Chip iwwerhaupt ofgelies ka ginn.

Wat ass op deem Chip drop? Och dat ass kee Geheimnis. Et ass engersäits d'Foto drop, an zwar ouni déi biometresch Daten, déi ginn no zwee Méint geläscht aus der Datebank. Da kennt och nach derbäi, dass selbstverständlech och d'Adress vun deem Jeeweilegen drop ass, wat an deem Sënn en neie Moment ass. Dat heescht, dass also Leit, déi och ënnerhalb vun enger Gemeng plënnere, an Zukunft mussen eng nei Carte d'identité ufroen. Ech mengen, dat bréngt op där enger Säit awer och Kloeerheet mat sech, souwuel fir de Bierger wéi och op deene Plazen, wou ee sech muss ausweisen.

Ech wéilt just nach vläicht ofschléissend der Kommissioun nach eng Kéier Merci soe fir déi exzellent Zesummenaarbecht. Dat heiten ass

iwwert de Ministère gelaf, zesumme mat der Kommissioun, mä ech mengen, déi, déi am dankbarste si fir dat, wat mer haut de Mëtten hei maachen, dat sinn d'Gemengen an d'Bierger dobaussen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Innenminister. Mir géifen da kënnen zum Vote iwwert d'Gesetz iwwergoen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6687 et dispense du second vote constitutionnel

Ech lancéieren de Vote. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

### (Interruptions)

Jo, mir hunn awer 60 Stëmmen.

► **Une voix.**- Et huet een zweemol gedréckt!

### (Hilarité)

► **M. le Président.**- Et huet vläicht ee fir lech mat gedréckt. Da kucke mer emol no. De Projet 6687 ass unanime ugeholl, also ziele mer lech mat.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Et bleibt nach just d'Fro ze stellen, ob Dir domat d'accord sidd, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn.

### (Assentiment)

Dat schéngt de Fall ze sinn. Dann ass dat esou decidéiert. Villmools Merci.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6172A, wou et ënner anerem drëm geet, fir d'Gesetzgebung iwwert d'Bestietnis ofzeänneren. D'Riedezeit ass nom Modell 3 festgelegt, a bis elo sinn ageschriwwen: déi Damme Loschetter a Beissel an déi Häre Gloden, Bodry, Reding an Angel. Et ass also nach Zäit, fir lech anzeschreiwene. Den Här Kartheiser nach.

An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 6172A - Projet de loi portant

**a) réforme du Titre II.- du Livre I<sup>er</sup> du Code civil «Des actes de l'état civil» et modifiant les articles 34, 47, 57, 63, 70, 71, 73, 75, 76, 79, 79-1 et 95;**

**b) réforme du Titre V.- du Livre I<sup>er</sup> du Code civil «Du mariage», rétablissant l'article 143, modifiant les articles 144, 145, 147, 148, 161 à 164, 165 à 171, 173 à 175, 176, 177, 179, 180 à 192, 194 à 199, 201, 202, 203 à 206, 212 à 224, 226, 227, introduisant les articles 146-1, 146-2, 175-1, 175-2 nouveaux et abrogeant les articles 149 à 154, 158 à 160bis, 178, le Chapitre VIII et l'article 228;**

**c) modification des articles 295, 351, 379, 380, 383, 390, 412, 496 alinéa 1<sup>er</sup>, 509-1 alinéa 2, 730, 737, 791, 847 à 849, 852 alinéa 3, 980 alinéa 2, 1405, 1409 et 1676 alinéa 2 et abrogation des articles 296, 297 et 1595 du Code civil;**

**d) modification de l'article 66 du Code de commerce;**

**e) modification des articles 265 alinéa 1<sup>er</sup>, 278 et 521 du Nouveau Code de procédure civile;**

**f) introduction d'un Titre VI.bis nouveau dans la Deuxième Partie du Nouveau Code de procédure civile;**

**g) introduction d'un Chapitre VII.-I nouveau au Titre VII du Livre I<sup>er</sup> du Code pénal;**

**h) abrogation de la loi du 23 avril 1827 concernant la dispense des prohibitions du mariage prévues par les articles 162 à 164 du Code civil; et**

**i) abrogation de la loi du 19 décembre 1972 portant introduction d'un examen médical avant mariage**

### Rapport de la Commission juridique

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV) rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Gesellschaft, an där mir liewen, stellt d'Bestietnis nach ëmmer eng grouss Bedeutung duer. Déi Bedeitung fanne mir erëm an deene verschiddenste Sparte vun eiser Gesetzgebung: am Zivilrecht, am Sozialrecht, am Aarbechtsrecht, an der Steiergesetzgebung. Iwwerall fanne mer do en Hiwäis op d'Bestietnis.

Et ass dofir net verwonnerlech, dass och déi Reform vum Bestietnis, wéi mir se elo hei virleien hunn, direkt Konsequenzen op déi verschiddenst Beräicher vun eiser Gesetzgebung huet, a virun allem op eis Zivil- a Sozialgesetzgebung.

D'Commission juridique war sech och där Komplexitéit vun der Matière bewosst. Si wousst, dass, wann d'Bestietnis géif geännert ginn, dat besonnesch och am Zivilrecht wesentlech Konsequenze kéint mat sech brénge fir aner Kapitele vum Code civil.

Dofir huet och d'Commission juridique ganz um Ufank vun hiren Aarbechten eng dräifach Décisioun geholl. Déi éischt war déi, dass aus deene véier Gesetzesprojeten, déi d'Regierung am Zesummenhang mat dem Bestietnis an der Chamber deponéiert hat, vun deenen der zwee scho vum Conseil d'État aviséiert waren, dass d'Kommissioun decidéiert huet, fir aus deene véier Texter een Text ze maachen, dee kohärent wär, deen déi ganz Matière géif ëmfaassen. An dofir ass och aus deene véier Texter en neit Dokument entstanen, d'Chambersdokument 6172, wat iwwerengs haut als Dokument der Chamber zum Vote virläit.

Déi véier Projete vun der Regierung, déi d'Bestietnis betreffen, sinn tëschent dem 29. August 2008 an dem 21. September 2010 an der Chamber deponéiert ginn. Si droen d'Nummere 5908, 5914, 6039 a 6172. Déi véier Projeten, déi zum Deel aus verschiddene Ministère komm sinn, hu verschidden a wichteg Deelaspekter vun dem Bestietnis reforméiert.

Duerch déi Deelreformen ass et awer dozou komm, dass déi verschidde Projete sech zum Deel iwwerschnidden hunn an, wéi de Conseil d'État gesot huet, sech och zum Deel widdersprach hunn. Dofir huet och de Conseil d'État a sengem Avis derfir plädéiert, fir déi Texter ze iwwerschaffen an aus deem Ganzen een neien, zesummenhängenden Text ze maachen. D'Kommissioun ass an där Fro dem Wonsch, wann ech esou ka soen, vum Conseil d'État nokomm.

Eng zweet Entscheedung, dat war, dass d'Kommissioun decidéiert huet, fir sech ze orientéieren no der belscher Gesetzgebung. Déi Texter, déi virloochen, hunn zum Deel Dispositiounen, Bestëmmungen aus franséischen Texter iwwerholl an doduerch ass d'Kohärenz vun deenen Texter net méi grouss ginn. De belschen Text, dee méi kloer war a fir deen och iwwerengs de Conseil d'État plädéiert huet, fir sech do ze orientéieren, huet a ville Froe vun der Reform vum Bestietnis méi Kloeerheet bruecht wéi franséisch Texter.

Eng drëtt Décisioun, déi d'Commission juridique geholl huet am Zesummenhang mat der Reform vum Bestietnis, war déi, fir déi Reform net zesummen ze maache mat aneren Ofännerunge vu Kapitelen aus dem Code civil, nottamment mat enger Reform vum Adoptionsrecht, vun der Filiatioun, vun der Autorité parentale oder vum Scheedungsrecht. Domat ass natierlech och deen Deel aus dem Regierungsprojekt N°6172, deen d'Adoptioun betraff huet, aus dem Gesetzprojekt iwwert d'Bestietnis erausgeholl ginn, en ass ofgetrennt ginn. En huet och eng aner Nummer kritt: 6172B. D'Commission juridique huet awer ausdrécklech betount, dass se gären hätt, dass de

Conseil d'État d'Analys vun deem Projet géif weiderféieren an och en Avis iwwert dee Projet géif virbréngen, wat awer bis haut nach net geschitt ass.

D'Entscheedung, fir mat der Reform vum Bestietnis keng aner zivilrechtlech Reform ze verbannen, huet natierlech dozou bäigedroen, dass d'Aarbechte méi einfach gi sinn. Ouni awer ganz einfach ze sinn, dat wäerte mer och nach gesinn. Mä et huet mat sech bruecht, dass mer méi rapid konnten un där Reform schaffen an dass et méiglech war, déi Aarbechten an der Zäit vum Januar bis Abrëll 2012 ofzeschléissen, esou dass schonn de Projet, esou wéi d'Commission juridique e festgehalen huet, de 16. Mee 2012 un de Statsrot konnt weidergoen.

A sengem Avis vum 27. November 2012 huet de Statsrot am Allgemenge sech mat deenen Texter, wéi d'Commission juridique se proposéiert hat, d'accord erkläert. Hien huet awer eng Rei wesentlech Froe gestallt, op déi ech net alleguer wëll agoen.

Ech wëll just eng vun deene Froen erausgräfen, an dat ass déi, dass de Conseil d'État gemengt huet, ier een déi Reform iwwert d'Bestietnis géif ofschléissen, sollt ee sech awer ausschwätzen iwwert d'Konsequenz, esou wéi d'Commission juridique d'Bestietnis virgestallt huet, iwwert d'Konsequenz dovun op d'Volladoptioun. En huet ausdrécklech déi Fro gestallt, well e gesot huet: Doduerch dass Der d'Adoptioun, esou wéi d'Regierung se presentéiert hat am Projet de loi, ausgeklammert hutt, ass also an Zukunft eng Volladoptioun méiglech och fir gläichgeschlechtlech Partner.

Déi Fro, déi eigentlech net behandelt war, hätt de Conseil d'État gär gekläert gehat. D'Kommissioun huet net gezéckt a si huet am Sënn vum Regierungsprojekt en Amendement gemaach zum Artikel 367 vum Code civil, wou d'Kommissioun ausdrécklech dat, wat d'Regierung proposéiert hat, iwwerholl huet a gesot huet, dass se der Meinung wär, a si huet dat an deem Artikel festgehalen, dass also gläichgeschlechtlech Koppele vun der Volladoptioun ausgeschloss wäeren.

Deen Amendement ass un de Conseil d'État gaangen. An de Conseil d'État huet a sengem Avis vum 4. Juni 2013 zu deem Amendement kloer an engem ausféierlechen Avis Stellung bezunn, a säin Avis ass geëndegt oder huet concluéiert mat enger Opposition formelle. Deen Amendement géif, esou huet de Conseil d'État och argumentéiert, géint de Gläichheitsprinzip vum Artikel 10bis vun der Verfassung a géint den Artikel 14 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun verstoussen.

D'Commission juridique huet sech doropshin am Juni 2012 (veuillez lire: Juni 2013) laang mat där Matière nach eng Kéier beschäftigt a si ass an hirer Sitzung vum 26. Juni zur Konkusioun komm, dass deen Amendement, dee se proposéiert hat zum Artikel 367 Code civil, net kéint oprechterhale ginn, well d'Chamber hätt sech et net kënne leeschten, en Text ze stëmmen, deen duerno bei der Cour constitutionnelle als contraire zu der Verfassung an och contraire zu Mënscherechtskonventiounen considéiert gi wär.

Mir hunn also deen Artikel an deen Amendement fale gelooss. Dat huet natierlech bedeit, dass domat de Mariage, d'Bestietnis, all Koppele vum Bestietnis an och déi gläichgeschlechtlech Koppelen net méi vun enger Volladoptioun ausgeschloss wäeren, dass et also fir all Koppelen, fir all bestuete Koppelen d'Méiglechkeet vun enger Volladoptioun géif ginn. Juristesche gesi war keng aner Léisung an där Hisiicht méiglech!

Den Detail vun deenen Avisen, op déi ech hei net kann agoen, besonnesch och déi Avisen vum Conseil d'État, kënn Der a mengem schrëftleche Rapport noliessen. Dir fannt och d'Avisen vun allen aneren Instanzen, wou et mer leed deet, dass ech natierlech net kann, wéinst der Kloeerheet och vun der Iwwersiicht, op all déi Detailler do agoen. Ech wëll mech nämlech hei, fir Kloeerheet ze schafen, op dat Wesentlech beschränken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Sënn vu méi Kloeerheet wäert ech och versichen, de Gesetzesprojekt 6172 esou ze analyséieren, dass ee gesäit, wou déi wichteg Elementer vun deem Projet sinn. Ech wëll net an d'Detailler goen, mä ech wëll déi wichteg Elementer ervirhiewen. Ech hunn dofir och versicht, op eng einfach Aart a Weis déi wesentlech Zich vun der Reform duerzeleeën, déi een eigentlech an zwee groussen Ziler ka festhalen.





En éischte Volet, an net en onwesentlechen, dat sinn all Moosssnamen, déi an Zukunft solle sougenannt Schäinbestietnisser oder forcéiert Bestietnisser verhënnere. Ënnert deem zweeten Deel, déi zweet Zilrichtung vum Projet kann een eigentlech all déi Moosssnamen aklasséieren, déi am Bestietnis eng besser Gläichbehandlung vun de Partner, och am Hibleck op den Accès zum Bestietnis selwer, oder eng Gläichstellung vun de Partner wëllen erreechen, oder awer all déi Mesuren, déi versichen, diskriminatoresch Bestëmmungen ofzeschaffen.

Ech wëll dann elo déi zwee Dealer e bësse méi ausféierlech behandelen an zum Schluss déi eng oder aner Moosssnam nach ervirhiewen, déi ech eigentlech weder an déi eng nach an déi aner Zilrichtung kann aklasséieren.

Fir d'Éischt emol d'Moosssname géint d'Schäinbestietnisser oder och géint forcéiert Bestietnisser. Déi Moosssnamen, déi ganz wäit ginn, gesi vir, dass eenzel Mesurë kënnen geholl gi vum Bestietnis. Et sinn och Bedingungen am Zesummenhang mam Bestietnis selwer, an et sinn aner Moosssnamen, déi nom Ofschloss vum Bestietnis geholl ginn, notament am Zesummenhang mat der Annulatioun vum Bestietnis.

Fir d'Éischt emol d'Moosssname vum Bestietnis. Déi Bestëmmunge betreffen haaptsächlech d'Kapitel iwwert den État civil, notament den Artikel 70, wou virgesinn ass, dass een, wann ee sech wëllt bestueden, rezent Pabeiere bäibrénge muss, rezent Pièce bäibrénge muss, ënner anere eng integral Kopie vum Gebuertschäin, déi net méi wéi sechs Méint däerf al sinn. Dat ass eng Neierung.

Zweet wichteg Neierung: Contrairement zu de jëtzege Bestëmmungen, déi de Lëtzebuerger Autoritéiten net erlaben, auslännesch Akte vum État civil ze contestéieren, gesäit elo den Text vir, dass d'Lëtzebuerger Autoritéiten, déi Zweifel un der Richtigkeet vun auslänneschen Akten hunn, de Procureur kënnen domat saiséieren, deem dann déi néideg Enquête mécht, dee sech och der Transkriptioun vun deenen Akten am Lëtzebuerger État civil bei där respektiver Gemeng kann opposéieren.

Selbstverständlech ass dat eng déif gräifend Décisioun, déi de Procureur kann huelen, an do ass och, wéi dat an engem Rechtsstat üblech ass, e Recours virgesinn. Ech wëll do keng Detailer ginn. Déi Recourse géint esou eng Oppositioun vum Procureur d'État ginn nei geregelt an den Artikelen 1007-1 bis 1007-3 vum neie Code de procédure civile.

Zweet Mesure: Wann de Buergermeeschter, deem d'Bestietnis soll virhuelen, der Meenung ass, dass eventuell d'Bedingungen, dass d'Bestietnis och fräi zustane kënn, net erfüllt wäeren, wann en Zweifel huet och iwwert d'Richtigkeet vu Piëcen an esou virun, da kann de Buergermeeschter de Procureur d'État domat saiséieren, e kann en informéieren.

An de Procureur d'État kann dann entscheiden. Wann e mengt, dass déi Bedenke vum Buergermeeschter richtig wäeren, dass eppes do derhantwärt wär, kann de Procureur d'État sech deem Bestietnis opposéieren. Hie kann et aussetzen, hie kann awer och soen, dass en der Meenung ass, dass et net däerf stattfannen. E muss dat natierlech och dee Moment motivéieren.

Déi nei Artikelen 175-1 an 175-2 regelen d'Pouvoir vum Procureur d'État, déi hei ganz wäit ginn an déi och natierlech déi Recourse virgesinn, vun deenen ech scho virdu geschwat hunn am neie Code de procédure civile.

Déi zweet Kategorie vu Mesurë sinn am Zesummenhang mam Bestietnis selwer. D'Bestietnis, dat menge mir haut, misst op der Gemeng stattfannen. A mir mengen och, et kann ee sech net par procuratioun bestueden. Dat ass awer am Code civil net esou kloer.

Déi Fro gëtt gekläert doduerch, dass elo virgeschriwwen ass, dass d'Bestietnis muss op der Gemeng an aller Effentlechkeet stattfannen, a Präsenz vun deene Leit, déi sech wëlle bestueden. Ee Bestietnis par procuratioun ass net méiglech.

Wann een natierlech net ka kommen aus valabelen Grënn, kann de Procureur erlaben, dass och d'Bestietnis doheem stattfënnt. An a ganz dréngende Fäll kann de Buergermeeschter sech och déplacéieren op den Domicile, de Wunnsätz vun deene Leit, déi eben net méi kënnen aus dréngende Grënn op d'Gemeng kommen. Mä d'Regel ass awer déi, an déi gëtt och an den Text ageschriwwen, dass

d'Bestietnis op der Gemeng an der Effentlechkeet stattfënnt an net duerch Procuratioun.

Déi perséinlech Präsenz soll och garantéieren, dass déi zwee Leit, déi sech wëlle bestueden, hir Entscheedung an aller Fräiheet huelen. Déi fräi Entscheedung vun deenen zwee Partner gëtt dann och an zwee neien Artikelen, dem 146-1 an dem 146-2, präziséiert. Ech maachen hei drop opmierksam, dass dat zwéin Artikelen sinn, déi mer aus der belscher Gesetzgebung iwwerholl hunn an déi ganz kloer eenzel Fäll viséieren, wou gegebenenfalls dee Consentement net ginn ass.

D'Fransousen hunn dat méi allgemeng beschriwwen. An deene belschen Texter ass do am 146-1 ganz kloer gesot, dass, wa sech aus den Ernstänn vum Bestietnis ergëtt, dass weinstens ee vun de Partner sech net wëllt bestueden, dat heescht, eng dauerhaft Bindung, eng dauerhaft Liewensgemeinschaft mat deem anere Partner agoen, mä dass säin Zil eigentlech war, en aneren Avantage am Zesummenhang notament mam Openthalt zu Lëtzebuerg ze erreechen, dann ass opgrond vun deem Artikel keng Awëlleegung do an da kann och de Mariage annulléiert ginn.

En zweeten Artikel, den 146-2, gesäit vir, dass, wann ee Partner sech bestit, deem dozou forcéiert ginn ass oder deem gedroht ginn ass oder dee Menacé kritt huet, fir sech ze bestueden, och dee Mariage net gültig ass. Och do ass kee Consentement do, a wa kee Consentement do ass, ass de Mariage net gültig. Hei geet den Text esou wäit, dass souguer de Respekt virun den Eltere kann als Drohung oder als Menace considéiert ginn. Dat heescht, déi sougenannt „crainte révérencielle“ gëtt am Artikel 180 considéiert als eng Méiglechkeet, fir de Mariage ze annulléieren, wat bis elo net de Fall war.

Wann een also nowise kann, dass déi fräi Entscheedung no deenen Dispositiounen, déi ech elo kuerz exposéiert hunn, net ginn ass, da kann de Mariage, da kann d'Bestietnis vum Gericht annulléiert ginn.

No deene bestehenden Texter kann déi Nullitéit haaptsächlech gefrot gi vun deene bestuete Leit selwer oder vun anere Familljemembere. No deem neien Text kann och de Procureur d'État déi Annulatioun vun dem Bestietnis froen. E kritt also hei nei Pouvoiren an e kritt se am Intérêt vum Ordre public, well de Procureur och de Verteidiger vum Ordre public soll sinn.

Am Zesummenhang mat de Schäinbestietnisser oder dem forcéiert Bestietnis verweisen ech och op d'Strobëstëmmungen, déi nei agefouert ginn an den Artikelen 387 bis 389 vum Code pénal. Prisongsstrofen a Geldbousse bis zu 20.000 Euro si virgesinn am Fall, wann zum Beispill een e Bestietnis agaangen ass, wou en eigentlech sech net wëllt bestueden, mä en aneren Avantage, notament eng Openthaltsgenehmigung zu Lëtzebuerg, wëllt kréien, zweetens, wann ee Geld kritt huet, fir esou e Mariage ze arrangéieren, oder wann een duerch Gewalt oder Drohung eng aner Persoun zu engem Bestietnis gedrängt huet.

Ech hunn nach bäizefügen, dass déi Bestëmmungen hei iwwert déi sougenannt Schäinbestietnisser oder forcéiert Bestietnisser an anere Länner, notament an der Belsch an och a Frankräich, scho viru Jore geholl si ginn an dass Lëtzebuerg hei eigentlech nëmmen an där doter Matière nozitt an, wéi gesot, sech orientéiert un där belscher Gesetzgebung.

Déi zweet Zilsetzung vun dem neie Gesetz iwwert d'Bestietnis betrëfft, wéi ech dat genannt hunn, eng besser Gläichstellung tëschent Mann a Fra oder eng Gläichstellung vu Persounen ouni Berücksichtigung vun hirem Geschlecht. Ech gesinn an deem Kapitel véier verschidde Moosssnamen: fir d'Éischt emol d'Opmaache vum Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Partner; zweetens, d'nei Festsetzung vum Alter, fir sech kënnen ze bestueden; drëttens, d'Ofschaffung vum Délai de viduité; a véiertens, d'Ofschaffung vum Artikel 1595 vum Code civil.

Déi éischt Neierung, déi een also areie kann an déi Kategorie vun deene Moosssnamen vun enger besserer Gläichstellung tëschent de Persounen am Hibleck op d'Bestietnis, ass d'Opmaache vum Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Partner.

Deen neien Artikel 143 gesäit vir, dass zwou Persounen vu verschiddenem Geschlecht oder gläichem Geschlecht sech bestuede kënnen. U sech hätt een eigentlech kënnen an deem Artikel soen: D'Bestietnis ka stattfannen tëschent zwou Persounen ouni Considéatioun vun hirer geschlechtlecher Beschafeneheet. Dat heescht, eigentlech hätt de Sexe oder däerf de Sexe an där Hisiicht kee Rôle méi spillen.

D'Bedingungen, fir sech ze bestueden, sinn déiselwecht, ganz egal, ob et eng Koppel vu

verschiddenem oder gläichem Geschlecht ass. An d'Konsequenze sinn och déiselwecht. D'Rechter an d'Flichte sinn déiselwecht. Et gëtt do keen Ënnerschied an et kann och keen en Ënnerschied siche goen, weder am zivile Recht nach an anere Sparte vun eiser sozialer oder anescht geuerdeter Gesetzgebung. D'Konsequenze sinn also och déiselwecht bei alle juristesche Méiglechkeeten, déi ee sech ka virstellen, notament am Code civil.

Ech mengen, méi ass doriwwer net ze soen. Well wann ee seet, et gëtt nëmmen ee Mariage, et gëtt nëmmen eng Form, da kann een och net do nach en Ënnerschied tëschent deem engen oder deem anere maachen.

Zweete Punkt, den Alter, fir sech kënnen ze bestueden, gëtt fir Mann a Fra oder fir Fra a Mann op 18 Joer festgesat. Deen Alter ass elo 16 Joer fir d'Fra an 18 Joer fir de Mann. Firwat dat esou war, dorop wëll ech net agoen, mä dat ass eng al Regel, déi datéiert net nëmme vum Napoleon, mä schonn aus dem Mëttelalter, wéi um Ufank versicht ginn ass, iwwerhaupt de Mariage ze regelen. D'Fra hat ëmmer d'Recht, sech méi fréi ze bestuede wéi de Mann.

Allerdéngs, wa mer soen, et muss een 18 Joer hunn, fir sech därferen ze bestueden, wëllt dat net soen, dass ee virun 18 Joer kee Mariage däerf agoen. Et kann ee sech och virun 18 Joer bestueden, allerdéngs mat enger duebler Bedingung: Dee Partner, dee manner wéi 18 Joer huet, brauch, fir sech ze bestueden, eng Dispens vum Juge des tutelles. No der jëtzege Gesetzgebung gëtt déi Dispens accordéiert vum Grand-Duc.

Mir hu gemengt, well mer an engem Rechtsstat sinn, wou och de Refus... Dat ka jo virkommen, déi Dispens ka refuséiert ginn, a well mer an engem Rechtsstat sinn, muss ee kënnen och e Recours maache géint e Refus vun esou enger Dispens. An dofir ass et méi richtig, dass een déi Pouvoiren eng anerer Verwaltung gëtt, an net dem Statschef. Et gëtt awer nach eng aner Ursach, do kommen ech nach drop.

Zweetens muss de Mannerjähregen den Accord hu vu sengen Elteren oder vun engem vun den Elteren, wann nëmmen een Elterendeel do wär. Wann d'Elteren de Mariage refuséieren, huet de Mannerjähregen oder déi Persoun, déi en Intérêt huet, mä och de Mannerjähregen, d'Méiglechkeet, fir e Recours ze maachen, erëm eng Kéier beim selwechte Riichter, dat heescht beim Juge des tutelles. De Juge des tutelles muss also bei alle Mannerjähregen éischtens emol d'Dispens ginn an e muss ënnersichen, ob déi Autorisatioun vun den Elteren do ass, fir sech därferen ze bestueden.

Dat ass eng Simplificatioun, wat d'Gerichtsbarkeit uegt. An och aus där Ursach hu mer gemengt, wär et wichteg, dass d'Dispens déplacéiert géif gi vum Grand-Duc bei de Juge des tutelles. Wann de Juge des tutelles dat refuséiert, kann natierlech e Recours géint déi Décisioun gemaach ginn. D'Konzentratioun vun deenen Décisiounen vun de Bestietnisser vu Mannerjährege beim Juge des tutelles stellt also, wéi ech gesot hunn, eng Vereinfachung duer a gëtt och dem Mannerjährege fir seng Défense eng ganz grouss Garantie.

Eng drëtt Ännerung betrëfft den Délai de viduité. Do sinn natierlech vill Leit, déi froe sech: Wat ass dat? Ech hu kee Lëtzebuerger Ausdrock fir den Délai de viduité. Ech kann et nëmmen ëmschreiwen: Dat ass dee längsten Délai - dat ass en Délai vun 300 Deeg -, deem eng Wittfra muss ofwaarden nom Doud vun hirem Mann, ier se sech erëm däerf bestueden. Et huet eng Persoun, déi mech ugesprach huet, gemengt, dat wär dee längsten Délai, wou se misst traieren.

#### (Hilarité)

Ech hunn hir missen an där Opfaassung widersprieche. Dat ass dee längsten Délai - a se enttäuschen! -, dat ass dee längsten Délai, wou aus deem éischte Mariage nach e Kand kéint op d'Welt kommen. A well et zur Zäit vun Napoleon schwéier war ze beweisen, wëssenschaftlech ze beweisen, wien dann de Papp vum Kand kéint sinn - ech verweisen hei op den Artikel 312: de Papp ass deem, dee mat der Fra bestuet ass, a wann en dout ass, bleift en awer de Papp,...

#### (Interruption)

...och wann duerno e Kand op d'Welt kënn, mä dat huet mat sech bruecht, dass d'Fra hei aneschter behandelt gëtt wéi de Mann, well de Mann ka sech nom Doud vun der Fra direkt bestueden. Et ginn haut aner Mëttele, fir ze beweisen, wie Papp vun engem Kand ass. Dofir ass och déi Dispositioun, déi eigentlech diskriminatoresch ass, net méi ubruecht. An dofir hu

mer och proposéiert, déi do Dispositioun ofzeschaffen.

E véierten Artikel, deem ofgeschaaft gëtt, ass den Artikel 1595. Deen Artikel gesäit vir, dass tëschent bestuete Partner kee Verkaf däerf stattfannen. Et ass d'Prohibitoun vun der Vente tëschent bestuete Partner.

► **M. le Président.**- Lauschtert wann ech gelift dem Rapporteur no.

#### (Interruption)

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur*.- D'Regierung ass net betrëfft heivun.

► **M. le Président.**- Ech wär ganz frou, wann d'Regierung dem Rapporteur géif nolauschteren.

► **M. Etienne Schneider**, *Vice-Premier Ministre*.- Mir hunn eis beroden. Mir lauschteren no.

► **M. le Président.**- Merci.

► **M. Etienne Schneider**, *Vice-Premier Ministre*.- Iwwert deem Délai beroden.

#### (Hilarité)

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rapporteur*.- Et ass also verbueden, tëschent bestuete Partner sech eppes ze verkafen, dat ass d'Prohibitoun vun der Vente. Do gëtt et een Arrêt vun der Cour constitutionnelle vum 8. Januar 2010, dee festhält, dass den Artikel géint de Gläichheitsprinzip vum Artikel 10bis vun der Verfassung verstéisst. Mir hu laang driwwer diskutéiert, wat mer mat deem Artikel solle maachen, ob mer e solle reforméieren. An d'Commission juridique huet sech dunn entscheet, esou wéi a Frankräich deen Artikel einfach ofzeschaffen. Mat där Proposition war och de Statsrot d'accord.

Här President, ech kommen nach op e leschten Deel vu mengem schrëftleche Rapport. Dat si Mesuren, déi ech eigentlech net konnt areien, weder an déi eng Zilrichtung nach an eng aner, weder an déi vun de Schäinbestietnisser nach an déi vun der Gläichstellung vun de Partner.

Dat ass fir d'Éischt emol an dem État civil deem Text, dee virgesäit, dass an Zukunft kee Beruff méi brauch am État civil agedroen ze ginn. Et si vill Leit, déi de Beruff änneren, soudass dann déi Androung am État civil souwéissou falsch ass. Dofir gëtt elo d'Noutwendegkeet, fir säi Beruff unzeginn, gestrach.

Zweet Ännerung: Mir hu misse queesch duerch de Code civil d'Ausdréck „époux/épouse“ ersetzen duerch „conjoint“, notament weinst de gläichgeschlechtleche Partner. Mir hunn och d'Ausdréck „père et mère“ ersat duerch „parents“, esou wéi de Conseil d'État dat virgesinn oder proposéiert hat. Dat war séier gesot, mä dat huet e groussen Deel vun der Aarbecht ageholl.

Da wëll ech awer nach op eng aner Neierung hiweisen, an dat ass d'Ofschaffung vum Gesetz vum 19. Dezember 1972. Dat Gesetz huet virgesinn, dass, wann ee sech wëllt bestueden, een e Certificat médical op der Gemeng huet missen ofginn, dass een en vue, am Hibleck vun Mariage vun engem Dokter ënnersicht gi war.

De Gesondheitsministère huet gemengt, well haut e grouss Prozentsaz vun de Leit sech net méi bestueden, kéint d'Zil vun deem Gesetz souwéissou net erreecht ginn, an doniewent wär et och esou, dass déi meescht Leit haut hiren eegenen Dokter hätten an dass se vum Bestietnis scho méi wéi eng Kéier beim Dokter waren, dass den Dokter se géif kennen an dass se iwwert den Dokter, notament iwwert de Referenzdokter, hiren eegene Gesondheitszustand haut besser géife kennen - wat ze bewiese wär - wéi 1972.

Ganz egal, wat och d'Ursaache sinn, d'Kommissioun huet sech dem Virschlag vum Gesondheitsministère ugeschloss an d'Gesetz vum 19. Dezember 1972 ofgeschaaft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu menger kuerzer Konklusioun.

Ech soe fir d'Éischt emol Merci all deenen, déi matgehollef hunn un där Reform: déi verschiddenst Ministeren; d'Beamten aus dem Ministère, déi vill Gedold hu missen hunn, och mat der Commission juridique a mam Rapporteur; d'Regierungs-, déi zoustänneg Sekretäre vun der juristescher Kommissioun, déi eis duerch déi Tableauen, déi se gemaach hunn, d'Recherchen, déi se gemaach hunn, ganz vill gehollef hunn; déi juristesche Kommissioun selwer, déi vun der leschter Legislaturperiod a vun där heiter; an zum Schluss och meng Mat-aarbechter aus der CSV-Fraktioun.

D'Gesetz 6172A, wat d'Bestëmmunge vum Bestietnis reforméiert, setzt wierklech nei Akzenter, op ville Punkten. Ech hunn elo a groben Zich eenzel Linnen hei skizzéiert, mä et









seules les familles composées de parents de sexes opposés soient capables d'élever convenablement un enfant.»

An enger anerer Affär huet den Europäesche Gerichtshaff den 28. Februar 2010 decidéiert: «La Cour a constaté que la communauté scientifique et plus particulièrement les spécialistes de l'enfance, les psychiatres et les psychologues, est divisée sur les conséquences éventuelles de l'accueil de l'enfant par un enfant ou des parents (veuillez lire: par un ou des parents) homosexuels. Il n'est partant pas prouvé à l'heure actuelle que l'adoption d'un enfant par une personne homosexuelle ou par un couple de même sexe soit toujours dans l'intérêt supérieur de l'enfant. Il n'est cependant pas non plus prouvé qu'une telle adoption soit contraire à l'intérêt supérieur de l'enfant.» Fin de citation.

An, Här President, mir liewe jo net an engem rechtsfräie Raum. Mir hunn international, europäesch Traitéé ratifizéiert, ënner anerem d'Mënscherechtskonventioun, ënner anerem d'Unerkennung vun der Juridictioun vum Mënscherechtsgerichtshaff zu Stroossbuerg. Wa mer soen, mir wëllen déi Reform vum Mariage, wéi se hei exposéiert ginn ass, an et stelle sech déi juristeschen Konsequenzen opgrond vu rechtskräftegen Urteeler, déi mer unerkennen, da muss een och zur Konkursioun kommen, datt an dem Fall vun dem Mariage homosexuel d'Adoptiounsrechter déiselwecht si wéi am Kader vun engem Mariage hétérosexuel.

Souguer den ORK huet a sengem Avis gesot, datt vum Point de vue juridique d'Exklusioun vun den Homokoppele fir Adoption plénière net justifiéiert ass, mä, an ech mengen, do si mer eis alleguer eens heibannen, datt den Intérêt supérieur vum Kand an eleng den Intérêt supérieur vum Kand muss zielen.

Ech wëlt och eng Kéier, ech wëll dat elo hei net zitieren, fir lech net ze langweilen, mä et ass och eng Kéier wichteg, d'Artikelen 351 et suivants aus dem Code civil nozeliesen, well am Kader vun enger Adoption simple oder an enger Adoption plénière vu Kanner hei zu Lëtzebuerg mussen nach ëmmer d'Elteren, déi leiblech Elteren, hiren Accord gi fir esou eng Adoptioun. Wann ee vun de leiblechen Eltere gestuerwen ass, da geet den Accord vun dem iwwerliewenden Elterendeel duer. Mä och dat ass eng Informatioun, déi ech wollt hei awer och nach eng Kéier ënnersträichen, well déi Informatioun, hunn ech fonnt, ass e bëssen an den Debatten dobaussen ënnergaangen.

Jo, mir sinn eis eens, et geet ëm d'Recht vum Kand an net ëm d'Recht op d'Kand. Dëse Prinzip gëllt fir all Mariage. Jo, «l'enfant n'est pas un objet de droit, mais un sujet de droit». An et ass eleng dee Sujet de droit, den Intérêt supérieur vum Kand, dee muss an der Enquête sociale gekuckt ginn, fir ze decidieren - egal, wat fir eng sexuell Orientéierung d'Koppel huet vun de Requéranten -, ob e Kand zur Adoptioun fräig gëtt oder net.

An an deem Sënn, Här President, deposieren ech lech och hei eng Motioun, wou mer als CSV nach eng Kéier drop hiweisen, datt fir eis den Intérêt supérieur de l'enfant maassgebend ass.

► **M. le Président.** - Merci.

## Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant qu'il n'existe pas de droit à l'enfant, mais uniquement des droits de l'enfant;

- considérant que le fait de refuser l'adoption aux personnes et couples de même sexe revient à traiter de manière différente les personnes et les couples homosexuels et hétérosexuels;

- considérant que si des différences de traitement sont possibles, elles doivent se fonder sur des raisons objectives, rationnellement justifiées, adéquates et proportionnées à leur but;

- considérant que pour la Cour européenne des droits de l'Homme, une différence de traitement opérée en matière d'adoption fondée uniquement sur l'orientation sexuelle constitue une violation des articles 14 (interdiction de la discrimination) et 8 (droit au respect de la vie familiale) de la Convention de sauvegarde des droits de l'Homme et des libertés fondamentales;

- considérant encore que pour la Cour européenne des droits de l'Homme le principe de proportionnalité exige non seulement que la mesure soit normalement de nature à permettre la réalisation du but recherché, mais oblige aussi de démontrer qu'il était nécessaire pour atteindre ce but d'exclure certaines personnes du champ d'application de la mesure visée;

- soulignant également que la Cour européenne des droits de l'Homme a clairement reconnu la protection de l'intérêt de l'enfant comme un but légitime;

- considérant que cet intérêt doit impérativement guider toutes les décisions en matière d'adoption quelle que soit d'ailleurs l'orientation sexuelle des adoptants;

- considérant dès lors que le caractère préjudiciable d'une adoption pour un enfant ne dépend pas de l'orientation sexuelle de son ou de ses parent(s) adoptif(s);

- considérant dès lors que la procédure d'adoption, et plus particulièrement l'enquête sociale préalable à la décision d'adoption, revêtent une importance fondamentale;

- relevant à cet égard que l'article 10 de la Convention européenne en matière d'adoption des enfants (révisée) dispose que:

«L'autorité compétente ne prononce une adoption qu'après la réalisation des enquêtes appropriées concernant l'adoptant, l'enfant et sa famille. Au cours de ces enquêtes et par la suite, les données ne peuvent être collectées, traitées et communiquées que dans le respect des règles relatives au secret professionnel et à la protection des données à caractère personnel. Les enquêtes, dans la mesure appropriée à chaque cas, portent autant que possible et entre autres sur les éléments suivants:

a. la personnalité, la santé et l'environnement social de l'adoptant, sa vie de famille et l'installation de son foyer, son aptitude à élever un enfant;

b. les motifs pour lesquels l'adoptant souhaite adopter un enfant;

c. les motifs pour lesquels, lorsque seulement l'un des deux époux ou partenaires enregistré(e)s demande à adopter l'enfant, l'autre ne s'associe pas à la demande;

d. l'adaptation réciproque de l'enfant et de l'adoptant, et la période pendant laquelle l'enfant a été confié à ses soins;

e. la personnalité, la santé et l'environnement social, ainsi que, sous réserve de restrictions légales, le milieu familial et l'état civil de l'enfant;

f. les origines ethnique, religieuse et culturelle de l'adoptant et de l'enfant.»;

- rappelant qu'il n'existe pas de droit à l'enfant et considérant partant que l'intérêt de l'enfant ainsi que la sécurité juridique imposent une réglementation claire et rigoureuse des différentes méthodes de procréation et techniques médicales de procréation existantes;

invite le Gouvernement

- à évaluer le fonctionnement de la procédure d'adoption actuelle et à procéder aux adaptations qui s'avèreraient nécessaires pour renforcer la protection de l'intérêt de l'enfant en tenant compte de l'article 10 de la Convention européenne en matière d'adoption des enfants précitée;

- à soumettre les enquêtes sociales préalables à l'adoption à une évaluation;

- à faire en sorte que toute adoption, peu importe l'orientation sexuelle des adoptants, se fasse toujours en considération de l'intérêt supérieur de l'enfant;

- à considérer la signature de la Convention européenne en matière d'adoption des enfants (révisée) du 27 novembre 2008;

- à encadrer strictement les méthodes de procréation et techniques médicales de procréation voire à légiférer à ce niveau, notamment en tenant compte des dispositions y relatives contenues dans le projet de loi 6568 portant réforme du droit de la filiation.

(s.) Léon Gloden, Sylvie Andrich-Duval, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Octavie Modert, Serge Wilmes, Claude Wiseler.

► **M. Léon Gloden** (CSV). - Mir maache jo och keng Gesetz, fir just Gesetz ze maachen. Mir maache Gesetz, well eng gewësse Realitéit dobausse sech erausschleift. An d'Realitéit am Kader vun der Adoptioun ass och, datt ëmmer manner Kanner adoptéiert ginn. Dat huet eischtens domadder ze dinne, datt manner Kanner aus dem Ausland fräig ginn, fir adoptéiert ze ginn, well déi Länner, déi d'Convention de La Haye iwwert d'Adoptioun ratifizéiert hunn, ëmmer méi versichen, och an hirem Land, wéi et do steet, d'Kanner ënnerzekeréien, oder probéieren, datt d'Kanner an hiren originären Famill kënnen bleiwen.

Et ass och eng Tatsaach, datt, wa mer dëse Projet de loi stëmmen, eng Rei Länner net méi wäerte fir Lëtzebuerg Kanner fräiginn zur Adoptioun wéinst dem Homomariage. Mä dat ka keen Argument sinn, fir géint den Homomariage ze sinn.

Leif Leit, opgrond vun all dësen Iwwerleeunge ginn ech heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Gloden. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry** (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, zéng Joer nodeem mer hei an der Chamber d'Aféierung vun deem éischten Entwurf vun der ziviler Partnerschaft decidéiert hunn, d'zivil Partnerschaft, déi souwuel op ass fir béidgeschlechtlech wéi gläichgeschlechtlech Koppelen, steet elo d'Chamber virun enger weiderer Reform, enger Revolutioun sécherlech am Lëtzebuerges Familljerecht. Et geet ëm d'Aféierung vum Bestietnis och fir gläichgeschlechtlech Koppelen.

Dëse Gesetzesprojet stellt ouni Zweifel, dat ass scho gesot ginn, déi fundamentaalt Reform vum Bestietnis duer, déi mer hei zu Lëtzebuerg zënter dem Code Napoléon duerchzeféieren hunn. Et ass awer och an eisen Aen déi lescht Etapp vun enger jorzéngtelaanger Entwécklung, wat d'Bestietnis ueget, enger Entwécklung, déi sech an zwou Richtunge beweegt huet: eng Entwécklung haaptsächlech, wat d'Emsetze vum Gläichheitsprinzip am Familljerecht a besonnesch am Bestietnis betrëfft, wou et drëm geet, dëse Prinzip ze stäerken an integral ëmzesetzen.

Haut schloe mer dat Kapitel definitiv zou. Mat dëser Reform hu mer de Gläichheitsprinzip an allen Elementer vum Bestietnisrecht zu Lëtzebuerg ëmgesat an domadder och dem Artikel 11 vun eiser Verfassung Rechnung gedroen.

Et ass awer och eng jorzéngtelaang Entwécklung, déi sech och am Bestietnis elo erëm pigelt, fir enger Form vun Diskriminierung vu Mënschen opgrond vun hirem sexueller Orientéierung en Enn ze setzen. An duebeler Hisiicht also, a puncto Gläichheitsprinzip an a puncto Netdiskriminierung, setze mer haut, esou denken ech, e Meilsteen duerch de Vote vun dësem Gesetzesprojet.

Fir all déi Politiker, fir all déi Parteien, déi sech net zënter Kuerzem, mä déi sech zënter laange Jore fir Mënscherechter, fir Netdiskriminierung a fir eng Moderniséierung vum Familljerecht asetzen, ass et sécherlech e Moment vu grousser Satisfaktioun: d'Satisfaktioun, iwwer steten Asaz enger Iddi zum definitiven Durchbroch verhollef ze hunn.

Als LSAP hate mer d'Homobestietnis fir d'Éischt 1999 an engem Wahlprogramm; aner Parteie schonn e puer Joer éischter. Zënter '99 triede mer also mam Wieler kloer mat eisen Absichte vir a mir setzen eis an, dass mer d'Bestietnis opmaachen och fir gläichgeschlechtlech Koppelen.

Zënter 2004 soe mer och kloer an eise Wahlprogramm, dass mer och fir d'Méiglechkeet vun alle Formen fir Adoptioun bei gläichgeschlechtliche Koppele sinn. Déi zwou Iddie ginn hei an dësem Gesetzesprojet ëmgesat, esou wéi et aus den Aarbechte vun der juristescher Kommissioun ervirgeet.

Et ass e laange Wee gewiescht, e laange Wee, deen net einfach war a wou net ëmmer hei eng Majoritéit an der Chamber war! De mandatierte Spriecher vun der CSV huet gesot, mat der CSV wäert ëmmer iwwer Gesellschafts-froen ze diskutieren. Jo, et konnt ee mat hinnen diskutieren! Et wär och nach, géif ech soen, echt, wann een net méi kéint ënner demokratesche Parteien iwwer politesch Themen, déi d'Gesellschaft betreffen, diskutieren. Mä et war net ëmmer einfach, mat der CSV sech eens ze setzen op deem dote Punkt.

An ech wëll awer net esou grausam sinn, hei Zitater unzeféieren aus den Debatten, déi mer hei virun zéng Joer haten,...

## (Interruptions diverses)

...am Mee 2004, wou mer iwwert d'Gesetz iwwert d'zivil Partnerschaften ofgestëmmt hunn, mä wou awer och ofgestëmmt an debatéiert ginn ass an darselwechter Debatt ronderëm eng Proposition de loi vum Renée Wagener, déi mer als LSAP mat ënnerstëtzt hunn, fir de Mariage pour tous hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Dat war virun zéng Joer!

An an zéng Joer huet sech eigentlech un de juristeschen Argumenter näischt geännert, huet sech och un der Notioun vun der Léift, déi hei héichgehal gëtt, näischt geännert. Huet sech, mengen ech souguer, um Grondsazprogramm vun der CSV am Wesentlechen näischt geännert. An dach sinn ech frou feststellen, dass d'CSV haut zu enger anerer Konkursioun kënnt wéi virun zéng Joer.

Mam Ennerscheed, dass eis zéng Joer verluer gaange sinn, fir déi Vollreform vum Bestietnis ze maachen, enger Diskriminierung, déi bestanen huet, en Enn ze setzen. Dat ass schued, dass et esou laang gedauert huet. Mä et ass ze begreifen, dass et haut méiglech war, an an engem breede Konsensus méiglech ass. Dat

hunn ech nach wie vor léiwer wéi knapp Ofstëmmungen hei an dësem Parlament, wann ee besonnesch gesellschaftlech Reforme kann op e bësse méi breet Féiss stellen. Dat brauch heiansdo Zäit.

Fläicht huet et sech gelount, op déi Zäit ze waarden, well ee jo och muss feststellen, dass allgemeng - allgemeng - d'Diskussioun dobausse roueg gefouert ginn ass. Et ass emol deen een oder aner Dérage ginn, déi eng oder aner Lieserbréier oder aner Aussoen an de Sozialnetzer, déi sécherlech iwwert d'Zil erausgeschoss sinn an déi och emol konnte blessant sinn. Mä ech muss awer soen, dass souwuel hei téschent de politesche Parteien wéi och an der Gesellschaft dobaussen, fannen ech perséinlech, awer d'Limité vun enger haarder Diskussioun an der Saach net dépasséiert gi sinn.

Dat muss een ervirhiewen, wéi ech och wëll ervirhiewen, dass déi Reform hei, dat ass eng Particularitéit vun der Geschicht, rapportéiert gëtt duerch en CSV-Deputéierten,...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry** (LSAP). - ...d'CSV, déi éischter Bremser an där ganzer Geschicht iwwer laang Joren zumindest war an déi elo iwwert de Rapporteur..., deem ech wëll félicitéieren fir seng engagéiert Aarbecht, virun allem och an der Kommissioun, wéi en un déi komplex an delikat politesch Matière erugaangen ass. En huet et fäerdegbruecht, dozou bäizedroen, och do d'Debatten e bëssen ze entkrampfen, ze versachlechen, an dat huet sech, mengen ech, och sécherlech op déi effentlech Diskussioun ausgewierkt. Also dem Paul-Henri Meyers en décke Merci!

Wéi mer alleguerten eigentlech, mengen ech, an der juristescher Kommissioun iwwert déi lescht Joren - mir hu jo haaptsächlech 2012 fir d'Éischt ugefaangen, intensiiv iwwert déi Texter ze diskutieren -, wéi et méiglech war, alleguerten zesummen, an do war och den aktuelle Juristizminister aktiv mat derbäi bei deenen Aarbechten, dee beschtméiglechen Text ze hunn. A wou mer eigentlech och ëmmer d'Sich no Kompromisser am Sënn haten, fir ze verhënnern, dass et zu engem Broch an der Gesellschaft op deem dote Punkt géif kommen.

Ech wëll och belobend ervirhiewen - dat kënnt mer net oft vir! - d'Haltung vun der kathoulescher Kierch hei zu Lëtzebuerg, déi näischt gemaach huet, zumindest vun offizieller Säit, fir hei Uelech op d'Feier ze geissen. Dat hei wär eng Matière gewiescht, wou een dat hätt kënnen maachen. An aner Kierchen hunn dat an anere Länner gemaach. Et brauch een nëmmen ze kucken, wéi d'Diskussioun a Spuenien verlaf ass. Spuenien, wat virun enger Rei vu Jore schonn déi heite Reform an enger sozialistescher Regierung gemaach huet, wéi do déi Geeschtlech mat op d'Strooss gaange sinn, wou se zu Honnertdausen demonstréiert hunn, fir dat dote Gesetz ze verhënnern.

Ech ka mech och un Aussoen erënneren, déi net den heitege Poopst, mä säi Virgänger, de Benedikt, gemaach huet, dee virulentst bal - bon - Menacen ausgeschwat huet fir déi Länner, déi wëilten an déi dote Richtung vun engem Opmaache vum Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Koppele goen.

Den Toun awer, besonnesch och an deem Communiqué, dee virun e puer Deeg publizéiert ginn ass vun der kathoulescher Kierch, weist, dass do awer an deem heite Punkt, zumindest hei zu Lëtzebuerg, méi en offenen Espirit ass. An dat huet sécherlech och geholf, dass mer déi Diskussioun hei kënnen an enger gewëssener Serenitéit féieren. Dat géif ech mer och fir zukünfteg Diskussiounen bei ähnlech heikelen Theme wënschen - där wäerten der jo nach hei op dës Chamber zoukommen -, dass mer dann déiselwecht Serenitéit an Objektivitéit an de Respekt virun deem anere géife behalen.

D'Resultat vun all deenen Aarbechte fënnst déi onageschränkt Zoustëmmung vun der sozialistescher Fraktioun, well se och e bëssen awer den Usproch huet, dass se net ganz onschëlleg ass, dass et iwwerhaupt zu deem Projet de loi komm ass. Dat huet ze di mat de Koalitiounsverhandlungen vun 2009, wou konform och zu deem, wat mir an eise eegene Wahlprogramm stoen haten, et mat der CSV no Diskussiounen méiglech war, déi Reform vum Bestietnis mat eranzeféieren, zwar do an där Variant nach, dass d'Volladoptioun net sollt méiglech sinn. Duerfir sollt et jo eigentlech zu enger Reform vun der Adoptioun kommen, wou eigentlech sollt d'Volladoptioun an Zukunft allgemeng net méi méiglech sinn, fir also laanscht déi Diskriminierungsfro do ewechzekommen.

Schlussendlech war et awer méiglech, opgrond vun deene percutanten Argumenter vum Conseil d'État, dee sech beruff huet op europäesch Jurisprudenz, déi ganz kloer war bei





deem dote Punkt, fir also d'Adoptiounsrecht och hei ouni Diskriminatioun spillen ze loossen, awer natierlech no deenen normale Regeln, wéi Adoptiounen ze handhabe sinn. Ech kommen nach méi spéit am Detail op déi dote Fro zrëck, déi och dobaussen awer hefteg diskutéiert gëtt.

Eis Positioun, wéi gesot, an där doter Fro, huet net variéiert am Laf vun de Joren. Si ass zënter 1999 kloer bliwwen. Si ass also net gepräagt duerch iergendwellech moudesch Trends, deenen ee wëllt nogoen, wat emol e Virwurf war, deem emol en CSV-Deputéierten an enger viregter Diskussioun der LSAP an anere Partei gemaach huet: wann ee fir d'Homobestietnis wär, da wëllt een iergendengem Trend nolaufen. Ech mengen net, dass dat en Trend ass, ëm deem et hei geet, mä hei geet et ëm eng fest ënnerlech Iwwerzeegung, déi een an deenen dote Punkten ze hunn huet an déi mer och ëmmer haten.

Déi Argumenter also, déi ech haut hei virbréngen fir deen heite Projet, déi hu mer scho plädéiert a viregten Debatten, déi mer an dësem Haus zu deenen dote Froen haten. Ech hunn d'Debatt vum Mee 2004 schonn ervirgehuwen, och am Joer 2010 war eng Interpellatioun vum deemolegen Deputéierte Xavier Bettel zu deenen dote Froen. Ech brauch also hei keng Pirouette ze dréinen, mä kann dat widderhuelen, wat mer als Partei - ech selwer an aner Spriecher - an der Vergaangenheet zu deenen dote Punkte gesot hunn. Ech wëll och hei d'Lydie Err ervirhiewen, wat sécherlech och zu de Virreider eigentlech gehéiert vun all deene gesellschaftspolitesche Reformen, wou mer elo eng weider wichteg Etapp hei duerchzéien.

Ausgangspunkt fir d'LSAP-Fraktioun ass, dat schéngt mer normal ze sinn an engem Rechtsstat, d'gesellschaftlech Realitéit. D'gesellschaftlech Realitéit, déi sécherlech net méi déi ass haut wéi viru 50 Joer. D'Realitéit besonnesch awer och vun der Famill ass eng ganz aner, wéi wann een nëmmen eng oder zwou Generatiounen no hanne kuckt. Et ass d'Realitéit vun enger enormer Villfalt, vun enger staarker Evolutioun, a wou een eigentlech net weess, wou eigentlech déi Entwécklung do wirklech wäert ophalen.

An et ass esou, dass dat traditionellt Bild vun der Famill, wat oft nach elo vun de Géigner vun där Reform an deene leschten Deeg ëmmer erëm an de Vierdergrond gestallt gëtt, dat traditionellt, verankert Bild vun der Famill - oft als Ideal, als eenzeg méiglechen Idealfall duergestallt vu Mamm, Papp a Kand -, dat muss een elo einfach soen, a ganz ville Fäll, vläicht souguer an der Majoritéit vun de Fäll, net méi der Wierklechheet um Terrain entsprécht, der soziologescher Realitéit, wéi se hei zu Lëtzebuerg och feststellen ass.

Loosse mer eis näischt virmaachen: Praktesch all zweet Bestietnis gëtt duerch Scheedung gebrauch. Elengerzéiend Mamm mat Kand, getrennten Elteren, déi mat neie Partner an hire Kanner zesummeliewen, Grousselteren oder aner Familljememberen, déi sech ëm d'Kanner bekëmmere, Geschwëster, déi a verschiddene Familljen opwuessen, allméiglech Konstellatiounen ginn et haut a sinn denkbar. An a priori kann een net soen, dass déi eng oder déi aner vu virera schlecht fir d'Kand ass oder déi eng nëmme ka gutt fir d'Kand sinn. Dat ass d'Realitéit, wéi mer se haut fannen. An et hânt vum Eenzelfall of, wéi am Endeffekt d'Situatioun vum Kand ass.

Fir eis ass et awer och gradesou kloer, an dat ergëtt sech eigentlech aus där Villfalt, dass am Mëttelpunkt vum Familljeprojet, egal wéi en ausgesäit, soll a wäert och weiderhin d'Kand stoen. Dat kann net anescht sinn! Wat also den Ausschlag gëtt, dat sinn dem Kand seng Bedierfnesser an Interessens, säi Gläichgewicht a säi Gléck.

An eisen Aen huet dat näischt mat der sexueller Orientéierung vun deenen ze dinn, déi sech ëm d'Kanner këmmere. Wat eenzeg an eleng zielt, dat ass d'Capacitéit vun deene Leit, fir d'Kanner ze erzéien, hinnen alles ze ginn, wat se brauchen: Léift, Wäerter, Respekt viru sech selwer, virun aneren, d'Bewosstsinn, ze enger Kollektivitéit ze gehéieren.

Duerfir wäerte mer och net d'accord sinn, a ware mer eigentlech net d'accord, fir engem vu vireran d'Recht ze verweigere, eng Famill ze grënne, eng Geschicht, Wäerter weiderzeginn. Esou e fantastesche Liewensprojet muss jiddwerengem zougänglech sinn, ouni Diskriminatioun!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry** (LSAP). - Duerfir si mer fir d'Bestietnis fir jiddwereen.

Dass mer domadder eng jorhonnertelaang Traditioun a Fro stellen, däers si mer eis bewosst. Mä dat muss een a Kaf huelen, wann et net soll zu engem definitive Broch vun der Realitéit um Terrain an de Rechtsnorme kommen. Et gëtt

näischt méi Geféierlech an engem Rechtsstat, wéi wann op eemol d'Regelen, déi edictéiert gi sinn, net méi passen op déi sozial Realitéit, déi een um Terrain feststellt.

Mir sinn awer der Meenung, dass och d'Famill, esou villfältig wéi se haut ausgesäit, esou divers wéi se ass, Regele brauch. Dat sinn op där enger Säit allgemeng Regeln, déi allgemeng Gültigkeit hunn, Normen, mä awer och spezifesch Regeln, wéi Texter iwwert d'Partnerschaft, wéi Texter iwwert d'Bestietnis.

D'Bestietnis als Institutioun, als besonnesch Partnerschaft, vum Gesetz geregelt a geschützt, dat Bestietnis bleift bestoen. Jo, an eisen Ae gëtt et eigentlech och gestärkt duerch deen heite Gesetzestext, well mer jo d'Bestietnis opmaachen, fir zousätzlech Partnerschaften a Koppele kënnen opzehuelen. Dëst Gesetz bedeit och kengesfalls, wéi et oft duergestallt gëtt vun de Géigner dobaussen, en Doudesstouss fir d'Bestietnis a fir d'Famill, mä et ass eng Stärkung vun all Partnerschaft, déi op Dauer ausgerichtet ass.

Zënter der Aféierung vum zivile Bestietnis ënert dem Napoleon huet d'Institutioun munch Entwécklung matgemaach. De Mariage, wéi mer en haut kennen, ass net méi dee Mariage, wéi e virun 200 Joer a méi agefouert ginn ass hei zu Lëtzebuerg. An och do wëll ech nach eng kéier op déi eenzel grouss Etappen agoe vun där Entwécklung, déi d'Institutioun vum Bestietnis, wa mer dee Begrëff wëlle bäibehalen, hei zu Lëtzebuerg wéi an anere Länner och - zu Lëtzebuerg ëmmer e bësse mat Verspéidung ze enger Rei vun eisen Nopeschlänner - da matgemaach huet.

Ech hunn et scho gesot, déi éischt wichteg Etapp war d'Gläichstellung vu Mann a Fra an deem Bestietnis. D'bestuete Fra war während laangen, laange Jorzéngten, bis an den Ufank vun de 70er Joren era mannerjähreg. Wa se e Kont wollt opmaachen, huet se missen d'Ennerschrëft vum Mann hunn. Wa se wollt schaffe goen, nëmme déi bestuete Fra, net déi net bestueten, wa se wollt schaffe goen, huet se missen d'Autorisatioun vum Mann hunn. Alles dat, wat engem haut als aberrant erschéngt, huet laang gedauert, bis et a Fro gestallt ginn ass an ëmgeännert ginn ass. An och dat waren deemools heftegst Diskussiounen! Och deemools ass gerüttelt ginn un Traditiounen an un agefuereene Regeln. Dat war déi éischt grouss Reform.

Déi zweet grouss Reform, déi e bësse méi spéit gemaach ginn ass, déi sech och méi an Etappe gemaach huet, ass och d'Gläichstellung gewiescht vun de Kanner, wou mer haut souguer nach an eise Text hei, dee mer hei stëmmen, och opgrond vun engem Uerteel, wat eis Cour de Cassation geholl huet, och eng Diskriminatioun weider aus dem Text, aus dem Code civil eraushuelen, also d'Gläichstellung vun deene Kanner, déi am Bestietnis gebuer sinn, ausserhalb vum Bestietnis gebuer sinn, legitim oder onehelech Kanner. Et ass wichteg, mengen ech, dass een dee Gläichheitsgedanken och do bis un d'Enn denkt.

An haut dann, wéi gesot, sti mer virun der drëtter, a wéi ech mengen, leschter Etapp, fir d'Iddi, de Prinzip vun der Gläichheet, wéi en an eiser Verfassung verankert ass, och am Bestietnis ëmzesetzen: dass d'Bestietnis net eleng also engem Mann an enger Fra reservéiert, mä och fir zwou Fraen oder zwee Männer méiglech ass.

Ech muss éierlech soen als een, deen och scho méi laang derbäi ass: Viru 25 Joer, wéi ech ugefaangen hu mat der Politik, hätt ech mer eigentlech ni virgestallt, well et kaum deemools an der Diskussioun war, dass eng kéier d'Bestietnis kéint eppes anescht si wéi en Zesummeschloss vu Mann a Fra. Dat war deemools net an der Diskussioun. Dat war éischer eng ganz marginal Diskussioun, déi zaghaftst ugefaangen huet an deem dote Punkt.

Mä et ass eng Iddi, déi hire Wee gemaach huet, déi och, wéi Ëmfroe weisen, schéngt gedroen ze si vu grousser Majoritéiten an den eenzelne Länner. É Wee, dat ass scho gesot ginn, deen eng ganz Partie Länner och viru Lëtzebuerg gemaach hunn.

Mat Ausnahm vun Däitschland sinn all eis Nopeschlänner entre-temps deen dote Wee gaangen. Net nëmme déi skandinavesch Länner, déi och e bësse Précurseur an deene Beräicher sinn, hunn deen dote Wee gemaach, mä och esou Länner, konservativ Länner wéi Groussbritannien hu viru Kuerzem deen dote Schratt gemaach. Och Südlänner, déi och an deenen dote Froen net onbedéngt zu den „front runner“ gehéieren, hu viru e puer Joer schonn deen dote Schratt gemaach.

Ech hunn och gesot, et ass net nëmme de Gläichheitsprinzip, deen heimadder héichgehale gëtt. Et ass och géint d'Diskriminéierung vun den Homosexuellen, mengen ech, wou

mer haut e kloert Zeechen no bausse setzen. An och do huet Lëtzebuerg eng Geschicht, an net déi rühmlechste.

Wann een e bëssen do zrëckblidert, ech ka mech un déi Diskussioun nach an den 80er Joren erënneren. Dunn hate mir esou en drolechen Artikel bei eis am Code pénal stoen, den Artikel 372bis. Deen ass eréischt '71 agefouert ginn iwwert d'Jugendschutzgesetz. Dat war dann och deen hehre Gedanken, deen hannendrustoung.

An et huet iwwer 20 Joer gedauert, '92, bis en dann ofgeschafft ginn ass, och no heftegsten a laangen Diskussiounen an Oppositionen - Dir kënnt lech denken, och hei am Haus, vu wem -, fir dat doten erëm a Fro ze stellen, well do u sech am Code pénal virgesi war, dass et kee Problem wier, wann e 70-jährege mat engem 50-jährege (veuillez lire: mat engem 15-jährege) Meedche géif schlofen, dat huet de Gesetzgeber net interesséiert; mä wann ee vun 19 Joer mat engem vu 17 Joer schléift, dann ass et strofbar an dann huet ee sech Geldstrofen a Prisongsstrofen ausgesat.

Dat war en Text, deen, wéi gesot, 20 Joer hei zu Lëtzebuerg Bestand hat, deen och nach vu ganz bekannten, héichgestallten haauptsächlech CSV-Politiker bis zum Schluss ganz heftegst verteidegt ginn ass. Leit, déi herno sech staark involvéiert hunn am Asaz fir d'Mënscherechter, och op europäeschem Plang, zum Beispill. Da kënnt Der lech denken, vu wem oder vu wat fir enger Politikerin dass ech schwätzen.

Wat d'Bestietnis ausmécht, dat ass och scho virdu gesot ginn, dat ass d'Léift, awer net nëmme d'Léift. Dat ass de gemeinsamen Engagement an de Wëllen, e Projet virunzudriewen a seng Famill ze schützen. An déi Méiglecheet, dat menge mir, sollen all Koppele hunn, ob et Heterokoppele sinn oder Homokoppele sinn. An dëst Gesetz mécht dat ganz einfach méiglech.

Zu ville Kontroversen huet et gefouert - an dat war och d'Argumentatioun, firwat d'CSV virun zéng Joer net bereet war, deen dote Schratt ze maachen -, well se gesot hunn: Do hânt d'Filiatioun drun, do hânt d'Adoptioun drun, a mir mengen - dat war deemools déi Positioun -, dass awer do dat classescht Familljebild eigentlech dat richteg ass, Papp, Mamm an d'Kand, an duerfir kënne mir eigentlech och net fir d'Opmaache vum Bestietnis sinn, well mer déi aner Konsequenzen eigentlech als Partei net wëllen akzeptéieren.

Haut gesäit d'CSV dat méi nuancéiert. Dat ass gutt esou, mä nach mengen ech, dass dat Argument, wat do virbruecht gëtt, net richtig ass an dass ee sech muss awer mat deem Argument ausemesetzen. Duerfir si mir jo haut hei, fir dat ze maachen.

Ech mengen, et dierf een déi Kritiken net ignoréieren. Déi kann een hunn als éischt Reaktioun, well och normalerweis vill Leit jo déi eigentlech Adoptiounsprozedur guer net kennen. Wéi vill Leit hu scho konkret direkt mat Adoptiounen ze dinn? Si héieren dovunner an da gëtt och gesot: Majo, elo féiere se nach d'Recht op och e Kand an, stellt lech dat vir, wéi schrecklech! An da bräicht een nëmme „schnipps“ ze soen, wéi wann dat am Katalog wär, „da gi mir eis do e Kand sichen an da kënnt dat dann an eis gläichgeschlechtlich Koppel“, an dann, wie weess dann, wat mat deem Kand do geschitt!

Well et soll ee sech jo näischt virmaachen: Hannert där ganzer Géigenargumentatioun do, do verstoppt sech, net nëmme, mä awer zu engem gudden Deel, natierlech och eng Angscht virun der Homosexualitéit, eng Onkenntnis vun der Homosexualitéit a bei eenzele Leit sécherlech och eng Homophobie. Dat mierkt een tëschent den Zeile méi wéi dass dat kloer ausgedréckt ass.

A wann ech vu ganz intelligente Leit muss liesen, déi ech och emol kannt hunn aus der Studentenzäit, dass se schreiwen, hei géif eppes gemaach ginn, wat géif widdert d'Naturgesetz goen... „Widdernatierlech“, eleng dee Begrëff, dee revoltéiert mech eigentlech schonn e bëssen, wéi dat ëmmer esou duergestallt gëtt, an dat ernnert mech awer un Zäite viru laange Jorzéngten, vun deenen ech gemengt hunn, dass déi definitiv eriwuer wäeren. Ech hat gehofft eigentlech, dass mer, wat déi Argumentatioun do ugeet, do schonn haut zu Lëtzebuerg awer am 21. Jorhonnert e bësse méi stabil mat eisen Argumenter a méi sachlech géifen dosto.

Mä et soll een, mengen ech, zur Kenntnis huelen, dass nach eng Rëtsch vu Klischeeën bestinn, dass et eng Rëtsch vu Viruerteeler och zu Lëtzebuerg nach gëtt, an et muss ee sech also, mengen ech, och ustengen, fir deene Viruerteeler an deene Klischeeën do esou wäit wéi méiglech mat allen Argumenter och entgéintzetrieden an ze probéieren, se och ewechzekeréien.

Dat Allerhéchst an eisen Aen, dat ass jo eigentlech, dass deem adoptéierte Kand seng Rechter respektéiert ginn, dass dat adoptéiert Kand Advantage zitt aus der Adoptioun. Dat ass e Prinzip iwwregens, dee fest verankert ass. Duerfir brauch een net ëmmer nach ze ënnersträichen: Mir mussen nach eng kéier elo soen, dass et hei ëm d'Interessi vum Kand geet!

An eise Code civil, am Artikel 343 vum Code civil steet dran, ech liesen, dat ass den Haaptartikel vun der Adoptioun: «L'adoption ne peut avoir lieu que s'il y a de justes motifs et si elle présente des avantages pour l'adopté.» Et ass also ganz kloer: Eng vun de Konditiounen ass den Interêt de l'enfant. D'adoptéiert Kand muss Advantage aus där Adoptioun kréien.

Dat ass jo och den Zweck vun der Enquête sociale, déi duerchgefouert gëtt, déi bei jiddwerengem duerchgefouert gëtt, wou eng Adoptioun stattfënn, egal wien dat ass, ob dat eng Koppel ass, ob dat eng eenzel Persoun ass. Déi huet ze kucken, ob déi gesetzlech Bedéngungen, gesetzlech Konditiounen erfëllt sinn: „justes motifs“, net verstoppte Motiver, anerer, déi net legitim wäeren, an d'Avantagen, déi den Adopté aus deem Ganze kann erauszéien.

An eis Jurisprudenz zënter den 1980er Jore seet ganz kloer: «L'intérêt de l'enfant est une condition distincte et autonome de l'adoption de l'enfant.» Méi kloer, mengen ech, kann et net sinn. Da brauche mir, mengen ech, zu deem Thema net grouss Motiounen hei an der Chamber ze stëmmen. Wann e Gesetzestext kloer ass, d'Konditiounen festleet, ech mengen, dann hu mir dat als Chamber, déi och déi Gesetzer jo gestëmmt huet, zur Kenntnis ze huelen, well mer jo eigentlech mat där doter Approche zu honnert Prozent d'accord sinn. An dorunner wäert sech och näischt, keen Dibelchen änneren, wa mer dat heite Gesetz hei stëmmen.

Dat Allerwichtigst also fir d'adoptéiert Kand ass an eisen Aen, dass et mat Léift a Gebuerenheet opwiisst, dass em keng physisch a keng psychesch Gewalt widerdiert an dass et och keng sozial Nout erleit. Dat ass jo dat, wat eigentlech zielt.

An duerfir fannen ech et och dann awer an engem gewëssene Mooss hypocrite, déi ganz Adoptiounsfro - dat ass d'Argumentatioun, wéi se vun de Géigner jo ëmmer erëm gebetsmühlentaarteg ervirgehuewe gëtt -, déi ganz Adoptiounsfro ze reduzéieren op d'Existenz vun enger männlecher oder weiblecher Referenzpersoun.

Dat ass een Element vu villen, sécherlech! Mä awer och an der Wëssenschaft ass déi dote Fro contestéiert, gëtt et där enger Theesen a gëtt et där aner Theesen. Mä wann een dat doten awer zur elengger Fro mécht, wou nëmme déi dierf eigentlech ausschlaggebend sinn - dovunner hânt et of, ob dat Kand sech gutt oder schlecht entwéckelt -, dann ass dat fir mech e Schlag an d'Gesicht fir all déi Mammen, déi sech ploen Dag an, Dag aus, oft eleng, fir hirt Kand oder hir Kanner ze erzéien, oder all déi Kanner, déi haut schonn a gläichgeschlechtliche Koppelen opwuessen.

Et brauch jo keen ze mengen, dat géif et zu Lëtzebuerg net ginn. Et gi keng Zuelen hei zu Lëtzebuerg. A Frankräich hu se deslescht Zuelen erausginn. Et ass eigentlech ganz erstaunlech, wéi vill zegdausend, Zéngdausend Koppelen et a Frankräich gëtt, zu 80% sinn et weiblech Koppelen, déi haut scho Kanner erzéien. Och dat gëtt et zu Lëtzebuerg. An a priori ass mer keng Erkenntnis bekannt, dass et deene Kanner do géif méi schlecht goen an hir Entwécklung méi schwierig wär oder méi gestéiert wär wéi déi a gläichgeschlechtliche Koppelen (veuillez lire: an net gläichgeschlechtliche Koppelen).

Duerfir solle mer also net maachen, wéi wa mer hei géife bei null ufänken, wéi wann hei eng ganz nei Epoch vun Ongewëssheet géif ugoen. Déi dote Faite gëtt et an der Realitéit an et soll een d'Realitéit dann och voll berücksichtigen.

An ech brauch hei net ze soen, wéi vill schlecht behandelt, wéi vill vernoléissegte Kanner et a sougenannten „normalen“ Famillje ginn. A wéi vill Kanner leiden a Familljeverhältnisser, déi zerrüttet sinn! Där ginn et der och zegdausend hei zu Lëtzebuerg, wou méintelaang, jorelaang Dag fir Dag gestridde gëtt, geschloe gëtt.

Wéi frou sinn déi Kanner an deenen dote schéinen heterosexuelle Koppelen, wéi se dem traditionellen Familljebild zu Lëtzebuerg hei - an de Käpp vun eenzelne Leit zumindest - entsprechen?





Duerfir, mengen ech, muss een déi dote Fro vill méi breet kucken, vill méi nuancéiert kucken, wéi dat an där sloganaarterger Diskussioun oft de Fall ass, déi mer deelweis amgang sinn, an deene leschte Wochen hei zu Lëtzebuerg och ze féieren.

Ech hunn et gesot, et ass falsch ze schwätzen, dass iergendwéi hei géif e Recht op e Kand entstoen. Net ee Buschtaf vun deem heiten Text léisst esou eng Interpretatioun zou. De Code civil ass kloer. International Konventionen sinn och kloer. D'Praxis och hei zu Lëtzebuerg ass kloer an där doter Hisiicht: Adoptiounen ginn no Enquête sociale duerchgefuert. An et ass selbstverständlech, dass do all dat ganzt Ëmfeld muss gekuckt ginn, wou dat adoptéiert Kand soll erakommen, an dass een net ausschliisslech elo d'sexuell Orientierung do ze kucken huet. Déi eleng därer eigentlech guer net spillen, ausser wa se natierlech zu engem Verhale géif féieren, wat dem Kand net zoudréiglech wär.

Et ginn dann nach ganz vill Froe gestallt zu iergendwellechen hypothetesch Fäll, déi sech kënne stellen, „wann“. Déi Leit, déi haut RTL gelauschtert hunn, hunn héieren, wéi vill Adoptiounen dass mer zu Lëtzebuerg hunn. Et sinn der häerzlech wéineg, manner wéi 20 aus dem Ausland. Déi eenzeg, déi nach duerchgefuert ginn, dat sinn eigentlech inlännesch, haaptsächlech nach inlännesch Adoptiounen.

Et muss ee sech eigentlech virstellen, wéi vill praktesch Fäll mer an deenen hypothetesch Fäll hätten, déi elo esou hefteg dobaussen diskutéiert ginn. „Wann dann een aus dem Ausland géif kommen, dee mat enger Leihmutter...“, an esou virun an esou weider. Dat si jo déi Diskussiounen, déi momentan gefuert ginn, wéi wann dat géif de Regelfall gi muer. Dat do bleift déi absolut, absolut Ausnahm, a wann esou e Fall sech presentéiert, dann ass et am Noutfall un de Gerichter, fir dat ze trancheieren. A wann et néideg ass, kann och de Législateur dann agraifen.

Mä ech soen ëmmer, d'Gesetzter sinn do, fir den Normalfall, de Regelfall ze regelen! Och hei gëllt dat an dat kann och net anescht sinn. D'Gesetz kann net perfekt sinn an d'Gesetz muss ausgeübt sinn, fir eigentlech den allgemengen Intérêt, dat ass de Regelfall, propper, richtig a gerecht ze regelen. An dat mécht och deenen heiten Text.

All Koppele brauchen also Ënnerstëtzung, wa se hir Kanner erzeien, a mir sinn och als Politiker gehalen, derfir ze suergen, dass d'Gesellschaft sech och hei zu Lëtzebuerg weider esou entwéckelt, dass sech Kanner kënne hei zu Lëtzebuerg voll entfalten. Dat ass eng Responsabilitéit, déi also och bei der Kollektivitéit läit.

Dës Regelung vun der Adoptioun ass zu honnert Prozent konform mat nationalen an europäesche Jurisprudenzen.

Dësen Text geet awer méi wäit, an de Rapporteur, den Här Meyers, huet et ugeschnidden, wéi nëmmen déi Fro. Dat ass natierlech den zentrale Punkt, dat ass dee kontroverse Punkt, fir d'Bestietnis opzemaache fir gläichgeschlechtlech Koppelen, mat alle Konsequenzen, ouni Diskriminierung, déi dat dann herno och bedeit, wat d'Filiatioun an haaptsächlech dann d'Adoptioun betrëfft.

Mä dëst Gesetz geet jo méi wäit, andeem och eigentlech eng Stärkung vum Bestietnis kënt doduerjer, dass preventiv a repressiv eigentlech nei Moosnamen an eist Gesetz mat agebaut ginn, fir forcéierte Mariagen a simuléierte Bestietnisser eigentlech entgéintzewierken, wou eng nei Responsabilitéit zousätzlech op den Officier d'état civil duerkënt. Dee muss, wann e seriö Indizie fënnt, dass esou e Mariage simulé kéint sech maachen, dat melle beim Parquet, deen dann zousätzlech Méiglechkeete kritt, fir sech ze opposéieren, fir fir d'Éischt e Sursis ze froen, an deen och herno spéiderhin, wann et sollt awer dozou kommen, och méi Annulationsméiglechkeeten huet, wéi dat haut de Fall ass.

Da ginn esou Saachen ofgeschafft, déi bei eisen Nopere schonn ofgeschafft sinn. Mir brauchen, wéi gesot, ëmmer meeschtens e bësse méi laang wéi anerer. Dat ass den Délai de viduité. Do gesäit een, wéi schéin déi franséisch Sprooch ass: Et hält een en Term, dee kee versteet, a wou déi Däitsch da muss laang Sätz maachen, fir dat selwecht dann ze erklären.

De Certificat médical verschwënnt. De gesetzleche Mindestalter fir d'Bestietnis gëtt gläichgesat tëschent Mann a Fra op 18 Joer, mat Exceptionsméiglechkeeten. Alles dat sinn, mengen ech, ganz nätzlech Bestëmmungen, déi mer eis hei ginn an déi effektiv aus eiser Législation sécherlech eng vun deene modernsten an Europa maachen, wann d'Chambre deem heiten Text zoustëmmt.

Här President, ech sinn um Schluss vu mengen Ausféierungen ukomm. Ech mengen, mir sinn um Punkt hei, eng wichteg Reform ze stëmmen, déi vu ville Leit erwaart gëtt, déi och weiderhi vun enger Rei vu Leit wäert contestéiert ginn. Ech mengen, dass d'Diskussioun an der Gesellschaft doriwwer sécherlech net mat der Debatt an dëser Chamber hei wäert zu Enn sinn.

Fir d'LSAP ass dës Reform vum Bestietnis, déi sech erëmispigelt am Artikel 143: «deux personnes de sexe différent ou de même sexe peuvent contracter mariage», den Ofschloss vun enger jorzéngtelaanger gesellschaftlecher a gesetzlecher Entwécklung. Ech mengen, mir sollte keng Angscht hunn, fir dee Schratt ze maachen. Dee Schratt ass einfach fälleg, a villen Ae vläicht souguer iwwerfällg.

Virun allem weisen awer och déi Experienzen, déi am Ausland gemaach gi sinn, eenzel Länner hunn deen dote Schratt jo scho viru knapp 15 Joer gemaach, dass all déi Befierchtungen, déi och haut elo un d'Wand gemoolt ginn, a kengem vun deene Länner komm sinn. A kengem vun deene Länner ass et zu deene Feelentwécklung kumm, déi haut eropbeschwuert gi vun de Géigner vun deem heiten Text! D'Abendland ass net ënnergaangen an Dänemark, a Portugal, a Spuenien, an all deene Länner, déi déi dote Reform gemaach hunn. An ech mengen och, dass de Gros vun de Lëtzebuurger prett ass, fir deen dote Schratt matzemaachen.

Well ech soen et nach eng kéier: Dat ass fir eis wichteg, an dat soll och dobausse gewosst sinn, dass mat där heiter Reform, mat all deem Ëmgeréits vun zousätzleche Moosnamen, déi an de Code civil hei integréiert ginn, dass dës Reform net wäert dozou féieren, fir d'Famill an d'Bestietnis ze schwächen, mä am Géigendeel, si wäert d'Famill an d'Bestietnis stäerken a gläichzäiteg och eng bestehend Diskriminatioun ausschalten.

D'Bestietnis gëtt opgemaach fir Männerkoppelen, fir Fraekoppelen. Falsch Bestietnisser gi méi staark kontrolléiert. D'Rechter vun de Kanner bleiwe garantéiert.

Mir sinn der Meenung, dass dat heiten e gudenden Dag fir Lëtzebuerg ass. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Bodry. Nächst ageschriwwer Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng Fraktioun wäert mat Freed dës Projet de loi stëmmen, well de Mariage pour tous ass eng Fuerderung vun der grénger Partei, säit et se gëtt. De Mariage an d'Adoptioun fir all Koppele stoungen nach ëmmer an onse Wahlprogrammer. Mä et ass och fir mech perséinlech, muss ech och hei zouginn, e ganz emotionelle Moment, fir kënne den Positioun, dës gréng Positioun ze verrieden.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Net zulescht, well d'Afféiere vun dëser Gläichheet respektiv d'Ofschafe vun dëser insoutenabeller Diskriminierung vun zwou Léiften tëschent zwou Persounen fir mech perséinlech ëmmer e grousst Uleies wor.

Et ass e wichtige Moment fir all déi Koppelen, fir déi dës Richtegstellung an onser Gesetzgebung wichteg ass, fir datt si och elo endlech kënne de Wee an d'Gemeng fannen, net nëmme fir e Pacs ofzeschleissen, mä grad wéi jiddwereen an onser Gesellschaft sech och kënne ze bestueden.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och, wann net virun allem, e grouse Moment fir déi ganz Gesellschaft, fir ons alleguerten, well et ass e Changement fir ons Gesellschaft, e Changement, wéi d'Gesellschaft mat Diversitéit ëmgeet. Eng Gesellschaft iwwregens, déi scho méi laang prett dofir ass an déi op Politiker a Politikerinne gewaart huet, déi op de Législateur gewaart huet.

An et ass och vu Bedeutung, datt dës Projet de loi mat enger gréisstméiglecher Majoritéit gestëmmt gëtt, well esou e wichtegt Gesetz verdéngt e grouse Konsens.

Zwee Ministeren, zwee Kommissiounspresidenten, mä een eenzege Rapporteur: De Rapporteur verdéngt net nëmmen Unerkennung, well hien e perfekte mëndlechen a schrëftleche Rapport presentéiert huet, mä virun allem, well et vill him ze verdanken ass, datt all Parteien, bis op eng kleng Sensibilitéit, dësem Projet wäerten zoustëmme.

An dofir am Numm vun der ganzer grénger Fraktioun, Här Paul-Henri Meyers, en häerzleche Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Ech wëll hei net op déi verschidden Avisen agoen, well déi schonns ebe vum Rapporteur

explizit presentéiert an och erkläert gi sinn. Vill méi wëll ech op e puer essenziell Punkte vun dësem Projet de loi agoen.

An Europa ginn et mëttlerweil zéng Länner, déi de Mariage homosexuel agefuert hunn, an et ginn zousätzlech néng Länner, dorënner och Lëtzebuerg, déi de Moment e Pacs fir all Koppel agefuert hunn. 2001, dat war d'Joer, wou fir d'Éischt souwuel de Mariage fir homosexuell Koppelen eng éischte kéier agefuert ginn ass, dat an Holland, an och de Pacs fir homosexuell Koppelen agefuert ginn ass, dat war an Däitschland.

Dës gesellschaftspolitesch Ännerunge sinn d'Resultat vu laangjähregen Debatten an Diskussiounen, souwuel an der Gesellschaft, a wëssenschaftleche Kreesser, a philosophesche Kreesser wéi och méi spezifesch an der Politik.

Oder muss ech vläicht soen „Errongenschaft“? Well, wéi vill gesellschaftspolitesch Themen huet och den Homomariage sech misse mat enger Rei vun Ofwier, Ängschten oder Zweifelen ausenansetzen. Nach virun enger Generation wor Homosexualitéit en Tabu. An de viregte Generatiounen war Homosexualitéit fir déi eng eng Krankheet, déi huet misse behandelt ginn, a fir verschidden anerer eng Doudsënn, fir net ze soen e Verbiechen.

An obwuel ech dem Här Bodry recht ginn, datt d'Kierch hei zu Lëtzebuerg sech eenegermoosse roueg verhalten huet, ass et awer esou, datt d'Kierch ëmmer repressiv mat der Homosexualitéit ëmgaangen ass. A wann ee weess, wat fir eng Muecht d'Kierch nach iwwert déi viregt Generatiounen hat, Muecht iwwert d'Leit, well se d'Ängste vun de Leit mëssbraucht huet, da kann ee verstoen, datt et vill Zäit gebraucht huet a vill Opklärung, fir dës Ängscht Sachlechkeet entgéintzesetzen.

Duerch all dës Zäite woren déi concernéiert Persounen enger klorer Diskriminatioun ausgesetzt, enger Diskriminatioun, déi verhënnert huet, unzëerkennen, datt homosexuell sinn e Recht ass. Et huet also vill Iwwerzeegungs- an och Opklärungsarbecht kascht, eng ganz Generation laang, fir kënne an der Gesellschaft d'Rechter vun homosexuelle Mënsche gläichstellen. An et huet och vill Zivilcourage kascht vun homosexuelle Mënschen a Koppelen, fir sech ze ouden a fir hir an deenen anereren hir Rechte ze kämpfen. Ech denken, datt et haut och dofir richtig ass, hinnen all ons Unerkennung dofir auserichten.

An dofir ass et och falsch, wann ee seet, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt keng Debatt an der Gesellschaft stattfonnt huet... - Madame Presidentin, pardon! Dofir ass et och falsch ze soen, datt keng Debatt hei an der Gesellschaft gefuert ginn ass. Déi lescht Jorzéngten hu regelméisseg Debatten an der Gesellschaft stattfonnt iwwert d'Thema „gläich Rechte a gläich Flichte fir homosexuell Mënschen“ en général a fir homosexuell Koppelen eben an dësem Fall, an dëst op allen Niveaue vum gesellschaftleche Liewen.

A säit véier Joer, wou dës Projet de loi déposéiert ginn ass, gëtt och eng politesch Debatt gefuert, hei am Haus, mä och an der Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg. An trotzdem muss d'Opklärungsarbecht an Zukunft weider en Thema bliwen, well eng Rei vu Mënschen zu Lëtzebuerg kënne sech nach ëmmer net richtig virstellen, wat dës Ännerunge vun haut mat sech bréngen, a virun allem, wat se net mat sech bréngen.

Neen, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi geheie mir net all Wäerter iwwer Bord a mir loosse och net all Chaos zou am Kader vun der Erziung vun onse Kanner a mir institutionaliséieren och net nei perversen Formen vu Sexualitéit.

Mä jo, Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi institutionaliséiere mir gläich Rechte a gläich Flichte fir gläich Léiften. Mir erkennen offiziell eng nei Form vu Relatioun endlech un, déi et ëmmer ginn ass, mä déi bis nach viru Kuerzem net toleréiert war an déi munchmol och fir vill Misär a Malheur gesuergt huet.

Dofir eng éischt wichteg Konklusioun fir ons: Homosexuell Koppele kënne grad wéi heterosexuell Koppele vun enger wichtiger Institution Gebrauch maachen, wa si dat wëllen. Domadder kritt en Deel vun der Bevëlkerung Accès op e fundamentaalt Recht.

E wichtegt Thema an dem Mariage vu gläichgeschlechtleche Koppelen ass d'Adoptioun. Déi viregt Kommissioun, de Rapporteur huet et erkläert, déi viregt Commission juridique hatt decidéiert, den initiale Projet de loi an zwee opzedeeler respektiv d'Reform vun der Adoptioun an der Filiatioun onofhängeg vun der Reform vum Mariage ze considéieren. Dat war eng gutt Entscheedung, well mir esou déi wichteg Reform vun der Adoptioun an

enger nächster Phas mat der néideger Rou a lassgeléist vum Mariage kënne ugoen.

Datt dëst eng Prioritéit net nëmme vun der Kommissioun ass, mä och vum Minister, beweist de Fait, datt mir ons an onsem Planning virgeholl hunn, dës legislativ Aarbechte ronderëm d'Adoptioun an d'Filiatioun nach dëst Joer an der Commission juridique unzegoen.

Am Kader awer vum Adoptiounsrecht fir gläichgeschlechtlech Koppelen ass vill iwwert d'Adoptioun geschwat ginn. Mir begreissen ausdrécklech, datt schonns déi viregt Justizkommissioun op dee Wee gaangen ass, sous peine d'opposition formelle, fir sech um belsche Modell ze inspiréieren, nämlech keng Diskriminatioun fir d'Adoptioun ze maachen a fir gläichgeschlechtlech Koppelen déi zwou Adoptiounsformen gelten ze loosse.

D'Kanner an de Famillje sinn och en Thema bei den Initiateuren vun der Pétition publique „Schutz vum Kand“ gewiescht. Déi gréng Fraktioun huet eng Delegatioun vun dëse Pétitionnairen op hir Demande hin empfaangen, nom Prinzip, datt mir un all Austausch am Kader vun engem Projet de loi interesséiert sinn an d'Diskussiounen net scheien, och wa mir net enger Meenung sinn.

An eng Rei vu Bedenken deele mir och. Fir d'Éischt emol hu mir alle béid de Prinzip vum ORK gedeelt, datt et kee Recht op e Kand, mä nëmmen e Recht vum Kand ka ginn. Dëst zielt fir all Koppel, déi wëllt adoptéieren. Fir all Koppel! Dann deele mir och eng laangjäreg Fuerderung vum ORK, datt et muss méiglech sinn, datt e Kand seng biologesch Eltere ka kenneleieren. Och dat zielt fir all Koppel, déi wëllt adoptéieren.

D'Erkenntnis, datt et fir d'Kanner munchmol komplizéiert ka ginn am Fall vun engem Divorce oder am Fall vun enger Famille recomposée, kënne mir och deelen, mä dëst, nach eemol, zielt fir all Koppel, déi sech bestit an déi sech duerno trennt - wa se Kanner huet - respektiv eng nei Relatioun ageet. Bis elo hu sech just heterosexuell Koppele gescheet. Datt d'Jugendgericht munchmol traureg Biografie vu Kanner begéint, däss si mir ons och bewosst, mä nach erëm eng kéier zielt och dës Erkenntnis fir all Koppel mat Kanner.

D'Diskussioun iwwert d'Adoptioun u sech wäerte mer sécherlech nach féieren, wa mir iwwert d'Reform vun der Adoptioun schwätzen. Dofir wollt ech hei och just e puer Reflexiounen gemaach hunn, fir kloerzemaachen, datt et och fir d'Kand keng Diskriminatioun ass, e Kand vun enger homosexueller Koppel ze sinn. Et kann héchstens eng Stigmatisierung sinn, a fir eng Stigmatisierung ass eng Gesellschaft verantwortlech an net d'Elteren. Dat, iwwregens, gesi mir och am Avis vum ORK.

Eng lescht Remarque zu dësem Punkt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well et mech dach awer interpelléiert huet, wéi eng Argumenter munchmol ze héiere woren dës lescht Wochen am Kontext vum Kand en général a vum Schutz vum Kand am Milieu familial en particulier:

All dës traureg Beispiller vu Kanner a Jugendliche, déi sech doheem an der Famill net erëmfannen, deenen an der Famill Schued ugedoe ginn ass, sinn traureg Tatsaachen. Dës Beispiller awer grad elo a Relatioun ze setze mam Mariage homosexuel an dem Recht op Adoptioun ass en Affront! An et ass schlicht net der Realitéit entsprecheend. Gewalt, Mëssbrauch, Alkohol, Vernoléisegunge sinn e puer Ursaachen, déi vill Misär an de Famillje bréngen - et ass schonn hei gesot ginn - an e Kand och hënneren, fir sech ze entfalten. Dofir, wa mir iwwer Kannerrechter an de Schutz vun de Kanner schwätzen, da kommt, mir nennen déi richtig Ursaachen an déi richtig Auteurs vun dësen Dramen!

Dofir ass fir ons déi zweetwichtigst Konklusioun: D'Wuelsen vun engem adoptéierte Kand an enger Famill hänkt vum éierleche Verhale vun de Familljememberen of a virun allem vum éierleche Verhale vun den Elteren. D'psychesch Gesondheet vun engem adoptéierte Kand hänkt dovunner of, datt dat Kand an der Wourecht opwiisst, an net dovun, ob d'Elteren homosexuell oder heterosexuell sinn.

► **Une voix.** - Richtig.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Des Weideren ass och richtigzustellen, datt, wa manner Kanner aus dem Ausland zur Adoptioun fräigi ginn, dëst a kenger Hisiicht eppes mat de verschiddenen Ziler vun dësem Projet de loi ze dinn huet, notament dem Fait, datt mir de Mariage an d'Adoptioun fir d'homosexuell Koppelen opmaachen. Eng Rei vu Länner hu mëttlerweil d'Convention de La Haye ratifizéiert, an dozou gehéiert och, datt d'Kanner prioritär am eegene Land solle bliwen. Dat ass an onsen Aen och richtig an och gutt esou. Et gëllen also keng nei Regeln an déi, déi be-





stinn, hei oder am Herkunftsland, si fir jiddwer-een déiselwecht.

An dofir fir ons déi drëtt wichteg Konklusioun: Et besteet also keen Amalgam tëschent Mariage homosexuel a manner Kanner fir d'Adoptioun.

Sécherlech ass de Mariage pour tous, deen elo agefouert gëtt, ee vun deene wichtigste Punkten aus dem Gesetz. An trotzdeem sinn déi aner Annerungen net onbedeitend, loin de là! Zum Beispill, den initiale Projet de loi 5908, deen elo an dësem Projet de loi mat integréiert gëtt, regelt méi strikt de Mariage simulé, de Mariage blanc oder Mariage de complaisance, deen e Mëssbrauch vun der Institutioun Mariage ass, fir vun Avantagen duerch de Mariage ze profitéieren. Mä virun allem regelt en och méi strikt de Mariage forcé.

D'Prozeduren, déi zréckbehale gi sinn, sief et vum Officier de l'état civil iwwert de Buergermeeschter bis bei de Procureur, dee méi Pouvoir kritt, grad wéi déi nei penal Mesuren ënnerstëtze mir Gréng ausdrécklech.

De Mëssbrauch vum Mariage, fir vun engem Advantage ze profitéieren, an de Gebrauch vu Gewalt, vun Drohung oder vun Drock, fir e Mariage ze vollzéien, si souwuel strafbar wéi och Sujet fir eng Annullatioun.

E weidere wichtige Punkt fir ons ass d'Gläichstellung vu Mann a Fra, wat den Âge légal vum Mariage ubelaangt. En principe muss och elo eng jonk Fra groussjähreg sinn, dat heescht 18 Joer hunn, fir sech ze bestueden, grad wéi e jonke Mann. An dëst ass fir ons grad wichteg, well et oft eng Parallell gëtt tëschent dem Mariage forcé an der Mannerjähregkeet vun der Fra.

Mat dësen zwou neie Mesurë ginn d'Rechter vun der Fra besser considéiert, voire an dësem Fall souguer protégéiert. Et gi wuel Dero-gationen dozou, mä och dës ginn, wéi et vum Rapporteur erkläert ginn ass, méi strikt reglementéiert. Et ass elo um Juge des tutelles, a mir denken, datt dat och déi richteg Persoun ass, fir d'Motifs graves ze definéieren an der jonker, mannerjähreger Fra gegebenfalls och eng gewëssen Autonomie vis-à-vis vun hiren Elteren ze garantéieren. Mir begrëssen dës nei Prozeduren, grad wéi datt se iwwert de Biais vum Juge des tutelles ofgewéckelt ginn.

Dofir, déi véiertwichtigst Konklusioun fir ons: D'Institutioun vum Mariage gëtt esou reforméiert, datt en Abus vum Gebrauch vun dëser Institutioun engersäits méi schwierig gëtt an anerersäits méi strikt bestrooft gëtt, an d'Kontrollmechanismen dofir gi verstärkt.

Fënnf Konklusioun fir ons ass, datt d'Rechter vun der Fra an de Schutz vun der mannerjähreger Fra renforcéiert ginn, doduerch eben, datt den Âge légal fir eng jonk Fra och endlech op 18 Joer gehewee gëtt.

Déi zousätzlech Adaptatiounen, déi an d'21. Jorhonnert gehéieren, wéi zum Beispill, datt eng gescheete Persoun oder Wittfra net méi muss waarden, fir sech erëm dierfen ze bestueden, datt deen Examen prénuptial net méi obligatoresch ass, oder eben, wat schonn oft hei genannt ginn ass, datt de Beruff vun de Conjointen net méi am Acte de mariage steet, kënnen mir nëmme begrëssen. Et beweist jo och, wéi néideg déi Reform och op deem Niveau war.

Schlussendlech muss och ervirgehewee ginn, datt dës Reform eng riseg Erausforderung wor, fir déi verschidde bestehend Texter ze adaptéieren an de bestehende Gesetzer, am Code civil, am Code du commerce, am Nouveau Code de procédure civile, an der Deuxième partie du Nouveau Code de procédure civile an am Code pénal. Do hunn net nëmmen d'Membere vun der Commissioun, dorënner och oder virun allem de Rapporteur, fläisseg mat dru geschafft, mä och déi zoustänneg „FunktionärInnen“ aus dem Justizministère an déi Sekretäre vun der Commission juridique. Hinnen all e ganz grouse Merci fir dës enorm Aarbecht!

An dann als jëtzeg Presidentin vun der Commission juridique wëll ech zum Schluss alle Membere vun der Commission juridique mäin häerzleche Merci och ausriichte fir déi äusserst positiv a konstruktiv Diskussiounen, déi mir während deene leschten Aarbechte vun dësem Projet de loi haten, well et ass extrem wichteg, an engem gesellschaftspoliteschen Dossier deen néidege Respekt vis-à-vis vum Anescht-denkenenden ze behalen. De Respekt virum Anescht-denkende wëlle mir iwwregens och als Gréng behalen, sief et fir d'Pétitionnaires, déi net déi néideg Zoustëmmung an der Bevëlkerung fonnt hunn, sief et och fir den Avis minoritaire vum Statsrot, dee vun zwee vu senge Memberen ënnerschrifft ginn ass.

Selbstverständlech - a vläicht gradesou gutt - kann ee bei gesellschaftspoliteschen Sujeten net, kann ee wahrscheinlech ni déi ganz Gesellschaft rassembleieren, mä et ass gradesou wichteg, datt déi politesch Responsabel et net

verpassen, d'Gesetzer de Besoine vun der Gesellschaft matzäiten ze adaptéieren.

Wat de Statsrot „réalité sociologique“ nennt oder den ORK eng „évolution rapide des mœurs“, dat sinn e puer Beschreibungen, déi ons, wann et dann nach néideg wär, irrémédiablement beweisen, datt mer net méi kënnen ons Gesellschaft no engem Code Napoléon aus dem Joer 1804 organiséieren.

An de Fait, datt mir haut praktesch à l'unanimité dëse Projet de loi stëmmen, ass, menge mir, e risegen, e risege gemeinsame Schrëtt no vir an der Gesellschaftspolitik vun dësem Land!

Selbstverständlech stëmme mir dee Projet, ech hunn dat schonn agangs gesot, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme la Présidente.**- Merci, Madame Loschetter, fir déi ganz flott Interventioun. Am Prinzip ass et elo u mir, mä vu dass de Président net do ass, géif ech vläicht soen, dass den Här Kartheiser virdru schwätzt.

(**Brouhaha général**)

Wien ass nach...?

(**Interruption**)

Ah, et ass gutt.

E kënnt, e kënnt.

(**Hilarité**)

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

► **M. le Président.**- Sou, Merci villmools fir d'Madame Presidentin. Madame Presidentin, ech ginn lech dann elo d'Wuert als Riednerin vun Ärer Fraktioun. D'Madame Simone Beissel huet d'Wuert. Merci.

► **Mme Simone Beissel (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, onse Statsminister Xavier Bettel sot a senger Regierungserklärung den 10. Dezember 2013: „Vertraue setze mir och an d'Mënsche selwer. Mir mengen, dass si selwer fir sech - an net anerer fir si - déi beschten Entscheidungen treffen. An et ass net un eis an u kengem soss, fir iwwert déi Décisiounen ze jugéieren. E modernt Land brauch en oppenen an toleranten Émgang mat deene Froen. E modernt Land garantéiert de Mënschen, dass si selbstbestëmmt a fräi decidéieren a liewe kënnen. An dofir wëlle mir och eng Politik vun der Ouverture am Beräich vun der Gesellschaftspolitik maachen. Mir wëllen den Droit de la famille moderniséieren, de Mariage opmaache fir gläichgeschlecht-lech Partnerschaften an hinnen och d'Méigle-keet ginn, fir kënnen Kanner ze adoptéieren.“

En ass nach virugefuer mat de Reformen, déi solle kommen, datt heescht a Saache Scheedungsrecht, Accouchement anonyme an Interruption volontaire de grossesse, déi Saachen, déi schonn initiéiert sinn an déi sollen an dëser Legislatur duerchgesat ginn.

De Projet de loi iwwert d'Reform vum Mariage ass also den Ufank vun enger ganzer Bandbreit vu Gesellschaftsreformen, déi dës Regierung an Ugrëff wëll huelen. Eng Partie, an dat ass scho bei de Virriedner ugeklongen, an ech soen hinnen och Merci, ass vun der viregter Regierung initiéiert ginn. An et ass elo un dëser Majoritéit, fir déi Reformen, déi ech elo grad opgezielt hunn, dann och duerchzesetzen an dëser Mandature.

Dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers, dee fir säi wuelbekannt Asaz wierklech scho seng Reputation huet, scho säit Laangem, wëll ech e ganz ausdréckleche Merci soen, well, wéi et scho gesot ginn ass, hien och ganz vill dozou bäigedroen huet, dass d'Diskussiounen ëm dëst dach wichteg, mä sensibelt Thema an der Commissioun ganz roueg a sachlech gefouert gi sinn. Ech wollt him och Merci soe fir säin exzellente schréfflechen a mündleche Rapport, aus deem jo erausgeet, dass mir haut nëmmen den Deel vum Mariage belichten an och wäerte stëmmen.

Den initiale Projet hat jo nach eng aner Approche, well et ass sougutt ëm de Mariage wéi ëm d'Adoptionsrecht gaangen, mä 2012 ass dann op Wonsch vun dem viregte Justizminister gesot ginn, et wär besser, en an déi zwee Projeten ze splécken: dee vun haut, dee mer elo prett hunn, dee mer haut elo amgaang sinn ze diskutéieren a wäerte stëmmen, an dee vun der Adoptioun, wat jo och e ganz sensibelen ass a wou bestëmmt nach Debatten iwwert de Fong wäerte gefouert ginn.

Well dat esou ass, hunn awer déi bestëmmten Instanzen, déi intervenéiert sinn, an och ganz vill Associatiounen, déi de Projet de loi iwwert d'Reform vum Mariage aviséiert hunn, d'Adoptiouns-fro trotzdeem an hire Gedanke bäibehalen an och aviséiert. Dat ass awer och legitim. Well ech mengen, wa mer eis d'Fro stellen, fir de Mariage opzemaache fir gläichgeschlechtlech Kop-

pelen, dann ass et ganz legitim, dass sech duerno direkt d'Fro gestallt gëtt: Jo, wéi geet dat da mat der Adoptioun? Well mir wëssen, dass klassesch, säit dem Code Napoléon vun 1804 ëmmer deen, dee bestuet war, och d'Recht hat, fir ze adoptéieren. An dofir sinn alleguerten déi Frostellungen, déi vu menge Virriedner an och haaptsächlech vum Rapporteur scho belicht gi sinn, ze verstoen a mussen och mat dem ganze Seriö behandelt ginn.

Während den Aarbechte vun der Commissioun an och am Intérêt vun enger gudder Légistique sinn also an dem Kader vun dem Projet vum Mariage och déi aner Dispositionen - an ech wëll dat nach ënnersträichen, well dat mécht ganz vill Sënn an enger Optik vu gudder legisla-tiver Aarbecht -, de Projet iwwer Schänehen, de Projet iwwert de legalen Alter vum Bestietnis an engem Projet de loi 6172A vereent ginn.

Am Kader vun den Aarbechten zu der Reform vum Divorce huet d'Commission juridique och decidéiert, iwwert de Projet den Délai de vi-duité ofzeschaffen, wat mer elo haut zréckbe-halen hunn. Den État civil, dat ass schonn ugekënnegt ginn, gëtt och moderniséiert, andeem eben d'Beruffer vun de concernéierte Leit net méi opgelëscht ginn. Dann ass nach gesot ginn, wat och Sënn mécht, dass de Certi-ficat médical prénuptial net méi eng Obliga-tioun ass, wann ee sech wëllt bestueden. Op déi Saache wëllt ech net méi agoen, well meng Virriedner hu se schonn zur Genüge belicht.

Här President, wann een d'Texter liest, déi an de leschte Méint, an ech géif souguer soe Joren, an net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä haaptsächlech och an deenen anere Länner produziéiert gi sinn iwwer gläichgeschlechtlech Koppelen, déi sech wëlle bestueden, da muss ee sech ëmmer d'Fro stellen, an dat geet aus den Texter eraus: Wéi ass et iwwerhaupt mat der Natur vun dem Mariage? Wéi ass et mat der Konzeptioun vum dem Mariage an der Evo-lutioun vun eiser Gesellschaft?

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens, dass d'Bestietnis ëmmer nach e Fundament vun eiser Gesellschaft ass. Et ass ëmmer traditionell gesot ginn, dass de Fortbestand vun dësel-wechter doduerch assuréiert gëtt, dass e Mariage tëschent enger Fra an engem Mann och Kanner ervirbréngt.

Op där anerer Säit si mer eis all bewosst, dass mer elo mussen der Evolutioun vun der heiteger Zäit Rechnung droen a mir als Legislativ gefuerdert sinn, fir Regelwierker ze maachen, déi ebe just der Evolutioun vun haut gerecht ginn. Dat alles trëfft selbstverständlech zou an dem Kader vun der heiteger Debatt.

Mir wëssen, dass mat der Evolutioun sech esou vill geännert huet. Mir hunn esou vill elenger-zéiend Elteren, Deelelteren, et gëtt ëmmer méi Patchworkfamilljen. Dat heescht, net nëmmen huet déi ganz Gesellschaft sech geännert, mä u sech ass d'Institutioun vum Mariage iwwer-haupt net méi déi, déi mer nach virun aller Zäit, ech géif soen, op d'mannst nom Krich, kannt hunn, a bis op d'mannst an d'70er Joren.

Wat mir e bësselche feelt an eiser Diskussioun, et ass zwar schonn ugeschwat gi vun där enger oder där anerer Säit, ass d'Notioun vun der Gläichberechtigung. An ech géif emol dofir ufänken, dass mer géife schwätzen iwwert d'Gläichberechtigung zwësche Fra a Mann. Déi huet besonnesch wat de Mariage ube-laangt, an de leschte Jorhonnerte jo eng enorm Evolutioun fonnt. D'Plaz vun der Fra an engem Mariage ass haut, ech géif soe glécklecherweis, net méi déiselwecht wéi fréier.

D'Institutioun selwer huet och eng grouss Evo-lutioun fonnt duerch d'Afféierung vum Mariage civil, do ass jo schonn de Mariage ganz demokratiséiert ginn. Well vergiesse mer net, an elo ginn ech wierklech an d'Geschicht, dass beim Konzil vun Trient am 16. Jorhonnert zwou grouss Komponente vun deem Mariage sou-guer an de Steen agemeesselt gi sinn: Op där enger Säit war et d'Notioun vum Kontrakt, dat heescht wierklech d'Relation juridique tëschent de bestuete Leit, an op där anerer Säit war et d'Notioun vum Sakrament. Déi sinn a Steng-tafelen agehummert ginn, an dann als Begleit-erscheinung, awer net als Komponent, war et d'Indissolubilité vun dem Mariage: „...bis dass der Tod euch scheidet, auf immer und ewig.“

Alleguerten déi Leit, déi déizäit net zu der réi-mesch-kathoulescher Kierch gehéiert hunn, duerfte sech iwwerhaupt net bestueden. Déi aner, déi sech bestuet hunn, ware fir ëmmer an éiweg gebonnen. Et huet mussen déi franséisch Revolutioun komme mat der Introduktioun vum Mariage civil den 20. September 1792, dann ass de Mariage säkulariséiert ginn. All No-tioun vu Sakrament ass ofgeschaaft ginn an dee Moment ass och den Divorce agefouert ginn.

Mir hunn also de Gläichberechtigungsgedan-ken an de Fräiheitsgedanke scho vun der fran-séischer Revolutioun un, op d'mannst a sen-

gem Ufanksstadium. An dat ass esou gemaach ginn, dass net d'Relioun ze vill konnt Afloss do-rop huelen. An trotzdeem, wa mer éierlech sinn a mir kucken, wou mer haut stinn, a mir kucken, wat fir e wäite Wee mir gemaach hunn an der Gesellschaft, mä och an dem ganze Fa-milljerecht säit 1804 - well d'Plaz vun der Fra jo haut awer glécklecherweis eng ganz aner ass!

De Jean-Marc Sauvé, de Vizepresident vum franséische Conseil d'État, seet, de Mariage wär, esou wéi dat sech historiesch duerstellt, opgebaut op d'Spigelbild oder als Spigelbild vun enger gewësser Konzeptioun vum Ordre social, deen op enger reng patriarchalescher Organisatioun opbaut. Doraus ergëtt sech d'Legitimitéit vun der Unioun an eng ganz hie-rarchesch Opdeelung vun de Rechter a Flichte vun de Membere vun der Famill. Den Arti-kel 213 - dee mir jo och an eiselem Lëtzebuerger Code hunn - vum Code civil vun 1804 seet dann och: «Le mari doit protection à sa femme, la femme obéissance à son mari». Klassesch Re-gelen, déi mir alleguerten als Juriste geléiert hunn a wou mer kucken, wéi d'Gesellschaft dann evoluéiert.

Da gëtt et nach besser, de Jean-Marc Sauvé in-terprétéiert de britesche Riichter an duerno De-putéierte William Blackstone, hie seet, an ech schwätzen dat awer am Kader vun der Konzep-tioun vum Mariage: «Blackstone l'a également souligné, mais non sans un certain humour, en écrivant que», haalt lech un, «par le mariage, l'homme et la femme ne forment qu'un seul corps, celui de l'homme.»

(**Hilarité et interruption**)

Eisen aktuelle Code civil gesäit a sengem Arti-kel 213 vir, dat ass jo deen, dee mer och ëm-mer liesen, wa mer d'Leit bestueden: «Les époux concourent dans l'intérêt de la famille à en assurer la direction morale et matérielle, à pourvoir à son entretien, à élever les enfants et à préparer leur établissement.» Dat ass jo ëm-mer déi klassesch Formel, déi elo u sech wäert ëmgeännert ginn, wou haaptsächlech den Term vun „époux“ duerch „conjointes“ wäert ersat ginn. Dësen Artikel ass praktesch deckungs-gläich mat dem Artikel vum heitege franséische Code civil.

E laange Wee vun 1804 bis zum Projet de loi vun haut, an e Wee, dee vläicht wichteg war, mä et ass gutt, dass mer haut déi Annerunge virhuelen, déi eiser heiteger Gesellschaft ent-sprechen.

An der Konzeptioun vun haut wëll ech nach ëmmer, nach eng Kéier, d'Valeur supérieure fir mech ënnersträiche vun der Gläichberechte-gung vun de Leit, déi an enger Koppel bestuet ginn. An dem Wee vun de Frae vun 1804 bis haut, wou ech jo gesot hunn, de Mariage ass scho moderniséiert ginn, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, an den Alex Bodry huet et scho gesot: E Meilesteen ass gesat ginn an de 70er Joren:

1972, wou de Chef de ménage ofgeschaaft ginn ass an d'Fraen endlech mündeg gi sinn, wou se net nëmmen „assistées“ an „autori-sées“ méi ware fir all Zorte vun Akten. Mä och ganz wichteg: 1974, wéi mer d'Reform vun de Régimes matrimoniaux duerchgezunn hunn, déi notament am Intérêt vun der bestueter Fra war, déi net geschafft huet, fir dass hir pa-trimonialem Interesse konnten ofgeséichert ginn, notament am Fall vun enger Scheedung. Dat ware ganz wichteg Meilesteng, wat d'Institu-tioun vum Mariage betrëfft, ier mer zu där vun haut kommen.

Mat deem Projet de loi, dee mer haut wäerte majoritär stëmmen, maache mer u sech näischt aneschtens, wéi erëm eng weider Etapp um Wee vun der Gläichberechtigung a vun dem Principe de l'égalité virunzekommen. A mir be-zéie gläichgeschlechtlech Koppelen hei mat eran an eis Iwwerleeungen, fir hinnen de Wee opzemaachen zum Bestietnis.

Et ass oft vu Leit gesot ginn, déi d'Valeur vun dësem Projet de loi ugeprangert hunn: Majo, brauche mer dat dann iwwerhaupt? Mir hu jo säit 2004 d'Partenariatsgesetz, do kënnen jo scho gläichgeschlechtlech Koppele sech esou gutt organiséieren, dass et praktesch parallel ass zum Mariage.

Neen, et ass net d'selwecht! Well, wat déi ganz Differenz mécht vum Mariage zu dem Partena-riat, dat ass ebe just den Akt selwer. D'Wichtig-keet, d'Formalitéit vun dem Akt, deen duerch de Mariage gesat gëtt a wou eis Gesellschaft dee Moment offiziell weist, dass mer wëllen de gläichgeschlechtliche Koppelen deeselwechte Stellwäert ginn an dem Mariage wéi den hete-rosexuelle Koppelen, wat e ganz grouse Sprong no vir ass an eiser Législatioun.





Här President, ech hunn am Ufank gesot, d'Fro vun der Adoptioun ass esou enk mat der Reform vun Mariage verbonnen, dass een dese Sujet och an der Debatt vun haut kann uschwätzen, ouni dass mer awer nach en Débat de fond wäerten haut hei féieren, deen an enger spéiderer Etapp op alle Fall nach muss gemaach ginn, well et extrem wichteg ass.

Adoption simple, Adoption plénière, et ass scho vill elo haut dovunner gesot ginn. Ech wäert net méi weider op all Detailler agoen. D'Diskussion war: Déi gläichgeschlechtlich Koppel, wat ka se? Am Ufank ass jo d'Regierung an och d'Commission juridique expresse verbis op eng Adoption simple agaangen, well ëmmer d'Iddi war, fir dass nach e Lien biologique mat egal wéi där enger oder där anerer Säit vun dem Kand kéint gehale ginn.

Dunn ass e Paradigmewissel komm, wou de Statsrot gesot huet: Halt, stopp, dat geet géint de Principe de l'égalité vum Artikel 10bis vun eiser Verfassung, a wa mer A soen, da musse mer och B soen. Wa mer de Mariage opmaache fir gläichgeschlechtlich Koppelen, musse mer hinnen all Rechter ginn an dee Moment eis net op d'Adoption simple limitéieren. Si mussen d'Recht hunn, fir d'Adoption plénière ze kréien. D'Commission juridique huet dee Paradigmewissel matgemaach an ass dunn och op de Wee gaangen, fir d'Adoption plénière also guttzeheeschen am Kader vun demsem Projet.

A kengem Zeenario - an ech wëll dat nach eng Kéier ënnersträichen, well et ass extrem wichteg an et ass jo och vu menge Virriedner ugesprach ginn - geet et hei drëm, enger bestueter, an hei elo gläichgeschlechtlicher Koppel en Droit à l'enfant ze garantéieren. Et geet ëmmer nëmmen ëm d'Droits de l'enfant. An et ass duerch laangjäreg Jurisprudenz, dass ëmmer geschwat gëtt vum „intérêt supérieur de l'enfant“. An aus allen Zeile vun deem Projet de loi kënnt en och eraus.

Et ass vum Conseil d'État an och op anere Plazen opgeworf ginn, wéi et sech da mat de Rechter vum Kand am Fall vun enger Adoption plénière an Zukunft verhalte wäert. Notamment wann e Kand - an dat kënnt ganz oft, wann e Kand e bestëmmten Alter huet - dann ufänkt, Froen ze stellen, wéi et sech mat senger biologeschen Originé verhält. Dat ass eng ganz sensibel a ganz wichteg Matière.

Ech mengen, mir kommen net do ronderëm, fir nach eng Kéier en Débat de fond iwwert déi Fro ze setzen, well fir de Moment hu mer do keng Recette miracle, fir ze kucken, a wat fir eng Richtung mer ginn. Mä dat ass eppes ganz Wichteges. Do ass och scho ganz vill Tënt gefloss an all de Länner ronderëm, bis do versicht ginn ass... Well do war et a Frankräich, do ass et an déi eng Richtung gaangen, do huet dat kee gutt Resultat bruecht. Do si se erëm amgaangen zrëckzeschrauwen. Mir musse kucken, a wat fir eng Richtung mir elo selwer ginn.

An dann nach eppes Wichteges: All Mënsch, all Koppel, wa se e Kannerwonsch huet an deem engen oder deem anere Moment vun hirem Liewen, muss sech jo d'Fro stellen, firwat se e Kand wëllen hunn. Dat ass bei deenen engen, déi e Kand wëllen iwwert den natierleche Wee kréien, eng grouss Fro, gradesou wéi bei deenen, déi e Kand wëllen adoptéieren. E Kand kréien, egal a wat fir engem Zeenario, ass ëmmer eng ganz grouss Responsabilitéit, an déi besteet bis zum leschten Otemzuch. Allequerten heibannen an déi baussent deser Chamber, déi Eltere sinn, wëssen dat ganz gutt.

Ech mengen, dass e Mënsch oder eng Koppel, déi wëllt e Kand adoptéieren, wat jo och en extrem wichtige Schrëtt ass, sech déi Fro - eng ganz déif Prise de conscience - mat aller Seriositéit muss stellen, well, wéi gesot, et ass eng Saach vu Responsabilitéit, mä et ass och eng Saach vu Liewensanstellung, fir sech de Kannerwonsch ze erfüllen.

An ech sinn och sécher, wann ech kucken, wéi dobaussen dat geet mat den Adoptiounen an deenen anere Länner, dass sech déi richteg Froe vun deene Leit gestallt ginn. An dat ass och richteg esou, fir dass alles bei senger Uerdnung bleift an dee Moment och am Intérêt vum Kand seng ganz Sécuritéit an de fräien Développement vu senger Personalitéit kënne garantéiert ginn.

Wann een also de Pour an de Contre, an dat si jo haaptsächlech d'Géigner vun de ganzen Adoptiounsméiglechkeete vu gläichgeschlechtliche Koppelen, wann een déi elo op d'Woleet, wéi gesot, kënnt een net do ronderëm, dass mer eis nach eng Kéier de Kapp zerbréchen, wéi mer dat wëllen ugoen, wann

d'Kand wëllt seng biologesch Eltere kennen, an d'Eltere selwer musse wëssen, wéi se sech dee Moment solle verhalten.

Ech ginn net méi op aner Dispositiounen an, déi nach am Mariage hei geännert ginn, déi extrem wichteg sinn, wou mer déi ganz Texter moderniséieren. Ech begrëssen et awer ausdrécklech, well dat ass eppes, wat mech ëmmer gestéiert huet, dass d'Fra sech konnt mat 16 Joer bestueden an de jonke Mann mat 18. Hei gëtt elo eng Uniformisatioun gemaach vun den Alteren. Dat ass och eng Saach fir d'Gläichberechtigung vu Mann a Fra an iwwerhaapt och bei gläichgeschlechtliche Koppelen, et soll all Mënsch déiselwech Konditiounen gestallt kréien.

Ech mengen, et ass och wichteg, well et gëtt eis ouni Problem d'Méiglechkeet, fir dee grouss Fléau - dee leider och zu Lëtzebuerg mat Momenter säin Onwiese gedriwwen huet - vun de forcéierte Mariagë kënne valablement ze bekämpfen, well elo eben haaptsächlech d'Meedercher groussjäreg sinn an do aner Méiglechkeete sinn, fir deem dann entgéintzewierken.

Mir setzen also haut, Här President, Dir Damen an Dir Hären, mir setzen haut ee ganz wichtigen Akt. Mir maachen dat am Bewusstsein, dass mir als Gesellschaft ons formell, offiziell a fräi dozou bekennen, dass all Mënsch déiselwech Rechter a Flichten huet an dat elementaart Recht huet, gläichberechtigt behandelt ze ginn.

Am Grondsazprogramm vun der Demokratescher Partei vun 2003 steet: „Wir glauben daran, dass, neben dem Individuum und der Gesellschaft, die Ehe und Familie schützenswerte Lebenszellen sind. Eine zeitgemäße Definition der Begriffe Ehe und Familie darf nicht allein von einer heterosexuellen Partnerschaft ausgehen. Ehe verstehen wir auch als eine vom Gesetz geschützte Lebensgemeinschaft, die unabhängig von dem Geschlecht der Partner existieren kann.“ Dat war 2003.

Konform zu deser Approche, konform och zu deser Regierungserklärung vun 2013, mat där ech ugefaangen hunn, finaliséiere mir haut eng weider Etapp um Wee vun der Gläichberechtigung, um Wee, wéi eng Konzeption mir dem Mariage ginn, also och, wéi eng Konzeption mir vum Zesummeliwwen an onser Gesellschaft hunn.

Ech mengen, mir kënnen als Gesellschaft dese wichtigen Akt, dee mir haut wäerte stëmmen, nëmmen ausdrécklech begrëssen. An an deem Kontext - an nach eng Kéier Merci un all déi, déi matgeschafft hunn un deem wichtige Projet, deen extrem breet gefächert ass - bréngen ech mat Freed den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Beisel. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, et gëtt Momenter fir Sachlechkeet an et gëtt Momenter fir Polemik. An ech versprechen lech, mat grousser Sachlechkeet lech eis Analys vun der Definitiou, dem Sënn an dem Zweck vum Bestietnis ze presentéieren an duerezeleën, firwat dat mir de Mariage fir homosexuell Koppelen an dat domat verbonnt Adoptiounsrecht oflehen.

Mä fir d'Éischt gestatt Der mer ee Moment vu Polemik, nämlech vu Polemik doriwwer, wéi hei am Haus ëmgaange gëtt mat Pétitionnairen. Et geet ëm d'Virgänger vun deene leschten Deeg betreffend déi Leit, déi d'Petitioun zum Recht vum Kand virgeluecht hunn.

Ech muss feststellen: Hei an der Chamber gëtt et ëmmer besser! No den Ukënnegungen duerch d'Gambia-Majoritéit vu méi Transparenz...

(**Interruption**)

...vu méi Transparenz, méi Demokratie a méi Biergerbedeelegung hate mer eng éischt Unhéierung hei an der Chamber vun de Pétitionnairen iwwert de Projet Tram. Woubäi „Unhéierung“ e falscht Wuert ass, well déi Leit goufen net ugehéiert, mä se goufen als Publikum mëssbraucht vum Minister Bausch fir seng Pro-Tram-Priedegt. Den Dag drop gouf de Projet an der Kommissioun duerchgebaatscht an déi Woch drop hei no Bulldozermanéier duerchgestëmmt.

De Pétitionnaire géint dat heite Gesetz blouf dat erspuert, well schrëftlech Ënnerschrëften net als equivalent zu elektronischen Ënnerschrëften ugesi ginn. Ausgerechent bei engem Projet, deen an der Fënster als Antidiskriminierungsprojet argumentéiert gëtt, gëtt diskriminéiert! Et ass fir mech eng kloer Altersdiskriminatioun, wa Leit, déi ebe kee Computer hunn oder net esou gutt mat Internet kënnen ëmgoen, sech net un enger Petitioun hei an

der Chamber dierfe bedeelegen an net dierfen hir Meinung zum Ausdrock bréngen.

Jo, d'Saache verbessere sech hei an der Chamber, well deene Bierger ass erspuert bliwwen, wat deenen anere geschitt ass, nämlech hei als Statiste vun enger Pseudobiergerbedeelegung op gutt Lëtzebuergesch gesot „veraascht“ ze ginn!

No der Ruinéierung vun der Biergerbedeelegung gëtt dann elo déi wichtegst Institutioun vun eiser Gesellschaft, de Mariage, ruinéiert. Den Term „Mariage“ gëtt usurpiert, fir wiesensfriem politesch Fuerderungen duerchzusetzen. D'Wuert an d'Saach ginn hires Inhalts beraubt!

An elo kënnt d'sachlech Analys. Wat ass de Mariage? De Mariage, d'Bestietnis gëtt et säit Urzäiten a gouf et scho laang, éier et eis parlamentaresch Demokratie gouf. Duerfir, Här Gloden, ass en och vill méi al wéi 200 Joer, de Code civil. An Urzäiten huet de Mënsch festgestallt, datt de Mariage déi richteg Grondzell vum mënschlechen Zesummeliwwen ass. De Mariage, d'Famill, huet e friddlecht Zesummeliwwen vun de Mënsche garantéiert an d'Erhalen an d'Entwécklung vum Mënsch an enger Zivilisatioun erméiglecht. D'Wuert selwer kënnt vum latäineschen „Mater“, Mamm. Dat däitscht Wuert „Ehe“ kënnt vun dem alhéichdäitschen „ēwa“, den „befriedete Raum“ an enger Gesellschaft.

De Mariage ass eng Institutioun, an net, wéi den Här Rapporteur gemengt huet, e simpele Vertrag. Et ass eng Institutioun, déi d'Keimzell ass vun eiser Gesellschaft. Si soll dem Intérêt général dengen an net engem Intérêt particulier. Ëmmer goug et drëm, Kanner d'Liewen ze schenken, se grouss ze zillen, kuerz, eng Famill ze grënnen.

Den Anthropolog Claude Lévi-Strauss huet de Mariage beschriwwen als den «socle pratique universel de la famille; la famille fondée sur l'union socialement approuvée de deux individus de sexes différents, qui fondent un ménage, procèdent des enfants, phénomène pratiquement universel présent dans tous les types de sociétés. Les époux sont des individus de sexes différents et la relation entre les sexes n'est jamais symétrique.»

Mäin zweete Punkt: Firwat ass de Mariage och haut nach wichteg an eiser Gesellschaft? D'Famill, déi dem Mariage entspréngt, ass d'Verbindung tëschent de Generatiounen. Ouni si géif et just méi jonk a méi al Individue ginn. Mat hir gëtt et Elteren, Grousselteren, Urgrousselteren, Monnien, Tattaen, Kosengen a Cousinen.

De Mariage ass gekennzeechent vu géigesäitege Flichten, wéi sech géigesäiteg ze hëllefen a bäizestoen, mä och a virun allem dem Versprechen, beieneenzebleiwen a sech trei ze sinn a gudder wéi a schlechten Zäiten. D'Bestietnis ass virun allem och dat: eng Institutioun, déi op Fidélitéit opgebaut ass, eng Pflicht, déi och eise Code civil a sengem Artikel 212 festhält. An och dat heite Gesetz geet un deen Artikel net frëckelen. Mä et ass bezeechnend, datt ee Member vun der juristescher Kommissioun gemengt huet, dat misst een de Bräiterscheit beim Bestietnis awer elo net wierklech virlesen.

Jo, Dir hutt recht, et ass hei gesot ginn, vill Famillje scheitern, vill Mariagë scheitern. An eng vun deenen heefegsten Ursaache vun deem Scheitern ass ebe just de Broch vun deem Treiegelöbnis. Anstatt also klunge Kanner schonn am Virschoul- oder Primärschoulalter Sexualunterrecht ze ginn an hinne bäizebréngen, hiert Geschlecht wier dobäi zweetrangeg, muss een eiser Meinung no nees Wäerter vermëttelen: Wäerter vu Responsabilitéit, vu Verantwortung, Treiheet a vun der Freed, déi eng intakt Famill bedeit fir d'Partner, fir d'Kanner a fir d'Kandskanner. Duerfir muss an eisen Aen de Stat, musse mir heibannen nei Gesetzesinitiativen huelen, déi déi Famill schützen a fërderen, an dat grad a méi schnellen a leider och méi belibegen Zäiten.

Eiser Meinung no gëtt haut hei genau de Contraire gemaach. Datt eis nei Regierung eng Aart Antifamilljeregierung ass, huet se schonn ugekënnegt, vum Ofschafe vun der Mammereint iwwer d'Kierzung vu Familljenzoulage bis hin zu där a mengen Aen onsäglecher Ausso vun der Antifamilljeministes, mir bräichte keng natalistesche Politik méi, mir hätte jo genuch Zouwanderung. Domadder widderpricht dës Regierung der Evidenz, datt eis Bevëlkerung vereelt a mir eng Alterspyramid hunn, déi um Kapp steet.

Erlaab engem Riedner vun der gudder aler Reantnerpartei, sech seriö Gedanken ze maachen doriwwer, wien eng Kéier all deene Leit hir Rente soll bezuelen, déi haut cotiséieren, wa mer keng natalistesche Politik méi wëlle maachen. An dat Ehe-Ofschafungsgesetz vum heitegen Dag setzt deem Ganzen a mengen Aen d'Kroun op.

Woumat mer bei déi méi kruzial Fro kommen, drëtte Punkt: Firwat sollte gläichgeschlechtlich Koppele sech net bestueden dierfen? Eng Institutioun, déi als erkläertent Zil huet, fir Kanner ze procréieren, firwat soll déi ugewannt ginn op Leit, déi per definitionem keng Kanner procréiere kënnen? Ech fannen dat absurd an onerkläerlech! Wéi kënnt e Mënsch op déi Iddi? Et gëtt argumentéiert mat Diskriminatioun, mä ech denken, dee wierkleche Motivationsfaktor ass d'Ideologie vum Gender mainstreaming. Gender, dat sougenanntent „sozialt Geschlecht“, am Géigesaz zum biologeschen.

Dese politesche Wëllen huet sech international zur Aufgab gemaach: eng verpflichtend statistesch Gläichheet tëschent Mann a Fra an alle Bëraicher, mütterlech an elterlech Erziéung ofwäerten an de Kanner duerch staatlech Erziéung méiglechst fréi arieden, si hätte kee Sexe am Sënn vu männlech a weiblich, an jiddwereen, deen de Contraire seet, schwätzt vu Geschlechterstereotypen. D'Kanner gi gegendert! A fir déi Ideologie ass dat faktescht Ofschafe vum Bestietnis duerch eng Ermeitigung - an näischt aneschtens geschitt hei - e weidere Schrëtt an eng gegendert, gemainstreamt Gesellschaft.

Mä Dir hutt recht, dat plakatiivt a virgeschobent Argument fir den homosexuelle Mariage ass net den Gender mainstreaming, mä eng behaupt Diskriminatioun vu Schwulen a Lesbe par rapport zu Heterosexuellen. Oder eng Fro vu Respekt, oder eng Fro vu „Léift unerkennen“. A mengen Aen ass dat e falscht Argument. Et dierf een homosexuell sinn an eiser Gesellschaft, et dierf een zesummeliwwen, an déi Partnerschaft ass och haut scho gesetzlech geregelt, wann een dat da wëllt. Et gëtt fir mech kee juristesche Grond, d'Institutioun Mariage opzemaachen.

A genau dat huet och den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter a sengem Uerteel vum 24. Juli 2010 festgehalen. Näischt aneschtens! Den homosexuelle Mariage ze refuséieren, heescht kengesweegs géint homosexuell Leit ze sinn, hir Léift wëllen ze verbidden oder kee Respekt ze hu virun där Léift. Si emfanne bestëmmt eng echt Léift fir hir Partner. Mä de Stat ass net Riichter iwwer Gefiller! Hien organiséiert d'Zesummeliwwen no objektive Kriterien, an net nom Zeitgeist oder no der jeeweileger Gefillslag an der Gesellschaft.

Ech weess och net, ob de Mariage wierklech déi Institutioun ass, déi eng Majoritéit vun Homosexuellen iwwerhaapt wëllt. Ech hu ganz vill schwul Frënn. An déi seite mer, déi allermeescht vun hinnen, si gëfen net wëllen en Treueschwur ofginn, deen zum Mariage gehéiert.

(**Brouhaha**)

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Jo, och Heteroen...

► **M. Roy Reding (ADR).** - Ech hu mer geduecht, datt ech hei géif ënnerbrach ginn. De Volker Beck, parlamentaresche Geschäftsführer...

► **M. le Président.** - Neen, neen, Dir gitt net ënnerbrach. Ganz sécher net!

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci. Merci, Här President!

► **M. le Président.** - Voilà.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci. De Volker Beck, 2011 parlamentaresche Geschäftsführer vun deene Gréngen, sot an enger Publikatioun: „Wenn man darauf hofft, die Schwulen zu treuen Ehepartnern zu machen, muss und wird die schwule Beziehungsrealität den Gesetzgeber enttäuschen.“

Mä et geet jo bei Wäitem net nëmmen ëm déi bestuete Leit, et geet och ëm d'Kanner, woumat mer beim véierte Punkt wieren: d'Roll vum Kand an deem Ganzen. Duerch dës Gesetz gëtt elo gläichgeschlechtliche Koppelen erlaabt, e staatlech unerkannt Bestietnis anzegoen, mat alle Konsequenzen, inklusiv engem vollen Adoptiounsrecht. Et kann ee soen, mir erlaben homosexuelle Koppelen d'Adoptioun, also kënne se elo eng Famill grënnen. An dobäi geet et net nëmmen ëm d'Stéifkanneradoptioun, déi oft an d'Feld gefouert gëtt. Neen, et muss en Adoptiounsrecht si pour tous, e Recht op e Kand am Géigesaz zum Recht vum Kand!

An a mengen Aen huet e Kand d'Recht op e Papp an eng Mamm, se ze hunn a mat hinnen opzewuessen. Déi besch Plaz, wou e Kand kann opwuessen, ass seng natierlech, biologesch Famill. A défaut bei Adoptivelteren. E Kand an eng homosexuell Koppel ze ginn, heescht fir mech näischt aneschtens, wéi vermeintlech Rechter vun enger erwuessener Minoritéit op e Kand iwwert d'Wuel vum Kand ze stellen. Dat ass meng Iwwerzeegung!

Et ass och meng Iwwerzeegung, datt dat heiten net dee leschten Akt ass vun Attack op eis Famill als Grondstee vun eiser Gesellschaft.





Souguer déi éierlechst Verfechter vum homosexuelle Bestietnis ginn zou, datt op laang Siicht och fir aner sexuell Virleiften de Mariage nécessairement opgemaach gëtt: Polygamie, Polyandrie, Polyamorie.

Effektiv, wa mer de Mariage, d’Famill net méi definéieren als e Bond tëschent Mann a Fra an der Perspektiv, Kanner ze kréien, mä als eng staatlech Unerkennung vu sexueller Virleiften, dann dierften och zwou Frae mat engem Mann oder zwéi Männer mat enger Fra e Bestietnis agoen. Émsou méi, wa mer de Prinzip vun der Treiheet verschwanne loosse. Och gesetzlech reglementéiert an domat unerkannt Praktike wéi Leihmutterschaft, Fremdbefruchtung, et ass haut jo scho genuch driwwer geschwat ginn, sinn d’Konsequenze vun esou enger Politik.

Ech komme schonn zum Schluss, ech erlëisen lech, mä ech wollt awer net schlëssen, ouni eng faszinant Ëmfro vun der britescher Zeitung „Telegraph“ ze zitieren.

### (Interruptions)

Här Bodry, lauschtert no, elo léiert Der eppes.

► **Une voix.** - Dat ass awer keng Referenz.

### (Interruptions et hilarités)

► **M. Roy Reding** (ADR).- Déi britesch Zeitung „Telegraph“ huet 1.600 Kanner ënner zéng Joer gefrot, wat si géifen änneren un der Politik, wa si Kinnek oder Kinnigin wieren a si dierften ee Gesetz erloossen. A wat mengt Der, wat d’Majoritéit vun deene 1.600 Kanner ënner zéng Joer gesot huet?

### (Interruption)

„Ban divorce, ban divorce“, verbitt d’Scheidunggen. Kéinte Kanner hiert Leed an hir Angscht, awer och hir Freed, an enger richteger an intakter Famill ze liewen, besser erausjäizen? Duerfir seet meng Partei klipp a kloer a geschlossen: Mir brauchen „Family mainstreaming“ an net „Gender mainstreaming“! Mir wëlle Gesetz fir d’Famill an net géint d’Famill! An duerfir lehne mir dat hei Gesetz of.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Näischt verstanen!

► **M. le Président.**- Merci. Deen nächste Riedner ass den Här Justin Turpel, deen um Wee ass. Här Turpel, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- Merci, Här President. D’Geschicht vun alle Gesellschaften, Här Bodry, ass d’Geschicht vu Klassekämpf. Dat hu gesot, Dir wësst et, Marx an Engels 1874 als Aféierung zu deem, wat nach haut bekannt ass ënnert dem „Kommunistesche Manifest“. A mat Klassekämpf menge se d’Auseanersetzung zwëschen Ënnerdréckten an Ënnerdrécker. Och haut hu mer nach eng Gesellschaft vu soziale Klassen, an d’Ongläichheeten huele souguer ëmmer méi zou!

Mä wourop wëll ech eraus? Och haut ass de gesellschaftleche Fortschritt e Resultat vu sozialen Auseanersetzungen, Mobiliséierung vum Ënnerdréckten, Konflikter, Oplehnung a Kämpf, an net, wéi dacks gemengt gëtt, virun allem vu schlaue Leit, mä vu soziale Mobiliséierungen. Och d’Gläichstellung vun Homosexuelle bei Bestietnis an Adoptioun ass e Resultat vun deene Mobiliséierungen.

Iwwerhaupt bleift de Kampf fir gläich Rechter eng vun deene wichtigsten Auseanersetzungen vun der heiteger Zäit, an zwar esou laang, wéi et där sozialer Ongläichheete gëtt. Et bleift e permanente Kampf. Wat haut unerkannt ass, war et gëschter nach laang net. Et kéint ee vill Zitater fannen, wou mer erkläert kréien, firwat datt Frae kee Führerschäi solle maachen, well se net Auto kéinte fieren. Et kéint ee vill Zitater fannen, wou Gesetzter motivéiert gi sinn domadder, datt Frae kee Bankkonto dierften opmaachen a firwat, oder keng Lounaarbecht unhuelen, wann de Mann hinnen dat net erlaabt. An där Beispiller kéint een eng ganz Rei soen.

Mä och am Fall vun der Gläichstellung vun Homosexuelle bei Bestietnis an Adoptioun ass et esou, datt mer nodréiglech am Fong geholl d’Gesetz upassen un dat, wat déi gesellschaftleche Entwécklung scho laang mat sech bruecht huet. Mir consacréieren am Fong geholl am Gesetz, wat scho laang eng Realitéit ass. An ech muss awer soen, dee Prozess ass awer nach laang net ofgeschloss!

D’Gläichbehandlung vu Mann a Fra ass net realiséiert. Déi ass net ofgeschloss, weder an der Erziehung nach am Berufsliewen nach an der Gesellschaft. D’Diskriminierung vun homosexuelle Koppelen ass net ofgeschafft. Mir brauchen nëmmen ze kucken, wat et vun Homophobie gëtt, vu Stigmatisierung vun Kanner vun homosexuelle Koppelen, an all déi Argumenten, déi an déi Richtung kommen.

An och d’Diskriminierung vun Homosexuellen iwwerhaupt ass net ofgeschafft. An dobäi sinn aner Froen, déi mer iwwerhaupt emol nach net

gebührend behandelt hunn, wéi déi vun den Transsexuellen, déi och diskriminéiert sinn, an och d’Recht hunn, datt d’Gesetz ugepasst ginn u gesellschaftlech Realitéiten.

Dozou gehéiert och d’Roll vum Sexe am État civil, deen e Stellwäert huet, dee vill ze vill grouss ass an deen ee muss carrément a Fro stellen. Esou wéi mer bereet sinn, de Beruff vum Conjoint a Fro ze stellen, muss mer och bereet sinn, de Stellwäert vum Sexe am État civil a Fro ze stellen. Esou wéi mer iwwerhaupt d’Roll vun der Famill als eenzeg unerkannt Liewensgemeinschaft vill méi staark mussen a Fro stellen an aner Forme vun Zesummeliewen och gesetzlech weider stäerken an ausbauen.

Ech weess, an den Här Reding huet eis et jo virun dokumentéiert, et gëtt ëmmer erëm Leit, déi all Fortschritt wëlle bremsen an deenen hiert Wielerkapital souguer d’Bremse vum gesellschaftleche Fortschritt ass, mä dat wäert de Fortschritt net ofhalen, an déi Auseanersetzungen och net, déi dozou nach wäerten an Zukunft néideg sinn.

Ech hunn och der Initiativ „Schutz fir d’Kand“, wéi se sech nennen, d’Fro gestallt, wéi mer gëschter mat hinnen zesumme waren, wéi vill Kanner da reng statistesch gesinn zu Lëtzebuerg mat hire biologeschen Elteren opwuessen a wéi vill datt der dat net maachen. A virun allem, ob déi da méi eng schlecht Erziehung hunn, déi net mat hire biologeschen Elteren zesummen opwuessen, wéi déi aner. Ech hat gehofft, ech krit eng Äntwert dorobber. Ech hu se awer net kritt.

Domadder wëll ech zu mengem zweete Punkt kommen, nämlech zu de Rechter vum Kand. Als Basis zu deem, wat ech soen, déngt fir mech en exzellenten Artikel, deen Der vläicht konnt d’lescht Woch liesen an der „woxx“, vum Psycholog, Familjetherapeut a Formateur Gilbert Pregno, dee leider nëmme gekierzt an der „woxx“ ofgedréckt war, mä awer trotzdem liesenswäert ass an deen ech mer a senger integraler Fassung besuergt hunn, well et wierklech derwäert ass.

Et gëtt keng, seet de Gilbert Pregno, pertinent Etüden, déi schlussfolgeren, datt homosexuell Koppele manner amstand wiere fir Kanner ze erzieie wéi anerer. D’Zesummesetzung vun der Koppel ass nëmmen eng Donnée vu villen, déi d’Erziehung beaflossen. D’Erziehung ass villméi ee komplexe Phenomeen, dee sech net op eng Variabel reduzéiere léisst. E Kand brauch stabel a kohärent Relatiounen, kloer Bezugspersonen, déi et halen, begleeden, stäipen. An et ass näischt wat seet, datt homosexuell Koppele dat net kéinte maachen.

Am Géigendeel, wat e Kand net brauch, si Ligen. An et gëtt vill Ligen an der traditioneller Erziehung, och an den heterosexuelle Familljen. E Kand soll nimools gesot kréien, et hätt zwou biologesch Mammen a kee biologesch Papp oder zwee biologesch Pappen a keng biologesch Mamm. Esou Lige brauch een eise Kanner net ze erzielen, an dat ass awer dat, wat ënnerstallt ginn ass an enger Rei Lieberbräiwer, déi mer a leschter Zäit konnten am Kontext vun dem gläichgeschlechtliche Bestietnis an der Adoptioun liesen.

Iwwregens stëmmt dat och, datt e Kand keng Lige brauch an der Adoptioun. D’Gebuertselteren an d’Erziehungseltere si meeschtens déi nämlech. An der Adoptioun net. Wichtig ass, datt d’Kand Zougang - a virun ass et och ugeschnidde ginn - kritt zu senger eegener Geschicht. Wichtig ass, datt d’Erziehungselteren him ee Moment d’Wourecht soen iwwert d’Herkunft vu senger Gebuertselteren. An och do gëtt et keng Differenz zwëschen heterosexuellen Elteren an homosexuellen Erziehungselteren, fir se elo emol esou ze nennen.

Mir wëssen och, et gëtt net nëmmen een eenzege Modell vun Erziehungsgemeinschaft; net nëmmen eng heterosexuell Koppel ass fäeg, Kanner zu mündeg Bierger ze erzieien. Haut geschitt dat a villen anere Formen. A schockéiert war ech, wéi mer vun der Initiativ „Schutz fir d’Kand“ gesot kritt hu gëschter, ech zitieren: „Wéi soll e Kand mat biologescher Mamm a Partnerin, déi net seng biologesch Mamm ass, zesummen ee Kader gi fir eng gesond Erziehung vun engem Kand, wat do net déi noutwendeg Bezugspunkte fanne kann?“ An domadder sollte mer kloergemaach kréien, datt eng heterosexuell Koppel iwwerhaupt net ka Kanner korrekt erzieien.

### (Interruption)

Homosexuell! Pardon. Natierlech! ...datt eng homosexuell Koppel iwwerhaupt net Kanner ka korrekt erzieien.

Wéi ech d’Fro gestallt hunn, wéi dat da wier bei enger monoparentaler Famill, hunn ech keng Äntwert kritt. Well do stellt d’Fro sech d’nämlech. An och monoparental Eltere si capabel, Kanner gradesou korrekt ze erzieie wéi heterosexuell oder homosexuell Koppelen.

Gradesou schockéiert war ech gëschter, wéi ech héieren hunn: Wat ass dann, wann eng lesbesch Koppel decidéiert, mat enger homosexueller Koppel zesumme Kanner ze maaachen? Dann hunn déi Kanner véier Elteren an aacht Grousselteren. Oh Schreck! Zitat: „Et féiert zu enger Situatioun, wou eng Sau hir Fierkelen net méi erëmfënnt.“ Zitat fäerdeg!

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- Majo, da maache se aachtmol d’Kommioun.

### (Hilarité)

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Aachtmol Kleeschen!

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- Mä ech wëll eppes aneschtens soen. Ech mengen, elo scho gëtt et Familljen, wou Kanner no Scheedung a Recompositioun sechs oder aacht Grousselteren hunn. Meng eegen Enkelkanner, an ech si stolz dorobber, hu sechs Grousselteren, an dat ass och gutt esou.

### (Interruptions)

Dat ass op jidde Fall besser...

### (Interruptions)

► **Mme Claudia Dall’Agnol** (LSAP).- Dat gëtt Sträit...

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- Neen, dat gëtt kee Sträit bei de Grousselteren, well et e Recht ass vun...

► **M. le Président.**- Loosst lech net ënnerbrechen.

### (Hilarité)

► **M. Justin Turpel** (déi Lénk).- ...well et e Recht ass vun Eltere vu gescheete Leit - vun de Grousselteren -, fir de Lien mam Kand ze halen. Och dat misste mer emol eng Kéier an eiser Législatioun consacréieren. Esou wéi et e Recht ass vun deenen neie Partner, déi Relatiounen ze hunn, déi wichtig si fir déi Kanner. An dat ass och gutt esou an op jidde Fall vill besser, wéi wa Koppelen zesummebleiwen, well se mengen, si missten zesummebleiwen, och wann d’Leift an d’Zesummenhalen an der gemeinsamer Erziehung vun de Kanner keng Roll méi spillen.

À propos „gär hunn“: Mir krute vun der Initiativ „Schutz fir d’Kand“ gesot, oder si mengen, d’Interesse vum Kand wier net eng Saach vu Léift, mä vu biologescher Ofstamung. Si hunn eis souguer gesot - an do fänkt et wierklech un, d’Moos vun Homophobie ze iwwerschreiden, déi absolut net tolerabel ass -, datt fir si ganz kloer wier, datt et an homosexuelle Koppele méi Fäll vu Mësshandlung vu Kanner géif gi wéi bei heterosexuellen Elteren. Dat sinn Affirmatiounen, déi muss ee ganz decidéiert zrëckwerfen, déi op iwwerhaupt kenge Fakte baséieren, mä déi wierklech, an ech gebrauchen et net gären: einfach wierklech platt rassistes Homophobie duerstellen!

Ech wëll nach op zwéin Aspekter agoen, déi sech an deem heiten Zesummenhang stellen, déi awer onbedéngt missten diskutéiert ginn. Dat eent ass dee vun der PMA, vun der kënschtlicher Befruchtung, fir et op Lëtzebuergesch ze soen. Den Erfinder vun der kënschtlicher Befruchtung, de Jacques Testart, dee mécht haut, oder an engem Artikel elo am „Monde diplomatique“ de leschte Mount, opmierksam op zwou Saachen: éischten, datt duerch d’kënschtlich Befruchtung an den industrialiséierte Länner an der Zwëschenzäit ronn fënnf Milliounen Kanner op d’Welt komm sinn, déi soss net hätte kënnen op d’Welt kommen. An och ënnersträicht en d’Berechtigung vun der kënschtlicher Befruchtung.

E weist awer och op d’Geforen hin. D’Geforen, déi mer schonn aus der Geschicht kennen, déi awer haut an enger industrialisierter Gesellschaft méi grouss sinn, déi vu Selektioun, vu Verbesserung vun der Mënschheet, vun der Rass. An den Testart seet, mir solle ganz gutt oppassen, fir den Ënnerscheid ze maache bei der kënschtlicher Befruchtung zwëschen medezinescher Noutwendegkeet a gentechneschen Tricken, fir gesellschaftlech Produktivkräften anescht entwëckelen ze loosse, dat an enger neoliberaler Gesellschaft, wou een alles fir Sue soll kënnen kréien a wou do grouss Gefore bestinn.

Ech ginn net an op d’Vergläicher mat der Déirewelt, well se mer einfach zewidder sinn, mä déi awer weisen, wat op där Ebene alles bei de mënschleche Wiese méiglech ass.

Mä ech wëll awer drop hiweisen - a firwat soen ech dat hei? -, ech wëll drop hiweisen, datt dat dote kee spezifesch Problem ass vun heterosexuelle Koppelen! Dat ass een allgemenge Problem! Dee stellt sech souwuel fir heterosexuell wéi fir homosexuell Koppelen. An dofir ass et wichtig, datt mer grad am Kader vun dëser Diskussioun keng falsch Diskussione féieren.

D’nämlech ass et iwwerhaupt mat den neie Reproduktionstechnologien an enger globalisierter Gesellschaft, wou ee sech allméiglech Zeenarie ka virstellen. Vläch hunn eng Rei Leit deen israelesch-indesche Film „Global Baby“, pardon, „Google Baby“ gesinn, vun 2009. An d’Realitéit ass déi, datt mer haut Industrien hunn, wou Frae wéi Sklave behandelt ginn, och hormonell behandelt ginn, fir während zwee, dräi Joer Kanner auszedroen, fir duerno hiren eegene Kanner mat deene Suen, déi se dofir verdéngen, iwwerhaupt en normaalt Liewen ze erlabe.

Mir hunn haut a Spuenien méi wéi 200 esou Kliniken. Mir hu Kliniken haut, net nëmmen a Russland an an der Ukrain, Zentre fir „mënschlech Produktioun“. A mir solle ganz gutt oppassen, et ass net nëmmen eng Fro vu Moral, mä och eng Fro vun Dignitéit vum Mënsch! An déi Froe solle gekläert ginn.

Mä wichteg ass et, datt déi Froe muss gekläert ginn onofhängeg vun der Diskussioun iwwer homosexuell Bestietnisser an Adoptiounen. Dat si Froen, déi op jidde Fall muss gekläert ginn.

D’nämlech ass et mat deem, wat virdu gesot ginn ass: d’Recht, seng Filiatioun ze kennen, seng biologesch Elteren ze kennen, och an der Adoptioun. Dat si Froen, déi muss gekläert ginn! Déi muss mer diskutéieren. D’Rechter muss verankert ginn. Mir müssen doriwwer léigféieren, mä wann ech gléift net déi Diskussioune an engem Kader féieren, mat deem se iwwerhaupt näischt ze dinn hunn.

Mir stëmmen dat Gesetz hei, well et e weidere wichtige Schrack ass zu der Ofschaffung vun Diskriminierungen.

Mir félicitéieren all deenen, déi sech an deene leschte Joren a Jorzéngten derfir mobiliséiert hunn, fir esou Diskriminierungen ofzeschaffen. A mir sinn eis bewosst, datt dee Kampf do muss weidergoen.

Ech si genee op 15 Minutten an ech huele mer Zäit, fir zu der Motioun ze schwätzen herno, well ech nämlech net d’accord sinn, datt déi Motioun haut an dësem Kader soll gestëmmt ginn, egal wéi berechtigt se ass, well genee déi Relatioun gemaach gëtt, déi mer net solle maachen, mat gläichgeschlechtliche Bestietnisser. Mä dat erklären ech lech herno.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Turpel. Nächste Riedner ass den Här Marc Angel.

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Här President, léif Regierungsvertreider, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als zweeten LSAP-Spriecher schlëssen ech mech natierlech de Wieder vu mengem Fraktiounspräsident Alex Bodry un. Ech wëll och virun allem dem Rapporteur, dem Paul-Henri Meyers, Merci soe fir déi Gedold, déi e mat eis hat an der Kommissioun all déi Joren, an och fir säi gudden schréfflechen an och ganz gudden, nuancéierte mëndleche Rapport. Awer och all deenen anere Kolleeginnen a Kolleegen an der Kommissioun, wou mer laang a gutt hei un deem Projet geschafft hunn. An och deene ville Leit, déi Avice geschriwwen hunn. Mir hunn eng ganz Rëtsch vun Avisen, wou ech herno nach op eenzeler wäert zrëckkommen.

Een Ënnerscheid zwësche mir a mengen anere männleche Virriedner hei um Pult ass, dass ech net bestuet sinn oder och ni bestuet war. Firwat ass dat esou? Dat ass net, well ech e Vœux de châtéité oder de célibat ofgeluecht hunn. D’Ursach ass och net, dass ech ni eng seriö Partnerschaft agaange sinn, wou Léift, Respekt, Vertrauen a besonnesch och Loyautéit groussgeschriwwen sinn. Mä d’Ursach ass einfach déi, dass ech, wann ech mech hätt wëlle bestueden, opgrond vu menger sexueller Orientéierung dat net hätt dierfen. An duerfir freeën ech mech, dass mer haut och hei zu Lëtzebuerg e Gesetz stëmmen, wat ënner anere och enger grousser Inegalitéit an Diskriminatioun en Ënn setzt.

Ech fanne perséinlech, dass dat Gesetz, wat mer haut stëmmen, gradesou wichteg, ganz wichteg ass fir mech an och fir meng Partei, well et am Fong eng Selbstverständlechkeet ass, dass all Mënsche gläich Rechter a gläich Flichte sollen hunn.

Wann een eng gesellschaftlech Institutioun, eng Institutioun wéi de Mariage, déi fir d’Gesellschaft esou wichtig ass, wann een déi reforméiert an opmécht fir homosexuell Koppelen, dann heescht dat och, dass een niewent dem Ophiewe vun enger Diskriminatioun och eng Unerkennung an eng Akzeptanz vun der Homosexualitéit ausdréckt an dass een och d’Leift zwëschen zwee Männer an zwou Fraen unerkennt.





Duerch dësen Text gi mer och e Message un all déi schwul Männer an all déi lesbesch Fraen, dass si Matbierger a Matbiergerinne si wéi all déi aner. Mir schützen also och Kanner a Jugendlecher mat dësem Projet, all déi Kanner, déi an homoparentale Famillje grouss ginn, an deene soe mer: Dir sidd Kanner wéi all déi aner Kanner. An doduerch schütze mer se och a ginn hinnen e Message mat op de Wee. A mir schützen och all déi jugendlech Jongen a Meedercher, déi mierken, dass se homosexuell sinn; a mir wëssen, dass d'Suiciderat bei homosexuelle Jugendleche vill méi héich ass wéi bei heterosexuellen, an och dofir schütze mer jonk Leit mam Vote vun dësem Gesetz. An och hinne gi mer de Message mat: Dir sidd genau-sou Matbierger an dëser Gesellschaft wéi all déi aner.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll alle Virriedner hei Merci soen, vun der CSV, vun der LSAP, vun der DP a vun deene Grénge. Si hu vill Argumenter bruecht, firwat d'Opmaache vum Mariage a vun der Adop-tioun fir lesbesch a schwul Koppelen richteg ass. An domat, mat deem, wat se gesot hunn, hu si och sämtlech Awänn géint d'Homo-Ehe, déi vum ADR-Sprieche komm sinn, awer och vun aneren, déi mer héieren hunn, hu si déi Argu-menter gutt gekontert. An ech gleewen och, dass all Argumenter géint d'Eherecht an och d'Adoptionsrecht vu gläichgeschlechtliche Koppelen am Kär dach ëmmer déi Welt-uschauung erëmispigelen, dass d'Liewe vun Ho-mosexuellen an dass d'Léift zwëschen zwee Männer an zwëschen zwou Frae géigeniwwer vun den heterosexuelle Mënsche man-ner-wäerteg ass.

Dofir fannen ech, dass de Rejet vum Mariage homosexuel och iergendwéi Ausdrock ass vun Homophobie. Et geet dobäi nämlech drëms, d'Gläichheet vun allen ze refuséieren an domat homosexuell Mënschen als Bierger zweeter Klass ofzestempelen. Dës Leit, déi géint de Mariage homosexuel sinn, déi hunn oft déi Konzeptioun vun enger hierarchiséierender Léift a vun enger hierarchiséierender sexueller Orientéierung, andeems se d'Heterosexualitéit als dat Bessert an dat Richtegt ugesinn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e puer Reflexiounen och zur Adoption an zum Schutz vum Kand. Et ass eng Tatsaach, a mir hunn et oft haut gesot, dass et kee Recht gëtt op e Kand, mä dass et virun allem d'Rechter vun de Kanner gëtt. An ech mengen, den Alex Bodry huet et och ganz gutt a senger Inter-ventioun bruecht, dass déi Prinzipie ganz fest schonn an eise Gesetz verankert sinn.

Ech wëll och begrëssen, dass eis Press ganz nuancéiert dës Thematik ugaangen ass an net einfach gesot huet, geschriwwen huet, elo kann all homosexuell Koppel e Kand adoptéieren, mä dass se genau gesot huet, et geet drëm, d'Recht ze kréien, eng Demande ze maachen op d'Adoptioun. An ech mengen, dat war ganz wichteg.

Wat d'Adoptioun ubelaangt, hu mer Gesetzter a mir hunn och exzellent Servicer, déi vum Mi-nistère de la Famille ofhänken, déi hir Aarbecht an deene leschte Jorzénge exzellent gemaach hunn a wou ech iwwerzeegt sinn, dass se och nom Vote vun dësem Gesetz hir Aarbecht ge-nausou gutt weider wäerte maachen.

Wichteg ass et bei dësem Projet, wat d'Adop-tioun ubelaangt, dass mer virun allem deene ville Kanner, déi et scho ginn, an et ass och scho vu Virriedner gesot ginn, déi et scho ginn, déi an homoparentale Famillje liewen, dass mer dës Kanner an och hiren Elteren eng Rechtssécherheet ginn. Mir schützen also dës Kanner, wéi ech dat schonn ufanks gesot hunn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach e puer Argumenter wollt ech uschwätzen, déi ëmmer erëm vu Géigner vum Mariage ho-mosexuel ugefouert ginn. Et gëtt oft gesot, déi Kanner hunn et schwéier, déi gi gemobbt. Mir wëssen, leider ass Mobbing eng Tatsaach haut zwësche Kanner, mä et gëtt allméiglech Ur-saache fir Mobbing. An et ass un eis an der Po-litik an et ass un den Erwuessenen, fir ze ku-cken, géint de Mobbing virzegoen an et dierf ee sech deem Mobbing net ënneruerden.

D'Kanner sollen a mussen esou erzu ginn, mat dem selbstverständliche Wëssen, dass et ebe verschide Familljeforme ginn an dass d'Kan-ner aus homosexuelle Partnerschaften genausou weénege ugefouert solle gi wéi Kanner, déi aus Koppelen komme mat engem aneren eth-nesch Hannergrond zum Beispill.

An da gëtt et en Argument och, an den Här Re-ding huet et jo och ugeschnidden, et gëtt em-

mer en Argument bruecht vun de Géigner vum Opmaache vum dem Mariage, dass hei eng Mi-noritéit der Majoritéit esou een Nischenthema géif diktéieren, oder et gëtt vun der Homo-lobby geschwat. Hei wëll ech soen, dat ass falsch, well ech mengen, hei geet et einfach drëm, dass eng Majoritéit unerkennt, dass se näischt ze verléieren huet, wa se enger Mini-oritéit méi Rechter zougesteet. Et ass net méi an net manner wéi dat, wat mer haut hei maachen.

Ech muss och soen, an deem Kontext kann ee soen, et muss ee jo och net en Auslänner sinn, fir géint Xenophobie ze sinn. Et muss een net eng donkel Hautfaarf hunn, fir géint Rassismus ze sinn. An et muss een och net homosexuell sinn, fir géint Homophobie ze sinn.

An dann dat Argument mat der Mamm a mam Papp. D'Kanner brauche virun allem Léift, Zouwendung a Vertrauen an hir Elteren, an et gi ganz vill Studien, och eng ganz wichteg amerikanesch Studie, déi iwwer 30 Joer ge-maach ginn ass, déi beweist, dass et Kanner aus schwulen a lesbesche Koppelen un näischt feelt, dass se eng gesond Entwécklung haten, genausou wéi aner Kaner aus heterosexuelle Bezéiungen.

Deen eenzege Problem, deem do festgestallt ginn ass, ass déi rechtlech Onsécherheet an deene Familljen, déi do als Stressfaktor ugesi ginn ass, dass se net déiselwecht Rechter hunn. Dat war de Stress an dat ass deen eenzege Pro-blem, deem an esou Familljen opgetaucht ass. A mat esou engem Projet wéi deem heite setze mer jo deem Stressfaktor och en Enn.

Ech wëll och drun erënneren, dass et einfach wichteg ass fir d'Entwécklung vun de Kanner, dass et net onbedéngt wichteg ass, wéi d'Struktur vun der Famill ass, mä dass d'Quali-téit vun deenen innerfamiliäre Bezéiungen enorm wichteg ass. D'Qualitéit vun de Bezéiun-gen, wéi se matenee schwätzen, wéi d'Leit mateneen ëmginn, dat ass, mengen ech, dat Allerwichtigst fir d'Kanner.

Ech hunn ufanks gesot, ech géif op e puer Rap-porten agoen. Ech wollt do op dräi Avisen zréckkommen, éischstens den Avis vun „Rosa Lëtzebuerg“. Ech wëll „Rosa Lëtzebuerg“, hirer Presidentin an hire Vertrieeder, déi haut hei uewe sinn, villmools Merci soe fir déi laang-jähreg Aarbecht, déi se gemaach hunn, fir sech fir d'Rechter vun homosexuelle Fraen a Männer anzesetzen.

Ech ka mech erënneren, wéi „Rosa Lëtzebuerg“ gegrennt ginn ass, den Etienne Schneider, deen heibanne war, war ee vun de Grënnungs-membere deemools. Et waren niewent homo-sexuellen och ganz vill heterosexuell Männer a Fraen, déi do matgeschafft hunn. An et ass och haut nach esou, an ech fannen dat ganz gutt.

Ech wollt soen, ech freeë mech iwwregens, muer op déi Generalversammlung ze komme vun „Rosa Lëtzebuerg“, da kann dës Projet gefeiert ginn, well do si mer all Joers interpel-léiert ginn, firwat et esou laang géif daueren, bis dës Projet gewielt géif ginn. Muer ass et dann esou wäit, da kënne mer do aner Rieden halen.

„Rosa Lëtzebuerg“ huet an hirem Avis den Arti-kel 171 ugeschwat. Ech wëll elo net an den De-tail eragoen, mä do goug et drëm, do war d'Befierchtung, dass, wéi den Text ursprün-glech libelléiert war, een, dee Résident hei zu Lëtzebuerg wär, sech net dierft bestuede mat engem Résident - wa se gläichgeschlechtlech sinn - aus engem Land, wou de Mariage ho-mosexuel net unerkannt wär.

Do hate mer ganz laang Diskussiounen driwwer an do hu mer awer festgestallt an och preziséiert - an de Rapporteur huet dat ganz gutt a sengem Rapport erkläert, dofir brauch ech hei elo net drop anzegoen -, dass mer déi zwou Kondi-tiounen net als kumulativ ugesinn hunn, mä als alternativ. An ech mengen, dat war wichteg, dass „Rosa Lëtzebuerg“ an hirem Rapport dat gemaach huet an dass mir dat als Kommissioun clarifiéiert hunn. Mir hunn eis do ganz kloer och um belsche Gesetz orientéiert. An d'Belsch hunn do ëmmer eng ganz gutt Philosophie gehat, si hu gesot: «C'est notre loi, ce sont nos résidents et c'est notre ordre public qui prévaut.»

Den Avis vum Centre pour l'égalité de traite-ment ass och e ganz interessanten Avis. Dësen Avis begreist natierlech och d'Aboli-tioun vun enger direkter Diskriminatioun, déi op sexueller Orientéierung fondéiert. Hie mécht awer och opmierksam op e wichtige Aspekt, deem nach net ugeschwat ginn ass haut. Dat ass, dass een och opmierksam muss ginn op d'Transgender-Persounen an trans-sexuell Persounen, déi sech bis elo ëmmer hu misse scheede loosse, Zwangsscheidung, wa se mat deem Partner, mat deem se bestuet wa-ren, wollten zesummebleiwen an zesumme-liewen, wann do déi zwee dermat d'accord wa-ren. Dat war net méiglech, well eben de Ma-

riage vum selwechte Geschlecht net unerkannt war. Dat ass en Aspekt, mengen ech, deen och wichteg ass.

De Centre pour l'égalité erënnert awer och drun, an ech mengen, dat ass och wichteg, dat ze soen, dass de Kampf géint all Forme vun Diskriminatiounen an och besonnesch hei déi Diskriminatioun, déi op der sexueller Orien-téierung baséiert, dass dee Kampf och wei-dergeféiert muss ginn um Terrain. An och an de Schoule muss a Richtung Eliminatioun vu Préjugé geschafft ginn.

Den Avis vum Ordre des Avocats vum Barreau hei vu Lëtzebuerg, ech mengen, dat ass och e ganz positiven Avis. Mä en erënnert un eppes, wat, mengen ech, wichteg ass, an e seet, dass mer am Droit de la famille, wéi en am Code ci-vil codifiéiert ass, eng global an eng fundamen-tal Reform musse maachen, besonnesch wat d'Filiatioun ubelaangt, d'Autorité oder d'Res-ponsabilité parentale, an och den Divorce.

Ech mengen, d'Madame Loschetter, d'Pre-sidentin vun der Commission juridique, huet mat Recht gesot, dass déi Projekte virleien an dass dodru geschafft gëtt. Mir müssen déi eng oder déi aner Artikel vläicht iwwerschaffen, mä ech weess, dass de Wëllen do ass, dat ze maachen. An ech mengen, et war wichteg, dass mer dat och hei rappeléiert hunn.

Dann ass och scho gesot ginn: Dës Projet ass net nëmmen e Projet fir méi Egalitéit zwëschen homosexuellen an heterosexuelle Mënschen, mä och zwësche Männer a Fraen, well mer eben do den Alter elo ugeglaach hunn op 18 Joer; den Artikel 144.

Domadder gi mer och der Kannerrechts-konventioun gerecht, déi de Mariage vu Mi-neuré verbitt, a mir schützen also och d'Kand. A mir ginn och der CEDAW-Konventioun hei gerecht - d'Konventioun iwwert d'Éliminatioun vun all Forme vun Diskriminéierung. An déi Mesure, dass mer den Alter vu 16 op 18 erop-setzen, wat d'Fraen ubelaangt, ass och eng ganz wichteg Mesure, mengen ech, am Hi-bléck op de Phänomene vum Mariage forcé.

An onsem Nopeschland Frankräich ass d'lescht Joer mam Vote fir de Mariage pour tous eng hefteg a leider oft vill ze fanatesch politesch a gesellschaftlech Diskussioun zu Enn gaangen. Mir als LSAP freeën ons, dass dës Diskussioun iwwert d'Homo-Ehe hei am Haus, awer och hei zu Lëtzebuerg sachlech, fondéiert a gréisstendeels ganz fair geféiert ginn ass.

Fir ons Sozialiste sinn d'Gläichheet vun alle Bier-gerinnen a Bierger virum Gesetz souwéi d'Ophiewe vun allen Zorte vun Diskriminatioun iewescht politesch Gebot. Dofir war et och wichteg, mengen ech - an den Här Bodry huet et gemaach -, drun ze erënneren, dass et d'LSAP war, déi sech 2009 an de Koalitiounsver-handlung bei enger Rei gesellschaftspolite-schen Themen duerchsetze konnt.

Et ass fir e klenge Land wéi Lëtzebuerg wichteg, dass all Fraktiounen d'Zeeche vun der Zäit erkannt hunn an zesummen an der Commis-sion juridique vun der Chamber an déi richteg Richtung gaange sinn.

Dës Gesetz bréngt eis e grouse Fortschrétt an dofir ass et och gutt, dass mer no laangem Diskutéieren a Schaffen an der Kommissioun, elo wou d'Text all färdig waren, wou d'Avisen all do waren, dat Gesetz züege stëm-men an ëmsetzen.

Et wär e fatale Feeler gewiescht, wa mer elo nach Froe wéi künstlech Befruchtung an d'Leih-mutterschaft un de Projet de loi iwwert de Ma-riage gekoppelt hätten. Wat déi sougenannte Procréation médicalement assistée, PMA, an och d'Gestation par autrui, GPA, ugeet, do muss hei zu Lëtzebuerg, mengen ech, an Zukunft eng breet Diskussioun ugestouss ginn. Et handelt sech hei ëm äusserst komplex Froe mat, besonnesch wat d'GPA ugeet, gewësse Ri-siken. An dofir sinn d'Zivilgesellschaft an d'Par-teien hei gefuerdert, sech ze positionéieren, wat sécher net einfach gëtt.

Ech sinn awer iwwerzeegt, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass mer och déi Diskussioun hei zu Lëtzebuerg am géigesäitege Respekt an och sachlech wäerten diskutéiere kënnen. Da fanne mer och do an deene komplizéierten Theme mat Sécherheet, wéi och hei am Dossier „Re-form vum Mariage“, gutt a richteg Léisungen.

Als allerleschte Punkt wëll ech nach ën-nersträichen, dass mam Opmaache vum Ma-riage fir homosexuell Koppelen net nëmmen déi Homosexuell sech freeën an homosexuell Famillje sech freeën, mä besonnesch déi hete-rosexuell Familljen, an och déi heterosexuell Fa-milljen, déi Familljemembere hunn, déi schwul oder lesbesch sinn, dass hire Fils, hir Duechter, dass hire Brudder, hir Schwëster, dass hire Frënd, hir Frëndin, dass hire Cousin, hir Cousine, dass hiren Noper, hir Nopesch, dass hiren Aarbechtskolleg, hir Aarbechts-kollegin elo net méi diskriminéiert gëtt.

Den Här Roy Reding hat ugeschwat den Ëm-gang mat de Pétitionnairen: Ech wollt just drun erënneren, dass säit 2009 no der Regierungs-erklärung vun där viregter Regierung gewosst war, dass zu Lëtzebuerg géif de Mariage ho-mosexuel ageféiert ginn. 2010 ass e Projet de loi déposéiert ginn, dat si véier bis fënnef Joer Zäit. Do hat ee laang Zäit, fir och mat Pabeier Ën-nerschrëfte sammelen ze goen. Also maacht elo net, wéi wa mir hei déi allerleschten Netde-mokrate wären!

Léif alleguer, de Mariage ass a bleift eng wichteg Institutioun. Entscheedend beim Ma-riage, léif Frënn, ass, dass zwee Mënsche sech gär hunn a bereet sinn, Verantwortung ee fir deen aneren ze iwwerhuelen. Ob dës zwee Mënschen eng Fra an e Mann sinn, zwou Fraen oder zwee Männer, dat ass zweetrangeeg.

Dat gesot, freeën ech mech, dass mer, wéi ge-sot, hei eng flott Diskussioun haten, a soen lech alleguer Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Marc Angel. An deen nächsten ageschriwwene Riedner an, mengen ech, och dee leschten ass den Här Fer-nand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, ech schlësse mech natierlech mengem Virriedner vun der ADR, dem Här Reding, un an allem, wat e ge-sot huet, an ech wollt just nach op e puer Ar-gumenter agoen, déi elo an der Diskussioun opkomm sinn.

Dat Éischt ass: Ass dat do wierklech eis Priori-téit? Wa mer och ëmmer, wéi mer vun alle Säiten héieren hunn, iwwert de Schutz vum Kand an d'Rechter vum Kand schwätzen, da soen ech: Neen! Mir hätte sollen emol d'Schee-dungsgesetz op de Leescht huelen, well mir hunn hei am Land reell Problemer, déi Dausende vu Kanner concernéieren an och El-tere concernéieren, wéi d'Garde, d'Garde com-mune, d'Autorité parentale commune, den Hé-bergement alterné, de Problem vun der Non-représentation d'enfant. Dat si Problemer, déi Dausende vu Kanner a vun Elteren hei am Land betreffen, an dat hätte mer sollen als éischt Prioritéit gesinn.

Zweetens, d'Fro ass gestallt ginn: Dierf de Lé-gislateur sech amëschen? E muss sech amëschen, an zwar richtig! E mëscht sech jo net an eng Léift an, den Här Reding huet dat erkläert. Mir si jo net als Stat do, fir eng Léift ze habilitéieren. An déi Leit, déi soen, ma mir sinn diskriminéiert, well eis Léift net unerkannt gëtt: Mä déi vun den Heterosexuelle gëtt och net unerkannt - och wann den Här Gloden Rieden iwwert d'Léift hält -, et ass net den Objet vum Mariage!

Mä de Stat muss sech amëschen, fir d'Kanner ze schützen, wann et zum Beispill ëm bioethesch Froe geet. Et geet hei net nëmmen ëm d'Adoptioun. Et geet an engem grouse Mooss och ëm GPA a PMA. A fir lech dat emol ze illustréieren, liesen ech lech just ee Saz vir aus dem Rapport vum ORK, an dee seet fir sech, op wéi eng Entwécklung mer eis musse virbereeden. Den ORK, deen ass u sech eng Institutioun, déi sollt fir de Schutz vun de Kan-ner antrieden, wat en awer hei net mécht!

Dee seet: «Le recours à la PMA (procréation médicalement assistée) devrait être possible pour tous les couples, hétérosexuels, homo-sexuels, mariés, pacsés ou non.» Do gi mer also nach eng Kéier méi wäit. An dat ass den Avis vun enger Kannerschutzorganisatioun, déi a mengen Aen an dësem Avis versot huet, well hir Prioritéit war net de Schutz vun de Kanner, soss hätt se dat net geschriwwen.

Eng aner Saach ass d'Diskriminéierung, jo, déi elengerzéiend Mammen. Den Här Bodry, mengen ech, huet dovou geschwat. Majo, bei deenen elengerzéiend Mammen ass d'Situa-tioun eng ganz aner. Déi Kanner, déi bei hinnen oder elengerzéiend Pappen opwuessen, déi hunn eng Filiatioun cohérente a complète, déi wëssen am Prinzip, wien de Papp ass. Si kënnen en och gesinn duerch den Droit de visite, wann deen dann exercéiert gëtt. Déi Kanner, déi hunn eng Foto, och wann de Papp gestuerwen ass oder esou, déi hunn eng Foto do, déi wëssen, wien de Papp ass. Wann e gescheet ass, wësse se, wien en ass, si gesinn en.

Mä dat ass eng aner Situatioun wéi bei deenen, déi duerch eng GPA oder eng PMA eventuell an eng Situatioun kommen, wou se iwwer-haapt net wëssen, wou se hierkommen, wou se eng Filiatioun hunn, déi se net kennen. An et ass eppes ganz Schlëmme fir e Kand, wann et net weess, wann et einfach ni ka wëssen, wou et hierkënn. An dat risquéiert ze kommen, loosse mer eis dach näischt virmaachen!

Et geet net nëmmen ëm d'Adoptioun. Do sinn och Problemer, an et ass gesot ginn: Gutt, do gëtt et Kontrollen. Mä an engem Fall vun





enger GPA zum Beispill gëtt et iwwerhaapt keng Kontroll! Mir musse légiférieren an deem do Beräich an der Bioethik, an zwar an engem strenge Mooss, well wat mer maachen, dat ass: Mir maachen e Commerce op hei fir Kannerfabrikatioun, fir et ganz kloer ze soen, et ass dat, wat mer maachen! Mir hunn hei am Land keng Législatioun doriwwer, a wat geschitt, dat ass aus dem Land...

## (Interruption)

Gelif? Dach, dach, natierlech, do gëtt et en Zesummenhang! Mä ënnerbriecht mech net, ech hunn nëmmen e puer Minutten, wann ech gelif, Här Bodry!

► **Une voix.**- Jo, mat deem Gestreits!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dir hat eng Stonn!

Da wollt ech...

► **Une autre voix.**- Dir braucht jo net drop ze reagéieren!

► **M. le Président.**- Wann ech gelif! Et huet just den Här Kartheiser d'Wuert!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dann d'selwecht mat deenen dysfunktionalen heterosexuelle Koppelen. Natierlech gëtt et déi! Leider gëtt et déi! Mä et gëtt och dysfunktional homosexuell Koppelen,...

► **Une voix.**- Natierlech!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ...wou Leit drénken, Kanner schloen. Dat heescht, et kann een net elo soen, mir huelen déi gutt homosexuell Koppelen an déi béis heterosexuell Koppelen, a wéivillmol besser wär et engem Kand an enger homosexueller Koppel. Et kann een nëmme vergläichen, wat vergläichbar ass. An et muss een zouginn, datt op deenen zwou Forme vu Koppelen ganz einfach Dysfunktione bestinn. An eis Aufgab ass och do, fir d'Kanner ze schützen.

Dann, d'CSV huet hei juristesche Argumenter ugeféiert, et deet mer leed, déi kann ech net novollzéien! Wann Dir elo dat Uerteel kuckt, wat och vum Här Gloden zitiiert ginn ass, da seet den Europäesche Gerichtshaff fir Mänscherechter kloer an deem Uerteel: La Cour «n'est pas appelée à se prononcer sur la question de l'adoption coparentale par des couples homosexuels en elle-même et encore moins sur celle de l'adoption par des couples homosexuels en général.»

Wéi konnt et heizou kommen? Ma Éisträich, wat hei ugeklot war, hat de Fall in concreto argumentéiert. Et wor de Fall vun enger lesbescher Mamm, déi mat hirer Frëndin wollt eng Koadoptioun vun der Frëndin do (veuillez lire: eng Koadoptioun vun hirem Jong maachen). An Éisträich huet dee konkrete Fall argumentéiert. An dat ass ëmgedrëit ginn an der Argumentatioun, wéi et och e bësse méi spéit war bei dem Fall vun der Sukzessivadoptione virum däitsche Bundesverfassungsgericht, well do ganz massiv „gelobbyt“ ginn ass - ech benotzen dat Wuert -, fir dorausser eng Diskriminatiounsaffär ze maachen. An esou ass dat Uerteel entstanen, well dunn d'Gericht gesot huet: Ma Éisträich huet net eppes bewisen - wat u sech am Ufank iwwerhaapt net den Objet vum Prozess war.

Dat muss een einfach emol gesinn, a wéi engem Zesummenhang dat doten entstanen ass. An da si mer scho bei deem Thema vun den Etüden, well dat ass och hei gesot ginn: Et géife keng Etüde ginn! Ma sécher gëtt et Etüden, et muss ee se just wëllen zur Kenntnis huelen!

Et gëtt zum Beispill och eng, eis Commission nationale d'éthique huet sech op d'Etüd Hayez, déi am belsche Parlament virläit an ëmmer do erëm zitiiert gouf, beruff. Mit hunn d'Etüd vum Dr. Maurice Berger, eng transversal Etüd, déi eigentlech iwwer 311 Etüden an deem Beräich genau analyséiert huet, wat se wäert sinn, wéi d'wëssenschaftlech Kohärenz dovunner ass. Extrem interessant ze liesen!

Mir hu Laangzäitstudien an den USA, wou et där Fall gëtt, d'Etüd Regnerus - dat ass alles um Internet ze fannen, ganz bekannt Literatur an deem do Beräich -, déi all beweisen, datt d'Kanner, déi an homosexuelle Relatiounen sinn, däitlech méi schlecht dru si wéi déi, déi an heterosexuelle Koppelen opwuessen, well mer eng Diskriminatioun hei schafen!

Dir kuckt ëmmer déi Erwuessen, déi erwuesse Koppelen, mä mir schafen eng Diskriminatioun tëschent Kanner, déi an enger heterosexueller Koppel opwuessen an déi sech domadder kennen an hirer Identifikatioun un deenen zwee sexuelle Pole moossen, un hinne wuessen, sech kennen identifizéieren oder och an der Pubertéit se rejtéieren, wéi och ëmmer, an deenen, déi déi Méiglechkeet net hunn, well se einfach déi sexuell Altériteit net kenneléieren an hirem Opwuessen.

An da gëtt et natierlech och déi Etüden, déi vun den Homosexuellenverbänn ëmmer erëm

ganz gär zitiiert ginn, mä ech wëll och doriwwer e Wuert soen. Déi beweisen nämlech strictement näischt! Och net déi, déi beim däitsche Bundesverfassungsgericht vun zéng verschiddenen Organisatiounen virgeluecht goufen a wou et u sech ëmmer déiselwecht woufen.

Dat ass eng reng subjektiv Befroung vu Leit, homosexuelle Koppelen, meeschtens lesbesch Mammen, déi sollen eng Eegenevaluatioun ginn, déi gefrot goufen: „Ma wéi sidd Dir dann als Elteren?“ An dann natierlech soen déi: „Ma mir si gutt Elteren, wéi déi aner och.“ Ech mengen, wie seet schonn, wann e gefrot gëtt: „Majo, wéi sidd Dir da mat de Kanner?“, „Ma ech si ganz schrecklech!“? Als Elteren, wie seet dat? Kee Mënsch! Oder bal kee Mënsch. Mä hei ass dat eng Etüd, wou einfach „1.059 Eltern in gleichgeschlechtlichen Lebensgemeinschaften zu vielfältigen Aspekten ihres Regenbogenfamilienalltags befragt“ goufen. 29 Kanner si gefrot ginn. Wat dat fir e Wäert huet - dat huet guer kee Wäert wëssenschaftlech!

An awer gëtt déi hei Etüd ëmmer erëm geholl. Si ass dem Bundesverfassungsgericht op d'mannst zéngmol virgeluecht ginn. Si ass an där oder anere Formen dem Europäesche Gerichtshaff fir Mänscherechter vun x Organisatiounen virgeluecht ginn, wat herno dozou gefouert huet, datt en anere Prozess geféiert gouf do wéi deen, deen eigentlech bezweckt war.

Dann ass gesot ginn: Ma mir hunn näischt ze verléieren als heterosexuell Koppelen oder als Gesellschaft, wa mer elo den homosexuelle Koppelen och dat Recht ginn, fir sech ze bestueden. Dat ass net wouer! Dat ass net wouer!

Éischtens fannen ech et net egal, datt mer d'Notiounen vun „Mamm“ an „Papp“ aus dem Code civil eraushuelen. Ech hänken un deenen Notiounen. Ech si wahrscheinlech net deen Eenzegene hei am Land, dee seet, datt et schéin ass, Mamm oder Papp ze sinn. Ech sinn net Parent un oder Parent deux! Dat ass e groussen Ennerscheid.

Et ass sécher, datt mer manner Adoptiounen aus dem Ausland kënnen kréien. Et ass praktesch nëmme Südafrika, wat dat am Abléck nach zouléist, oder och... Bon, op jidde Fall si vill Länner do, déi keng Kanner vermëttelen a Länner, déi den homosexuelle Mariage erlaben.

Mir kréie ganz sécher eng méi héich Zuel vu psychologesche belasteschte Kanner, weinst deene Problemer, déi och „Schutz fir d'Kand“ mat Recht opgezielt huet. An dat sinn der, déi sinn intelligent, contrairement zu de verschiddenen Argumenter, déi hei am Land - bon, hei am „Land“ net, mä hei am „Sall“, wollt ech soen - virbruecht ginn haut, well do eng ganz Rei ganz konkret Problemer sech stelle mat der Identifikatioun an der psychologescher Entwécklung vum Kand.

An dann ass natierlech déi grouss Fro hannendrun: Wat geschitt da mat deene Kanner an homosexuelle Koppelen a Scheedungssituatiounen? An och dat wär en Argument gewiescht, fir emol fir d'Éischt no der Scheedung ze kucken, ier mer nom Mariage kucken, well wat geschitt mat deenen?

Ass et net esou, datt, wa mer op eng Parenté d'intention kommen, wou et dann duergeet, fir ze soen: „Ech wëll e Kand“, fir dat och kënnen iwwer technesch Prozederen ze kréien, ass et dann net esou, datt herno och vläicht a verschiddenen heterosexuelle Koppelen eng ähnlech Evolutioun asetzt a gesot gëtt: „Ech wëll dat Kand“, oder: „Ech wëll dat Kand net méi?“ Well ech mengen, dass ass dann eng Diskriminatioun géintiwwer Heterosexuellen, wann homosexuell Koppelen iwwer eng Intention eng Elterenschaft kënnen kréien an déi aner un hir awer liewenslänglech gebonne sinn.

Dir wäert gesinn, bei deene Progrèsen - an op dat Wuert kommen ech als lescht Bemierkung zréck -, déi mir hunn, wäerte mer gesinn, datt eng ganz Rei Entwécklungen kommen, déi de Kanner schueden. An si mir als ADR, well mer de Kanner net schueden an nimools wëlle schueden, och mat deem Gesetz hei net d'accord.

An dann dat lescht Wuert iwwert de Progrès: Wat ass haut alles hei erzielt ginn, vum Klassenkampf bis zum Fortschritt bis zum Progrès, Gott weess wat?! Ma et ass net alles gutt, wat an der Gesellschaft geschitt! Et ass net, well mer ech weess net wéi eng Entwécklungen an der Gesellschaft hunn, datt mer déi musse legaliséieren, datt mer musse légiférieren, fir gesellschaftlech Entwécklungen ze rechtfertegen, ze institutionaliséieren, déi awer evident Noeder hunn, déi mer ethesch net kënnen vertrieiden. Well als Gesetzgeber hu mer en normativen an etheschen Opdrag. Mir kënnen dach net einfach soen: „Mir müssen den Entwécklung vun der Gesellschaft Rechnung droen!“ Här Juncker, ech dierf lech zitiiieren.

Mä neen dat ass falsch! Mir müssen als Gesetzgeber kucken, ob déi Entwécklungen, déi an der Gesellschaft sinn, deenen etheschen a mora-

leschen Uspréich entspriechen, déi de Wäerter vun eiser Gesellschaft entspriechen. A wa mer deen Test gemaach hunn, dann dierfe mer...

## (Coups de cloche de la présidence)

Jo, Här President, ech weess, ech kommen zum Enn.

...dann dierfe mer eis soe mat guddem Gewëssen: „Mir hunn e gutt Gesetz gemaach.“ Wat haut geschitt, dat ass e schlecht Gesetz!

An en hallwe Saz nach, Här President: Den Här Bodry huet gesot, haut wier de leschten Akt.

## (Brouhaha)

Ech soen lech, haut ass net de leschten Akt, well schonn den Här Angel an den Här Turpel hunn haut geschwat iwwer Transsexueller, Transidenter, an et wäert net laang daueren, bis mer hei erëm doriwwer schwätzen!

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

## (Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Domat ass d'Diskussioun ofgeschlossen an ech géif d'Wuert direkt weiderginn un de Justizminister, den Här Félix Braz.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. D'Chamber mécht haut déi fundamentaal Reform vum Mariage zënter senger Aféierung am Code civil am Joer 1804, virun also méi wéi 200 Joer. Am meeschten op dës Reform hu gewaart eis Matbierger, Fraen a Männer, déi zu gläichgeschlechtliche Partner higezu sinn an déi et als eng Diskriminierung emfannen, hu missen emfannen, dass hir Léift vun der Allgemengheet net déiselwecht Unerkennung huet an och net déiselwecht Protektioun kritt wéi deenen aneren hir.

Fir si all an och ganz besonnesch fir hir Interessevertriidung vun „Rosa Lëtzebuerg“ ass haut als Éischt e ganz besonneschen Dag. A wann et dës Schrétt, dee mer haut maachen, gebraucht hätt, dann ass en haut gemaach. Haut si mer alleguerten e Stéck méi no beieneegerékelt an darselwechter Gesellschaft, an dat ass net iwwerall an Europa de Fall, zum Beispill a Russland. Et ass och net iwwerall an der Europäescher Unioun de Fall, zum Beispill an Ungarn. Mir sinn also net derduerch mat deem dote Problem. Mir müssen also weider opmierksam bleiven an do reagéieren an agéieren, wou et richtig ass am Intérêt vun all de Bierger, déi eis Gesellschaft bilden.

Et ass awer och e schéinen Dag fir vill Parteien: déi, déi et scho ganz laang am Wahlprogramm haten; déi, déi et e bësse manner laang am Wahlprogramm haten; déi, déi et nach ni am Wahlprogramm haten an déi et haut awer stëmmen. Merci fir all Jo, deen dës Projet haut an der Lëtzebuurger Chamber kritt. An dee Merci riichten ech am Numm vun der ganzer Regierung aus, awer och ganz gären a mengem perséinlechen Numm.

Merci awer och fir eng sachlech Debatt, déi et hei zu Lëtzebuerg ginn ass, hei an der Chamber, vu ganz weinigen, klengen Ausruetscher - kommt, mir nenne se emol esou - ofgesinn, awer och an der Populatioun dobaussen. Et ass jo net, contrairement zu deem, wat Verschiedener behaupten, dass et zu Lëtzebuerg keng Diskussioun ginn hätt. Et ass duerchaus diskutéiert ginn, an och scho méi laang diskutéiert ginn iwwert dës Projet, mä et trifft sech, dass déi allermeeschte Leit hei zu Lëtzebuerg zu Recht dësem Projet oppe géintiwwerstinn.

Dat erkläert och, firwat dass déi Initiativ, déi de Mëtteg schonn e puermol genannt ginn ass, déi déi Petitioun, déi elektronesch, lancéiert huet, en fait ganz weinige Succès hat. Dat läit einfach dorunner, dass déi meescht Leit dat esou net gesinn, wéi si! Si hunn do eng aner Meinung a stinn zu hirer. Méi schwéier, mengen ech, ass et net.

E Merci awer och un d'Commission juridique, déi aktuell, déi viregt, fir déi Aarbecht, déi do gemaach ginn ass. Merci natierlech un de Rapporteur, deen de Rapporteur bliwwen ass, och nom Majoritéitswiesel, nom Regierungswiesel. E ganz ausdréckleche Merci un de Paul-Henri Meyers, ech mengen, dee wierklech dozou bäigedroen huet, dass mer konnten an engem ganz breede Konsens schlussendlech haut dee Rapport unhuelen.

Merci och mengen zwee Virgänger am Amt, der Madame Modert, déi haut hei ass, dem Här Biltgen awer och, déi alle béid dee Projet virbruecht hunn a wou et mir haut iwwerlooss ass, dee Projet zu engem Ofschluss kënnen ze bréngen. Ech maachen dat ganz gären, an dofir och hinnen dee Merci, deen hinnen zousteet!

An e leschte Merci, den Här Bodry hat et och scho gesot, der Kierch zu Lëtzebuerg. Ech mengen och, wéi den Här Bodry, dass d'Kierch hiren Avis, dee meng Meinung net erëmgëtt - mä et ass hiert gutt Recht -, mä den Avis op

eng Aart a Weis formuléiert huet a besonnesch och zu engem Zäitpunkt an d'Diskussioun erabruecht huet, deen et erlaabt huet, dass et eng sachlech Diskussioun bliwwen ass. Dat war net iwwerall de Fall. Dat ass net all de Kierchen an Europa gelongen, déi sech mat esou Themen ausenannerzesetzen haten. An ech fannen, dat soll een an dierf een och duerchaus esou soen.

Ech wäert duerno nach op d'Aspekter vum Mariage a vun der Adoptioun agoen. Ech wëll awer virun och nach op e puer aner Aspekter vun dësem Gesetz agoen. Dës Gesetz huet nach eng Rei aner ganz wesentlech a wichteg Aspekter, déi elo beim Mariage kommen.

Dat Éischt ass d'Lutte géint de sougenannten „Mariage simulé“. Dat war eng Haaptsuerg vun den Auteuren vum Projet a si hu vill Wäert drop geluecht, an deem heite Projet do eng Rei Präzisierungen ze maachen. Dat betrëfft souwuel de Mariage de complaisance, dee sougenannten „Mariage blanc“, wou ee sech en Avantage dovunner erhofft, ob dat e professionellen ass, e sozialen, e steierlechen, e successoralen, oder awer och de Mariage forcé, wou een zumindest vun de béide Conjointen eigentlech a senger Meinung net fräi ass.

Mir ginn elo dem Beamte vum État civil d'Méiglechkeet, de Procureur d'État ze saiséieren, wann en Zweifel huet opgrond vu seriösen Indicien. Dat ass a mengen Ae richtig, dass mer dat esou maachen.

An et ass och richtig, dass eng Rei Causé vum Nullitéit elo kënnen derbäikommen. Doduerch, dass mer an dësem Gesetz op dem Punkt vun de Mariages blancs och méi konkret ginn, méi schaarf och ginn, mengen ech - an do bauen ech eng kleng Bréck zum Gesetz iwwert d'Nationalitéit -, misst dat eis et och an deem Gesetz erlaben, eng Dispositioun, déi mer virun e puer Joer geännert hunn aus der Suerg vun der Lutte géint de Mariage blanc, nämlech déi, dass de Conjoint vun engem Lëtzeburger net automatesch och Lëtzeburger ginn ass, a Fro ze stellen. Déi Dispositioun, denken ech, misst een a Fro stellen.

Mir hu jo och bei der Debatt iwwert de Projet de loi Biltgen eis hei geäussert, an déi allermeescht waren där Meinung, dass een op deen dote Wee soll goen, dass een eventuell soll erëm zréckkommen op déi Regel, déi mer haten, well mer en fait mat där do Regelung, fir deene puer Prozent Mariages blancs, déi et mat Sécherheet gëtt, bäizekommen, d'Liewe vun all de Lëtzeburger zolidd behënnere während enger éischer Phas. Dat ass net richtig.

Mir kënnen net eng ganz Gesellschaft a Geiselaft huele weinst deene puer Prozent, déi mer wëlle bekämpfen. A well mer haut an dësem Gesetz bei de Mariages blancs eis anstänneg Dispositiounen ginn, mengen ech, wär et ubruecht, dass mer am Kader vum Nationalitéitengesetz op dat zréckkommen an erëm de Conjointe vu Lëtzeburger op eng ganz liicht Aart a Weis den Zougang zu der Nationalitéit erlaben.

Vu dass och elo gläichgeschlechtlech Koppelen sech dierfe bestueden, ass och dann déi Diskriminatioun, déi et fréier gouf, dass déi eng et hunn dierfen hirem Conjoint weiderginn an déi aner eben net, aus der Welt geschafen. Dat gëtt eis an der Zomm eng wesentlech besser Gesetzgebung wéi dat, wat mer haut hunn.

Den Âge légal vum Mariage passe mer fir béid un op 18 Joer. Et ass virdu scho genuch erkläert ginn. Dat ass eng wichteg Dispositioun, well och déi huet mat Gläichheet tëschent Mann a Fra ze dinne, a mir realiséieren hei e Stéck Gläichheet, dat ass gutt esou.

Den Examen prénuptial - d'Gesondheitsministesch ass och am Sall derbäi -, dee gëtt ofgeschaaft. Dat geet zréck op eng Demande vum heitege Chamberspräsident an deemolege Gesondheitsminister aus dem Joer 2002 (veuillez lire: aus dem Joer 2012), dee gefrot huet, dass zu Lëtzebuerg, wéi a Frankräich am Joer 2008, den Examen prénuptial sollt ofgeschaaft ginn, deen et zënter 1972 gëtt.

Dat ass och doduerch ubruecht, well d'Unzuel vu Kanner, déi ausserhalb vum Mariage op d'Welt kommen, ganz staark geklommen ass. Dat ass haut net wäit vun der Halschent vun de Kanner. Dofir mécht déi doten Dispositioun, déi och extrem weinige Fäll dépistéiert huet, eigentlech haut effektiv kee Sënn méi, an ech mengen, dass et och dofir gutt ass, dass mer dës Gesetz genotzt hunn, fir déi doten Dispositioun ofzeschaffen.

Iwwert den Délai de viduité ass och scho geschwat ginn. De Rapporteur huet d'Beispill genannt vun der Wittfra. Et geet awer och ëm ge-





scheete Leit, net nëmmen am Stierfall. Et betrëfft och de Fall vun de gescheete Koppelen, och do huet den Délai de viduité gespillt. Dee gëtt ofgeschaaft. Mir fannen, dat zu Recht. Och dat huet mat Gläichheet tëschent Mann a Fra ze dinne, och dofir ass déi doten Disposition an eisen Ae richteg.

Am État civil geschitt och eng Reform, nottament duerch de Remplacement vun der Notion vun den Epouxen duerch déi vu Conjointen. Dat ass inhärent zu dëser Reform, dass een dat dote misst mat réaliseren, dat ass och net vergiess ginn. Dofir geschitt dat elo mat deem heissen Projet.

Da gëtt och de Beruff bei deene Mentiounen, déi um Akt de l'État civil musse stoen, d'Indikation vun der Beruff vun de Leit, déi sech bestueden, gestrach. De Rapporteur huet dat och schonn erkläert. E Kolleeg hei aus der Chamber, deen ech elo net wëll mam Numm zitieren, huet gesot: „Jo, och dat mam Beruff, dat war fréier nach méi einfach, do huet een einfach gesot: Véier Hektar plus véier Hektar ginn aacht Hektar“, an dat war wuel esou richteg.

Lescht Modifikatioun, déi duerch dëst Gesetz geschitt, dat ass..., enfin, net Modifikatioun, mä noutwendeg Präzisierungen, déi ech wëll maachen, fir dass och dobaussen d'Gesetz elo richteg verstane gëtt a senger Portée: Dëst Gesetz wäert mat engem Délai vu sechs Méint no der Publikation am Mémorial a Kraaft treden.

Dat heescht am Kloertext, dass, wann dëst Gesetz elo fäerdeg ass, nach eng Rei Aarbechte musse gemaach ginn um Niveau haaptsächlech vun den État-civilen, um informatiouneschen Niveau - dat ass eng Aufgab, déi dem SIGI obläit -, awer och um Niveau vun der Formationen. Elo hätt ee kënnen optimisteschen Délai vun dräi oder vläicht vu véier Méint drasetzen, dat wär awer riskant gewiescht, well dann hätte mer riskéiert, wann och nëmmen dat Geréngst géif schlafen, dass mer beim A-Kraaft-Triede vum Gesetz en zolitte Couac hätten.

Mä grad bei dësem Gesetz wëll ech dat net. Ech huele léiwer deen Délai a Kaf, deen zwee Méint méi laang ass, a mir si sécher, dass d'Aarbechte kënnen gemaach ginn, fir dass dëst Gesetz ka reibungslos a Kraaft treden. Ech mengen, mir waarden allegueren, oder déi meescht vun eis, esou laang op dat Gesetz, dass et op déi zwee Méint net ukënn, wa mer nëmme sécher sinn, dass et wäert vum éischten Dag u richteg applizéiert sinn a fir jiddwereen, deen drop waart, do eng Sécherheet besteet.

Wéi et ausgesäit, wäert de Statsrot de 24. Juni zesummekommen. Do kéinte mir eventuell da schonn d'Dispens vum zweete Vote kréien, wat géif erlaben, dass d'Gesetz fir den 1. Juli am Mémorial géif publizéiert ginn. An dat géif weider heeschen, dass d'Gesetz op eng praktesch Aart a Weis den 1. Januar 2015 géif a Kraaft treden. Dat ass en Datum, deen ee liicht verhält, a mir schaffen drun, fir dass dat op den 1. Januar och wäert kënnen a Kraaft treden.

Eng lescht Remarque: Mir maache mat dësem Gesetz och eng Ëmsetzung vun engem Arrêt vun der Cour constitutionnel. Mir hunn der jo eng Partie, där Arrête vun der Cour constitutionnel, déi nach keng Antwort kritt hu vum Législateur, a mir diskutiere jo och an der zoustänneger Institutionskommission am Kader vun der Verfassungsrevision, wéi mer generell solle mat deenen Arrête vun der Cour constitutionnel ëmgoen, déi e Gesetz oder an der Regel en Artikel, eng Disposition vun engem Gesetz fir antikonstitutionell erklären.

Ech si frou als Justizminister, dass mer haut mat dësem Text och ee vun deenen Arrête elo ëmsetzen an domadder fir Rechtssécherheet zu Lëtzebuerg suergen, nämlech den Arrêt vum Januar 2010, an deem d'Cour constitutionnel gesot huet, dass d'Prohibition vun der Venten entre époux eigentlech antikonstitutionell wär a géint den Artikel 10bis vun der Verfassung géif verstoussen. Dat gëtt mat dësem Gesetz och aus der Welt geschafen, déi Disposition, woumadder zumindest deem Arrêt vun der Cour hei elo eng Folleg gelescht wär.

Zu der Adoption, iwwert déi de Mëtteg vill geschwat ginn ass, an och am Virfeld. Ech wëll einfach, fir dass een och weess, vu wat ee schwätzt, vläicht just e puer Zuelen, e puer Fakten och nach eng Keier rappellieren. Dir kennt se, mä ech wëll se rappellieren.

Fir d'Éischt emol déi Länner, aus deene Kanner op Lëtzebuerg kommen, déi fir d'Adoptionen fräi ginn. Dat sinn der net vill. Wann een déi lescht véier Joer hält, waren dat e Grapp voll

Länner. Dat waren: Südafrika, Bulgarien, de Cambodge, de Cap-Vert, Kolumbien, Südkorea, Haïti, Indien, Peru an d'Ukrain. Do sinn der derbäi, do war et nëmmen ee Kand an deene véier Joer. Ech hunn elo emol just all d'Länner wëllen oplëschen.

Do si Länner, déi falen ënnert d'Konvention vu La Haye, also no deene Regeln, méi strikte Regele vun der Konvention vu La Haye. An iwwert déi Länner, déi iwwert d'Convention de La Haye lafen, hu mer och prezis Zuelen. Et gëtt awer och Länner, déi nieft der Convention de La Haye lafen, do hu mer manner prezis Zuelen. Dat ass och e Manktum a mengen Aen, deen ee muss behiewen, do gëtt et keng esou prezis Zuele wéi an deem anere Fall.

Wann een d'Moyenne vun der leschte sechs Joer - déi hunn ech do geholl - zitt, da fënnt een eraus, dass den Total vun der Adoptionen aus de Länner, déi Partenaire si vun der Convention de La Haye, dass mer do an der Moyenne néng Kanner pro Joer haten. Néng!

Aus de Länner, déi net Partner sinn an der Convention de La Haye, hu mer d'Zuelen net all. Si si mat Sécherheet méi héich, wéi vill méi héich, dat wësse mer awer net. Mä déi Zuelen, déi mir hunn, do leie mer bei 19 bis 20 Kanner pro Joer an der Moyenne. A bei den nationalen Adoptionen, do leie mer bei zwee bis dräi Kanner an der Moyenne.

Dat heescht, mir schwätzen hei vun engem Phänomeen, der Adoption, dee plus/ minus bei ëm déi 30 Kanner pro Joer läit. Wahrscheinlech méi héich, well mir d'Zuelen net all hunn, mä méi grouss ass dee Phänomeen och net. Och dat muss een einfach sech eng Keier virun Ae féieren, fir dass een och méi genee weess, vu wat dass mer eigentlech schwätzen.

Da kommen nach derbäi eng Rei Kanner, déi iwwer en Transfert vun der Autorité parentale op Lëtzebuerg kommen. Dat sinn auslännesch Décision-judiciairen, déi iwwert d'Exequatur hei ëmgesat ginn, déi lafen och nach eng Keier parallel do derzou. Zum Beispill tëschent Lëtzebuerg an dem Cap-Vert gëtt et där alt e bësse méi oft.

Den Här Gloden huet am Numm vun der CSV virdru gesot an dat ass och duerno nach eng Keier iwwerholl ginn, dass mir géife riskéieren, keng Kanner méi ze kréien aus bestëmmte Länner, well mer als Land elo dëst Gesetz géife stëmmen. Dat ass eng Suerg, déi kann een hunn, mä, wann een an déi Länner kucke geet, déi dat heite scho méi laang hunn, ass déi Suerg net bestätegt.

Déi Informatiounen, déi mir hunn, soen éischter, dass déi Länner soen: Mir sinn d'accord, weider Kanner an d'Ausland ze ginn, mir si just net d'accord, dass eng gläichgeschlechtlech Koppel se géif kréien. Mir sinn awer d'accord, dass weiderhin heterosexuell Koppele kënnen adoptéieren aus deem Land.

Mir ënnerwerfen eis deene Länner net. Wa mir géife soen: „Jo, da maache mir dofir dëst Gesetz net“, da géife mir jo déi dote Gesetzter iwwerhuelen, an déi fanne mir awer falsch! Dofir maache mir dëst Gesetz haut, well mir et richteg fannen. A mir hoffen natierlech och, dass weiderhi Kanner aus deene Länner op Lëtzebuerg kënnen kommen.

D'Zuel vun der Kanner, déi fir d'Adoptionen fräi ginn, geet allerdéngs zrëck. An dat ass kee schlechten Indicateur. Dat heescht an deene meeschte Fäll, dass an deene Länner d'Situation sech verbessert an dass déi net méi drop ugewise sinn, Kanner an d'Ausland ze ginn, dass déi d'Kanner kënnen bannen am Land halen. Et ass also net nëmmen eng schlecht an eng negativ Entwécklung, wa manner Kanner do si fir d'Adoptionen. Dat heescht an den allermeeschte Fäll an de Pays d'origine, dass sech d'Situation verbessert huet.

Och nach e puer Fakten zu der legaler Situation haut zu Lëtzebuerg, well gemaach gëtt, wéi wann haut alles géif änneren, dat ass net richteg. Zu Lëtzebuerg kënnen haut scho bestuete Koppelen - dat sinn ëmmer heterosexuell Koppelen -, awer och Jonggesellen adoptéieren. A wann e Jonggesell adoptéiert, da freet keen, ob en dës oder déi sexuell Orientatioun huet, soudass haut mat Sécherheet Jonggesellen, homosexuell Jonggesellen scho Kanner zu Lëtzebuerg adoptéiert hunn. Dat gëtt et also schonn zu Lëtzebuerg, dat ass näischt komplett Neies.

Dat gëtt et och schonn haut Koppelen, wou een adoptéiert huet an duerno e Partner kritt, wou also eng homosexuell Koppel e Kand gemeinsam zillt, wat awer nëmmen deen een adoptéiert huet. Trotzdeem ass dat eng homosexuell Koppel, déi en adoptéiert Kand zillt. Och dat gëtt et schonn zu Lëtzebuerg an et ass ganz legal.

Oder de Fall, wou een aus enger viregter Hochzäit e Kand hat, gescheet gëtt, seng eigentlech sexuell Orientatioun spéit entdeckt

oder assuméiert a säin eegent Kand da mat sengem neie Partner an enger homosexueller Koppel grousszitt. Och dat gëtt et schonn. Dat ass ganz normal zu Lëtzebuerg.

Wat mir haut maachen, dat ass d'Affäre vum Recht, eng Adoption unzefroen, och fir bestuete gläichgeschlechtlech Koppelen. Et ass dat, wat bäikënn, dat anert gëtt et schonn. Mir sinn zu Lëtzebuerg net bei null op deem dote Punkt, an dat ass och, mengen ech, gutt esou.

Wat mer haut maachen, dat ass en fait e Kader elo ze schafen, e gemeinsame Kader fir all déi Fäll, déi et kann an dëser Matière ginn. Dat ass dat, wat mir maachen. E gemeinsamen, inklusive Kader fir all d'Fäll, déi et gëtt schonn elo, an déi Fäll, déi an Zukunft wäerten derbäikommen.

Ech wëll och nach eng Keier preziséieren, well dat ass schonn e puermol gesot ginn, vu jiddweregem iwwerengens, vun deenen, déi fir dësen Text sinn, an och deenen, déi géint dësen Text sinn: Et gëtt kee Recht op e Kand. Et gëtt och kee Recht op e Kand fir heterosexuell Koppelen, dat muss een net extra preziséieren, wann et ëm de Mariage fir gläichgeschlechtlech Leit geet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Et gëtt selbstverständlech kee Recht op e Kand, fir keng Zort vu Koppelen, net fir déi heterosexuell an net fir déi homosexuell. Et gëtt effektiv hei nëmme Rechter vun der Kanner, an et gëtt zolidd nationaler Texter, internationaler Texter, zolidd national an internationaler Jurisprudenzen, déi dat dote beleen, an dorunner wäert näischt änneren! Strictelement näischt wäert dorunner änneren.

Wa gläichgeschlechtlech Koppelen, déi bestuet sinn, an Zukunft eng Demande stellen, da gëtt am Kader vun der Enquête sociale gepréift, ob déi Leit kompetent sinn, sech eegnen, fir e Kand kënnen ze adoptéieren. An dat gëtt d'selwecht gekuckt an net anescht gekuckt wéi bei den heterosexuellen Koppelen: genausou kritesch, genausou vorsiichteg, well et eben ëm d'Kand geet.

Mä dat ass näischt Neies an do ännert och näischt. Do hu mer masseg Texter a Jurisprudenzen, déi dat beleen. Well wat brauch e Kand? E Kand brauch Elteren, déi fir Gebuergeenheet suergen, mat Verstand, mat Léift, mat Eierlechkeet a virun allem mat Zouverlässigkeet. Dat ass dat, wat d'Kanner brauchen.

Dofir, déi Kritiken, dass gläichgeschlechtlech Koppelen dat eventuell net kéinten oder dass déi Leit, déi hiert Kand eleng zillen, dat manner gutt géife maachen, well se dann eleng wäeren an net méi e Papp an eng Mamm, déi Kritiken, et ass wierklech eng op de Bak fir déi Leit, déi Kanner eleng erzeien. Wierklech eng op de Bak fir déi Leit!

An ech mengen, och déi Suerg, déi ausgedrëckt gëtt bei deene Kritiken, wa gesot gëtt, déi Kanner, deene kann et herno net esou gutt goen, wa se an enger gläichgeschlechtlecher Koppel opgezou ginn: Et gëtt ëmmer gesot, fir déi Kanner ass et schweier, well se an enger gläichgeschlechtlecher Koppel opwuessen. Net, well et an der Koppel problematesch wär, mä herno dobaussen, d'Akzeptanz vun der Gesellschaft.

Ech mengen, dass déi Leit, déi dat soen, hire Fall projézieren op d'ganz Gesellschaft!

► **Une voix.** - Genau!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Dat ass e klassesche Phänomeen an der Psychologie. Dir ënnerstellt der Gesellschaft, gradesou réckstänneg ze si wéi Dir selwer. Mä si ass et net!

► **Une voix.** - Très bien!

(**Interruptions**)

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Si ass et net. D'Gesellschaft wäert net esou reagieren, wéi Dir dat duerstellt, well si ass net an hirer grousser Majoritéit esou réckstänneg op deem dote Punkt. D'Gesellschaft, mengen ech, ass iwwerengens a gesellschaftspolitesche Fro bal ëmmer - bal ëmmer! - virun der Politik. D'Politik ass meeschtens hannendran a gesellschaftspolitesche Froen.

(**Interruption**)

An ech mengen och... Jo, dat mam Referendum, dozou kënnen mer eng Keier ganz gäre seriö diskutieren!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, da kommt!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Well ech entdecken nämlech, dass ëmmer de Wonsch nom Referendum waakreg gëtt, wann ee mierkt, dass een an der parlamentarescher

Debatte keng Zoustëmmung fënnt. Da gëtt op eemol de Referendum entdeckt.

(**Brouhaha général**)

Ech hunn lech nach ni, ech hunn lech nach ni héieren, Här Kartheiser, antrieden...

(**Interruptions diverses**)

Ech hunn lech nach ni, ech hunn lech nach ni héieren antrieden, Här Kartheiser, dass dat, wat d'ADR fir richtig fënnt, engem Referendum ënnerstellt gëtt.

► **Une voix.** - Dach!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Kee Problem!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Ech wëll lech awer soen, Här Kartheiser,...

► **M. le Président.** - Sou, wann ech gelift, ech géif bieten, de Minister ausschwätzen ze loosse, an de Minister bieten, sech un d'Chamber ze adresséieren!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Selbstverständlech!

Mä et gëtt Referenden, déi fannen all fënnf Joer statt an déi heesche Wahlen!

► **Une voix.** - Très bien!

(**Brouhaha**)

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Fir d'ADR huet dat geheescht an deene leschten 20 Joer: vu siwe Sätz op fënnf, vu fënnf Sätz op véier, vu véier Sätz op dräi. A wann Der esou weidermaacht, sidd Der déi aner Keier zu zwee an da sidd Dir och eng, wann Der net gutt oppasst, eng...

(**Brouhaha**)

...da sidd Dir och eng dysfonctionnel Koppel, Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dir hutt déi lescht Wahlen déi Richtung och ageschloen, Här Braz!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - ...da sidd Dir eng dysfonctionnel Koppel, Här Gibéryen, mat Ärer Partei. A wann...

► **M. le Président.** - Sou. Also keng Zwiesprächer méi, wann ech gelift! Här Minister, fuert elo weider!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Selbstverständlech!

► **M. Jean-Claude Juncker (CSV).** - Da wësst Der jo, dass d'Wahle Wahle sinn an dass ee sech un d'Resultater dovun soll halen...

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Selbstverständlech!

(**Brouhaha**)

A wann eng Majoritéit, déi et virdrun net gouf, eng Majoritéit kritt, dann ass et dann déi nei Majoritéit, do hutt Der ganz recht!

► **Une voix.** - Très bien!

► **Une autre voix.** - Weider esou!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Da gëtt iwwert d'Etude geschwat, déi bruecht ginn. Dat kennt ee jo och aus der Debatte a Frankräich. Wat do net alles mat Etude ronderëmhandelt ginn ass!

Fakt ass, dass déi Etuden, déi erausfannen, dass et fir d'Kanner problematesch ka ginn, wa se an enger gläichgeschlechtlecher Koppel opwuessen, ëmmer ganz rapid konnten entlarvt ginn, wat d'Origine vun deenen Etude betrëfft. En fait beleen déi Etude just d'Meenung, déi déi Leit wollten affichéieren.

Elo kann een och deenen, déi de Contraire beleen, och deelweis vläicht dee Reproche maachen, dat mag sinn! Déi Leit, déi sech awer seriö domat beschäftegen op engem universitären Niveau, Unien, déi net gefierft si vu vireran, déi fannen dat doten net eraus.

Dir hutt vun Amerika geschwat. Ech wëll lech just op eng Etüd verweisen aus Amerika, dat ass den „Official journal of the American Academy of Pediatrics“, eng ganz seriö Institution, déi sech mat där doter Fro och beschäftegt huet. Déi widerleeën déi doten Thees. Déi widerleeën déi doten Thees! An Dir kënnt awer wierklech net den Amerikaner op där doter Fro ënnerstellen, si wäeren elo terribel, terribel progressistes! Do leeft, och op där heiter Fro, ganz viles an der Diskussioun mat.

Ech wëll lech op déi heiten Etüd verweisen, déi kloer beleet, dass dat net de Fall ass. Ënnert dem Stréch resuméiert et sech dann awer op dat, wat ee fir richtig oder fir falsch hält a wéi oppen oder net oppen ee bestëmmte Leit an eiser Gesellschaft géintwuersteet. Dat seet méi aus wéi vill Etuden, besonnesch déi, déi sech wëlle beméien ze widerleeën, dass et deene Kanner gutt ka goen. Dat ass net esou.





Ech wëll och preziséieren, dass mat dësem Gesetz jo keen eppes ewechgeholl kritt. Et gëtt jo gemaach wéi wann hei esou eng Zort Ëmverdeelungskampf amgaange wär. Mä dat stëmmt dach ganz einfach net! Mir ännere jo näischt op deene wesentleche Froen, déi sech an deem dote Beräich stellen.

An dësem Gesetz ännert jo strictement näischt un eiser Législatioun iwwert de Lien biologique, dat, wat Dir esou héichhaalt. Wou ännert dann hei iergende Komma un engem Gesetz, wat de Lien biologique betrëfft? Deen natierlech eent vun de Fundamenter ass vun der Gesellschaft. Mä net dat eenzegt. Mä eent dovunner.

Wou ännert hei an dësem Gesetz iergendepes un der Présomption de paternité? Wou ännert iergendepes un deem doten absolute Grondprinzip? D'Présomption simple, nach ëmmer gewiescht, wëll ech och preziséieren. Mä do ännert och näischt. Dat sinn „fundamentals“ an dat ännert hei net.

De Mariage civil huet dach eigentlech d'Empreinte vun der Gläichheet a sech. Déi Konzeptioun vum Mariage civil, wéi mer se haut kennen, dréckt dach en fait nëmmen eng Fräiheet aus, déi d'Bierger an eise Land hunn, sou wéi se och am Artikel 146 vum Code civil formuléiert ass a vun der Origine un net geännert huet. Nämlech den Artikel, dee seet, dass et kee Mariage ka ginn ouni Consentement.

An deem Artikel seet och, dass dee Consentement an der „pleine liberté“ muss ausgedréckt ginn. Et ass e Recht, wat een huet, eng Fräiheet, déi een huet, déi auszedrécken. An dee Grondgedanke vun der Fräiheet, deen iwwerdree mer iwwregens haut op de Mariage fir all d'Membere vun eiser Gesellschaft. An zu där Fräiheet gehéiert jo dann och - dat muss ee vläicht eng Kéier rappeléieren - d'Fräiheet, sech net ze bestueden. Wa mer haut de Mariage aféieren, dann ass dat keng Flicht, déi mer aféieren. Jiddweree bleift fräi, sech ze bestueden, wann e mengt, en hätt dee Richtegen oder dat Richtegt fonnt. A wann net, kann een och al a glécklech ginn, wann een net bestuet war.

Et gëtt och gesot, mir hätten net genuch diskutéiert iwwert déi heite Matière. Dat ass net richtig. An et sinn och vill Avisen erakomm, a scho méi laang erakomm, zënter 2010, vun der Commission nationale pour la protection des données - fir nëmmen der e puer ze nennen, net all -, dem Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, wat eng ganz seriö Institution ass. Den Här Kartheiser huet se a Fro gestallt. Ech deelen déi Afrostellung net, a contraire, déi maachen eng exzellent Aarbecht, och wa se an hire Konklusiounen dann net Är Meenung ënnerstëtzen.

De Centre pour l'égalité de traitement, de Barreau vu Lëtzebuerg, „Rosa Lëtzebuerg“, Transgender Lëtzebuerg an d'Avisé vum Statsrot, dat sinn der awer vill, déi sech ganz seriö mat dëser Matière auserneegesat hunn, an dorüwwe eraus och d'Commission juridique.

Mir wäerten eis och an deenen nächste Joren nach mat e puer anere Projeten hei an der Chamber ofginn, déi och mat de Kanner ze dinn hunn. Net nëmmen, mä och mat de Kanner ze dinn hunn.

Een ass genannt ginn, dat ass den Divorce. Ech hoffen, dass mer den Divorce elo séier wäerten an der Chamber kënnen virubréngen. Mir musse probéieren natierlech, déi Fro vum Splitting vun de Pensiounsrechter ze klären. Wa mer déi net séier genuch erkläert kréien, mengen ech, muss een de Projet awer kënnen maachen. Den Divorce muss virugoen. D'Belsch huet sech och net éiweg ophale gelooss duerch déi Diskussiounen do. Ech hoffen, dass mer et fäerdegbréngen, zesumme mam Kolleeg Romain Schneider - mir schaffe schonn drun -, dat dote gemeinsam ze léisen, dat wär besser. Wann net, mengen ech, muss de Projet iwwert den Divorce definitiv virukommen, well do geet et effektiv och ëm vill Rechter vun de Kanner.

Dann en anere Projet: deen iwwert d'Filiatioun, deen och schonn an der Chamber ass. Och dat ass e wichtege Projet. Och do gi Saachen dra behandelt, déi am Intérêt vum Kand sinn. Zum Beispill den Accès vun de Grousselteren - also, dat ass elo e Beispill, dat nach net am Text ass, wou ech awer driwwer nodenken, ob mer dat net och an den Text sollten eranhuelen -, den Accès vun de Grousselteren an aneren, wéi et a Frankräich virgesinn ass, och am Kader vun der Filiatioun, dann dass mer wëllen d'Differenz ofschafen tëschent Enfants légitimes an Enfants naturels. Ma wat méi séier, wat besser! Och dat wäerte mer maachen.

Mir wäerten awer och Dispositiounen aféieren - an déi sti schonn am Projet de loi, de Chamberpräsident weess dat - iwwert d'Procréation médicalement assistée, déi sougenannten „PMA“.

Mir wäerten awer och bei der GPA musse virukommen. Och do steet schonn an engem Projet de loi, dass een déi soll formell verbidden. Dat ass och meng Meenung. Et ass eng Saach, déi aus enger Rei vu Grënn méi wéi contestabel ass. Schonn eleng dowéinst, well nach ni eng räich Fra enger aarmer Fra hire Bauch zur Verfügung gestallt huet. Dee Fall ass et an de GPAen nach net ginn. Dat eleng ass e Grond, fir äusserst kritesch deem géintiwwerzestoen.

Allerdéngs muss een awer och drun denken, dass et Kanner gëtt, déi entstinn aus GPAen, vläicht souguer och aus illegale GPAen, a mat där Fro musse mer eis och beschäftegen. Beim Verbuet vun de GPAe kënnen mer net blann an daf si fir d'Schicksal vun deene Kanner, déi net gefrot an net gewollt aus enger oft illegaler GPA entstanen sinn. Mir kënnen net nëmme mam Verbuet all Froe beäntweren. Mir musse méi wäit denke wéi dat, am Intérêt vun de Kanner. Schwiereg Fro! Mä mir mussen eis mat där Fro beschäftegen.

Dat si just e puer Beispiller, Här President, an ech kommen zum Schluss vun de Projeten, déi hei scho leien. E leschte Projet ass dee vun der Responsabilité parentale, deen déi Responsabilité commune zu Lëtzebuerg soll endlech aféieren. D'Gerichter applizéieren dat schonn oft - net ëmmer, mä schonn oft. Et wär gutt, wa mer et séier och zu Lëtzebuerg an engem Text hätten. Dorunner schaffe mer.

Dat wäeren, Här President, déi Remarques, déi ech am Numm vun der Regierung wollt maachen. Ech wëll als Ofschloss wierklech nach eng Kéier all deene Merci soen, déi sech un der Diskussioun bedeelegt hunn. Ech mengen, Lëtzebuerg gëtt mat deem Vote, dee mer elo an e puer Minutten oder an e puer Sekonnen wäerten huelen, e méi solidarescht, méi gerecht Land, an dat ass gutt esou.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Justizminister.

Domat si mer um Enn vun enger Diskussioun ukomm, déi sachlech an digne gefouert ginn ass, woufir ech Merci soen. A mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6172A kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6172A et dispense du second vote constitutionnel**

De Vote geet un. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6172A ass mat 56 Jo-Stëmmen, bei 4 Nee-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Haldorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

*Ont voté non: M. Aly Kaes;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Et bleift nach d'Fro, ob d'Chamber d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete verfassungsmeëssege Vote ze ginn.

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

**Motion 1**

Mir sinn dann nach a Präsenz vun enger Motioun, déi abruecht ginn ass vun de Kollegee vun der CSV, déi, mengen ech, motivéiert ass. Sinn dozou Wuertmeldunge respektiv eng Stellungnahme vun der Regierung?

Den Här Bodry huet d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Här President, déi Motioun do iwwerrascht e bëssen. Ech muss soen, ech hunn e bëssen den Androck, dass et eng Alibimotioun ass, déi hei vun der CSV proposéiert gëtt, well se eigentlech sech haaptsächlech doduerch kennzeechent, dass se oppen Dieren arennt.

Si freet zum Beispill, elo freet se dat - et freet ee sech, firwat dass elo déi Fro hei gestallt gëtt; mir schwätze jo hei net iwwer eng Reform vum Adoptiounsrecht, mä et geet ëm de Mariage -, stellt se d'Fro vun den Enquêtes sociales. Mä ech weess dach, de Ministère de la Famille ass nach haut ëmmer u sech deen, deen déi Associatiounen agréiert, déi déi Enquêtes sociales do maachen. Wéisou gëtt elo gefrot bei dëser Geleeënheet, zoufälleg an deem Moment, wou d'Adoptioun opgeet och fir gläichgeschlecht-lech bestuete Koppelen, dass elo soll eng Evaluatioun gemaach gi vun den Enquêtes sociales?

Huet d'CSV Indicien, dass déi Enquêtes sociales an der Vergaangenheet net uerdentlech gemaach gi wären? Wa se der huet, stellt sech d'Fro, wéisou se näischt ënnerholl huet, well se jo d'politesch Responsabilitéit an deem doten Domän während 25 Joer ouni Interruption exercéiert huet.

Datselwecht, hei gëtt nach eng Kéier déi Thees iergendwéi ënnerschwelleg iwwerholl, wéi wann eventuell d'Interesse vum Kand net am Mëttelpunkt géife stoe vun der Adoptioun. Ech muss dann nach eng Kéier hei den Text selwer vum Code civil erunzéien. Den Artikel 343, dee seet: «L'adoption ne peut avoir lieu que s'il y a de justes motifs», dat ass déi éischt Konditioun, «et si elle présente des avantages pour l'adopté.»

Et gëtt eng fest Jurisprudenz vun eise Gerichter, déi ganz kloer festgestallt huet, dass den Intérêt de l'enfant eng vun de fundamentalen, autonome Konditiounen ass zu Lëtzebuerg, fir dass iwwerhaupt eng Adoptioun ka gesprach ginn.

D'Adoptiounen hei zu Lëtzebuerg gi vun de Gerichter gesprach. Ech gesinn also schwéierlech, wéi de Gouvernement - am Sënn vun enger Séparation des pouvoirs -, wéi d'CSV dat hei drolecherweis fuerdert, misst derfir suergen, dass u sech déi Adoptiounen, déi geschwat ginn, hei gewësse Kritären entsprechen an ëmmer mussen den Intérêt supérieur de l'enfant garantéieren. Ech weess net, wéi d'Regierung soll esou eppes maachen. Dat ka jo héchstens dann, wann eppes schifgeet, iwwert d'Gesetz goen, dat mer da missten änneren, wann d'Gesetz misst geännert ginn.

Erstaunlech ass och d'Fro, dass d'CSV elo hei fuerdert, d'Regierung soll considérieren, fir déi europäesch Konventioun iwwert d'Adoptioun vun de Kanner vun 2008 ze ënnerschreien. Ech stelle just d'Fro: Wéisou ass bis elo dat doten net considéiert ginn? Wéisou huet de Ministère de la Famille, dee jo do eng direkt Responsabilitéit huet, respektiv de Ministère de la Justice an déi respektiv Ministeren, wéisou hu si dat vun 2008 bis Dezember 2013 net gemaach, wann hei u sech dat hei elo gefrot gëtt?

Also, ech hunn e bësse Problemer. Bon, ech verstinn, firwat dass déi Motioun kënn. Mä ech hu wierklech Problemer, déi doten Operatioun, déi d'CSV hei wëllt maachen, matzemaachen. An duerfir wäert natierlech och meng Fraktioun déi heite Motioun net stëmmen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President, an och Merci un d'Kollegee vun der CSV fir déi Motioun hei. D'ADR wäert se net matstëmmen, aus dräi Grënn.

Éischtens, déi juristesche Argumentatioun, déi d'CSV zu dësem Text inspiréiert huet, ass eng, déi mir net deelen. Ech hat d'Geleeënheet virun op der Tribün, dat ze erklären.

Zweetens steet op zwou Plazen an dësem Text, datt den «caractère préjudiciable d'une adoption pour un enfant ne dépend pas de l'orientation sexuelle de son ou de ses parent(s) adoptif(s)». Mir deelen déi Meenung ganz kloer net, well mer der Meenung sinn, datt e Kand fir seng Entwécklung en zweegeschlecht-lecht Elterepuer brauch.

An ausserdeem hunn ech jo och kënnen opmierksam maachen op all déi Problemer, déi sech besonnesch bei enger Scheedung vun homosexueller Koppele wäerte stellen, déi nach vill méi schlëmm sinn a vill méi komplizéiert si wéi déi, déi bei enger heterosexueller Koppel wäerten entstoen.

Aus deene Grënn, Här President, kann d'ADR dësen Text net matstëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Kartheiser. Den Här Wiseler huet d'Wuert an dann den Här Turpel.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Jo, just ganz kuerz,...

► **M. le Président.** - An dann den Här Berger.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - ...fir ze soen, ech wëll och nach eng Kéier soen, datt ech fannen, datt déi Diskussioun hei op eng gutt Aart a Weis an digne gefouert ginn ass. Dat war net de Fall an all de Länner.

Ech wëll awer och elo zum Schluss nach eng Kéier kloer soen - net datt hei d'Impressioun duerch dës Motioun entsteet, datt d'CSV hei am Fong net dat géif mengen, wat se géif maachen -, mir hunn dësen Text kloer an d'äit-lech déposéiert, en ass vun engem CSV-Minister weidergefouert ginn, vun engem CSV-Rapporteur ausgeschafft ginn, an déi Fraktioun hei huet den Text och gestëmmt. Eis Meenung ass also kloer an d'äitlech.

Mir héieren awer och, wat dobausse fir eng Diskussioun ass. An dofir ass et fir eis wichteg, datt erkläert gëtt an datt d'Akzeptanz och vun der Chamber hei ausgeet fir deen Text, dee mer total droen, fir datt deen Text och dobaussen op Akzeptanz stéisst.

Dat, wat mer hei an där Motioun froen, ass am Fong dat, wat a multiplen Diskussiounen, inklusiv an der Chamberskommissioun, duerchdiskutéiert ginn ass an och do a sech à l'unanimité ugehall ginn ass, wat par ailleurs och an dem Commentaire des articles vun dem Text steet an einfach freet, datt d'Recht vum Kand virgeet an net d'Recht op d'Kand, ob dat elo fir hetero- oder fir homosexuell Koppelen ass, genau identesch, genau d'selwecht.

An dat wollt mer nach eng Kéier ganz einfach...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Et steet an den Texter vun haut.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Genau, mä mir wollten dat, mir wollten et nach eng Kéier ganz kloer an d'äitlech einfach ënnersträichen, fir datt et och jiddwerengem kloer ass. C'est tout. An ech wëll net, datt deen Exercice anescht verstane gëtt. An dat ass awer fir eis wichteg, fir et nach eng Kéier ze ënnersträichen. Ech wollt déi Erklärung ginn.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Wiseler.

Ech hunn nach d'Wuertmeldunge vun der Madame Loschetter an dem Här Berger. Här Berger. An dann d'Madame Loschetter. An dann den Här Turpel. Jo, kommt, mir ginn dem normalen Tour no!

► **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci, Här President. Ech wëllt eigentlech do weiderfueren oder mech uschléissen un dat, wat de Kolleeg Alex Bodry gesot huet. Et sinn hei eng Rei Elementer, wou d'Regierung invitéiert gëtt, verschidde Saachen ze maachen, wou ee sech effektiv ka froen, firwat dat net an der Vergaangenheet scho gemaach ginn ass, ob dat d'Evaluatioun ass vun den Enquêtes sociales, ob dat d'Signature ass vun der Convention européenne.

A wat en zweet Argument ass fir meng Fraktioun, fir déi Motioun hei net ze stëmmen, dat ass och, datt am leschten Tired da Rieds geet vun dem Kader vun den «méthodes de procréation et techniques médicales de procréation». Sécherlech ass dat derwäert, och driwwer ze diskutéieren. An Zukunft wäerte mer dat sécherlech maachen. Mä dat war awer net de Kader hei haut de Mëtteg, wou mer spezifesch driwwer diskutéiert hunn, sou datt dat an engem anere Kontext da ka gemaach ginn.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Berger. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Jo, Merci, Här President. Mir wäerten déi heite Motioun och net matdroen, an dat aus dräi Grënn. Dat Éischt ass, well effektiv an den „Inviten“ verschidden Instanzen ugeschriwwen sinn, op déi mir tatsächlech keen Impakt hunn an op déi mir och keen Impakt dierfen a sollen hunn.

Dat Zweet ass, well verschidde Saachen an den „Inviten“ drastinn, wou mer souwéisou schonn e Konsens, en Ordre du jour an e Planning hunn, notament an der Commission juridique. An Dir wësst alleguerten och, datt déi Saachen elo um Ordre du jour stinn.

An dat Drëtt ass d'Argument vun dem Sprecher vun der CSV. Ech denken, wa mer wëllen d'Thema, wat dobaussen d'Leit opreegt, berouegen, da brauche mer keng Motioun, mä dann ass et virun allem d'Serenitéit an onsen Diskussiounen an an onsen Debatten, wat dëst ubelaant, déi de Calme dobausse wäert erëm herstellen oder wäert festegen. Well, wann e puer Wellen héichgeschloen hu genau an deenen Ursaachen, dann ass et, well duerch falsch Argumentatioun an duerch net richtig





Informationen eng gewëssen Onrou opkomm ass. Dofir denken ech, datt mer mat där néideger Serenitéit keng Motioun brauchen an datt och dat, wat d'Leit elo de Moment op eemol am Kader vun dësem Projet de loi beschäftegt, wierklech keng Motioun brauch, fir datt erëm Rou hiergestallt gëtt.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Loschetter. Den Här Turpel huet d'Wuert.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wollt dräi Saache soen. Ech hat et jo scho virun ugekënnegt. Éischtens, datt am Kader vun där heiten Diskussioun wéi och a villen aneren Diskussiounen eng ganz Rei Froen an Themaen ugeschnidde gi sinn, déi doudsécher berechtigt sinn, fir diskutéiert ze ginn a behandelt ze ginn. Et soll awer ganz kloer sinn, datt eng Rei vun deenen Themaen sech net stellen duerch d'Tatsaach, datt mer hei eng Gläichstellung maache vu gläichgeschlechtliche Koppelen am Bestietnis a bei der Adoptioun.

An esou wéi déi Motioun (veuillez lire: déi Motioun vun der CSV) hei formuléiert ass, praktesch vun Ufank un, gi grad alleguerten déi Argumenter, déi vun deenen, déi géint d'Gläichstellung waren, virbruecht gi sinn, hei iergendwéi opgegraff. Vun «droit à l'enfant» iwwer «adoption aux personnes et couples de même sexe» an esou weider bis hin zu «renforcer la protection de l'enfant» sinn dat alles an dësem Kader falsch Messagen. Déi stellen eng Konvergenz hier zwëschen deem, wat hei gefuerdert gëtt, an deene falschen Argumenter, déi dobaussen zirkuléieren iwwert déi gläich Rechter vu gläichgeschlechtliche Koppele par rapport zu heterosexuelle Koppelen.

Ech fannen, mir hate wierklech eng gutt Debat, mir insgesamt, wat de Minister och ënnerstrach huet, och hei an der Chamber. Ech fannen, mir sinn och an engem Diskussionsprozess, wou eng Rei aner Saache musse gekläert ginn.

An ech géif wierklech hei en Appell maachen un d'CSV, fir déi Motioun haut hei net zur Ofstëmmung ze stellen, well, esou berechtigt wéi eng Rei Froen sinn: Si gehéieren net an dese Kader. An ech mengen, et wier gradesou gutt, wa mer déi berechtigt Froen an där nächster Woch, an där nächster Chamberswoch, och no Ofstëmmung mat deenen anere Fraktiounen, kéinten an eng Motioun faassen, fir datt mer dat haut net an een Zesummehang stellen, dee falsch wier.

Dofir mäin Appell ganz kloer un d'CSV: Macht wann ech gelift haut net déi Konvergenz, déi Der jo eigentlech wollt évitieren an hei awer ënnerschwellig erëm eng Kéier macht mat falschen Argumenter am Kontext vun dëser Diskussioun! Et huet näischt mat dëser Diskussioun ze dinn. Et dierf näischt mat dëser Diskussioun direkt ze dinn hunn. An da komme mer an zwou Woche bei der nächster Chamberbërsatzung dorobber zrëck.

Si ass d'ailleurs net komplett. Zum Beispill d'Recht op d'Filiatioun, ze wëssen, wien déi biologesch Eltere sinn, ass net dran ugeschnidde. Dat ass och ee Punkt, dee wichteg ass, an deen ass net am Text mat dran.

Dofir mengen ech: Zitt se wann ech gelift zrëck! Dann hu mer haut eng kloer Haltung, wat d'Gläichstellung ugeet, an op all déi aner

Froen komme mer zrëck. Wann d'CSV se awer net zrëckzitt, da stëmme mir an dësem Zesummehang op jidde Fall dergéint.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Turpel. Den Här Justizminister huet d'Wuert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Här President, d'Regierung schléisst sech den Argumenter vun de Majoritéitsvertreider an och vum Här Turpel un. Mir sinn och der Meinung, dass déi Motioun an där Form net kann ugeholl ginn.

► **M. le Président.**- Merci. Da bleift mer näischt aneschtens iwwreg, wéi zur Ofstëmmung iwwerzegoen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech mengen, mir froen de Vote électronique, Här President.

#### Vote sur la motion 1

► **M. le Président.**- Selbstverständlech. Merci. De Vote ass lancéiert. Wie mat der Motioun d'accord ass, stëmmt Jo, a wien net mat der Motioun d'accord ass, stëmmt mat Neen.

#### (Interruption et hilarité)

De Vote ass lancéiert.

#### (Interruptions)

Ech hunn awer 60 Stëmmen.

#### (Hilarité)

Also, mir hunn eng ganz intelligent Maschinn hei. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass mat 37 Nee-Stëmmen, bei 23 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marcel Oberweis), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;


MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Domat wäre mer um Enn vun der Sëtzung vun de Mëtteg respektiv den Owend ukomm. Mir gesinn eis erëm muer de Mëtteg um zwou Auer. Kommt gutt heem!

Merci, d'Sëtzung ass opgehewen.

**(Fin de la séance publique à 18.39 heures)**



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. le Président

### 2. 6655 - Projet de loi relatif à la construction du centre pénitentiaire d'Uerschterhaff

- Rapport de la Commission du Développement durable: M. Georges Engel

- Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval, Mme Josée Lorsché, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany

- Prises de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice (M. Serge Urbany intervient), M. Serge Urbany (parole après ministre), M. Félix Braz, Ministre de la Justice, M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures (M. Claude Wiseler pose une question)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 3. Retrait du rôle des affaires

- M. Michel Wolter

### 4. Question élargie n°2 de M. Claude Adam sur la promotion du secteur du jeu vidéo

- M. Claude Adam - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

### 5. 6315 - Projet de loi

- portant réorganisation de l'Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services et portant organisation du cadre général pour la surveillance du marché dans le contexte de la commercialisation des produits,

- modifiant

\* la loi modifiée du 17 mai 1882 sur les poids et mesures,

\* la loi modifiée du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits,

\* la loi modifiée du 19 décembre 2008 établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie,

\* la loi du 25 mars 2009 relative à la compatibilité électromagnétique,

\* la loi modifiée du 27 mai 2010 relative aux machines,

\* la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets, et

\* la loi du 21 décembre 2012 concernant les équipements sous pression transportables,

- abrogeant la loi modifiée du 20 mai 2008 relative à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services

- Rapport de la Commission de l'Économie: M. Claude Haagen

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, Mme Joëlle Elvinger, M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel

- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 6. 6673 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel

- Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Asselborn et Félix Braz, Ministres; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

**(Début de la séance publique à 14.04 heures)**

## 1. Ouverture de la séance publique

► **M. le Président.**- D'Sëtzung ass op.

Ech wollt d'Regierung froen, ob se Kommunikatiounen ze maachen huet?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Neen, Här President.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Justizminister Merci.

Da kënnen mer direkt zum Ordre du jour iwwerzegoen. Als éischte Punkt hu mer um Ordre du jour de Projet 6655 iwwert de Bau vun engem Établissement pénitentiaire um Uerschterhaff. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ech hu bis elo Aschreiwunge vun der Madame Andrich, der Madame Lorsché, den Häre Gusty Graas, Gast Gibéryen a Serge Urbany. Et ass nach ëmmer Zäit, fir sech ze mellen.

An ech ginn elo direkt d'Wuert dem Rapporteur, dem honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 6655 - Projet de loi relatif à la construction du centre pénitentiaire d'Uerschterhaff

### Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn e spezielle Moment hei fir mech, haut virun lech hei ze stoen als Rapporteur vum Projet de loi 6655, deen de Bau vun enger Maison d'arrêt um Uerschterhaff zu Suessem als Objet huet. An dat, well et an engem Land mat der Gréisst vu Lëtzebuerg net esou oft virkënn, dass een eng Untersuchungs-

haftanstalt baut an et duerfir schonn e groussen a wichtege Projet mat gesellschaftlechtem Impakt ass, dee mer haut hei wäerte stëmmen.

Den Dépôt vun dësem Projet ass den 12. Februar 2014 gemaach ginn. De 26. Mäerz gouf ech als Rapporteur genannt. Den 23. Abrëll huet d'Kommissioun den Avis vum Statsrot - deen Avis, deen awer schonn den 20. Dezember 2013 erakomm ass - analyséiert. An de 4. Juni huet d'Kommissioun du mäi Rapport approuvéiert.

Ech hu meng Interventioun vun haut an dräi Deeler opgedeelt, éischtens den aktuelle Kontext, deen zum Projet gefouert huet, zweetens